

# INFO BLAT

'03 22

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

## GEMENGEROTSSËTZUNG VUM 30. MÄERZ 2023

Actualités | Contactez-nous | Développement urbain | DIFFMAG | Emploi | Events | Formulaires | Revue de presse | Téléviie | FR / EN / DE

Ville de Differdange

Differdange et vous | Démarches | Services communaux | Vie politique

# Conseil communal du 29 mars 2023

**Conseillers présents**

| | | |
|---|---|---|
| Christiane Brassel-Rausch (bourgmestre, déi gréng) | Guy Altmeisch (LSAP) | Erny Muller (LSAP) |
| Tom Ulveling (1er échevin, CSV) | Fred Bertinelli (LSAP) | Ali Ruckert (KPL) |
| Laura Pregno (échevine, déi gréng) | Paulo De Sousa (déi gréng) | Fränz Schwachtgen (déi gréng) |
| Robert Mangen (échevin, CSV) | Jerry Hartung (CSV) | Guy Tempels (CSV) |
| Paulo Aguiar (échevin, déi gréng) | Pierre Hobscheit (LSAP) | Eric Weirich (déi Lénk) |
| | Fränz Meisch (DP) | Nicole Wohl (déi gréng) |

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO BLAT 03.22**

COMPTE-RENDU DU 30 MARS 2023

4-62

**ÉDITEUR** Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-01 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

**RÉALISATION** Service média et communication

**IMPRIMEUR** Imprimerie Heintz, Pétange

**TIRAGE** 500 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Ville de Differrdange

**INFOBLAT** imprimé sur du papier 100 % recyclé
**L'INFOBLAT** est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

**ÉDITION 03/2022**, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informatiounsblat

**F** Ville de Differdange

# SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 30 MARS 2022

## CONSEILLERS PRÉSENTS

Christiane Brassel-Rausch, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1er échevin (CSV)
Paulo Aguiar, échevin (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Paulo De Sousa (déi gréng)
Jerry Hartung (CSV)
Pierre Hobscheit (LSAP)
Georges Liesch (déi gréng)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)
Eric Weirich (déi Lénk)
Nicole Wohl (déi gréng)

**Absents/excusés:** Laura Pregno, échevine (déi gréng)

## ORDRE DU JOUR

### SÉANCE PUBLIQUE

1. **Communication du collège des bourgmestre et échevins.**
2. **Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers : demande de morcèlement de terrains dans la rue Rattem à Oberkorn.**
3. **Actes et conventions :**
    a. Actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange ;
    b. Acte notarié de cession gratuite par le Fonds du logement de diverses parcelles d'une contenance totale de 23,59 a aux lieudits Grand-rue et Terrasses de la ville à Differdange ;
    c. Convention 2022 relative au Club Senior Prënzebierg ;
    d. Convention visant à développer le plan communal jeunesse avec la méthode DEUTERO ;
    e. Convention de collaboration avec UP-Foundation pour la mise en place du paysage éducatif *Soutien à la jeunesse* de la Ville de Differdange ;
    f. Convention de participation au réseau de bibliothèques luxembourgeoises, bibnet.lu ;
    g. Deuxième avenant au contrat de bail avec l'État portant sur la location d'un bâtiment modulaire à Differdange sur le futur emplacement du kiss & go du campus scolaire de l'EIDE ;
    h. Contrat de bail avec Arcus Kanner, Jugend a Famill ASBL d'un bureau situé au Markenhaus à Differdange, avenue de la Liberté 7 ;
    i. Contrat de mise à disposition d'un logement d'urgence à Differdange, 52, Grand-rue ;
    j. Contrats de bail concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub ;
    k. Contrat de bail commercial pour un local situé au no 14 rue Michel-Rodange à Differdange ;
    l. Contrats de bail avec des particuliers portant sur l'exploitation de jardins ;
    m. Autorisation domaniale signée avec l'État et les CFL pour la pose et l'exploitation d'une canalisation sous le domaine ferroviaire (au P. K. Personnel à Differdange) ;
    n. Convention de concession d'une servitude avec la société SOTEL en relation avec sa ligne à haute tension souterraine.
4. **Personnel communal : politique de recrutement.**
5. **Nouvelle dénomination de l'ancien hôtel de ville situé au no 14-16 de la Grand-rue à Differdange.**
6. **Règlements communaux :**
    a. Modifications aux chapitres E-2 *Eau et canalisation* et G-1 *Stationnement* du règlement des taxes, tarifs et prix ;
    b. Règlements d'ordre interne du Hall O, du hall de gymnastique et des centres sportifs Niederkorn, Woiwer et Fousbann ;
    c. Règlements temporaires de circulation.
7. **Syndicats intercommunaux : changement de la répartition des heures de congé politique – point reporté.**
8. **Changements au sein des commissions consultatives.**
9. **Questions.**

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ouvre la séance du 30 mars 2022. Elle excuse madame Pregno, qui a donné procuration à monsieur Liesch.*
*Elle demande que le point 7 de l'ordre du jour soit reporté.*
*Le projet du parc éolien ne figure pas à l'ordre du jour, car le collège échevinal attend les réponses à la question parlementaire du 23 mars. En outre, les décomptes ne sont pas terminés. Le collège échevinal attend aussi l'avis de son conseiller juridique.*
*En ce qui concerne les réfugiés ukrainiens, les premiers sont arrivés le 16 mars. Le collège échevinal remercie les personnes concernées pour leur soutien : les services communaux, les fournisseurs locaux, les entreprises et, bien entendu, monsieur Krecké.*
*La Ville de Differdange a réussi à accueillir les réfugiés en un temps record dans deux structures. Il était important d'assurer une certaine intimité aux gens grâce à des chambres pour une personne, une salle de bains et une kitchenette.*
*En raison de la situation d'urgence, la Ville n'a pas eu besoin de lancer une publication de marché. Le Klenge Casino accueille 34 personnes. La grande structure peut accueillir 190 personnes. Cent-deux sont arrivées. Sur les 136 réfugiés, 36 sont mineurs.*
*Onze personnes vivent chez des particuliers — cinq ménages en tout. Comme la grande structure sera réaffectée, elle a été rénovée. Les travaux effectués et les meubles achetés resteront donc utiles lorsque la commune y réalisera un projet pour les séniors, les jeunes et housing first. Un appel public sera lancé afin de lancer les travaux dès que les réfugiés pourront retourner chez eux.*
*Les réparations et les meubles de première nécessité ont couté 500 000 €. Le collège échevinal collabore avec l'ONA pour obtenir des subsides du ministère du Logement, qui pourraient s'élever à 75 %. Mais il est possible que le conseil communal doive revoir ce budget dans ce contexte.*
*Christiane Brassel-Rausch signale qu'aujourd'hui, monsieur Ulveling est membre du conseil communal*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Schéine gudde Moien, Dir Dammen an Dir Hären, fir eise Gemengerot haut den 30. Määerz 2022. Fir d'alleréischt wollt ech d'Madamm Laura Pregno entschëllegen. Den Här Liesch huet d'Procuratioun vun hir.

Ech froen Iech, fir de Punkt 7, d'Syndikatsstonnen intercommunales, wat d'Répartition des heures de congé politique ugeet, vum Ordre du jour ze huelen an op en nächste Gemengerot ze verleeën.

Ech wëll Iech d'Informatioun ginn, dass de Projet Wandpark nach net, wéi ugekënnegt, dës Kéier um Ordre du jour vum Gemengerot ass. Mir waarde gären déi Äntwerten op d'Question parlementaire vum 23.3. an der Chamber of, wat d'Ministesch dozou seet. Op där anerer Säit sinn eis Dekonten nach net fäerdeg. A mir waarden och nach op en Avis vun eisem Rechtsberoder, fir den Dossier mat allen Donnéeën an en toute connaissance de cause hei am Gemengerot ze traitéieren.

Zu der Ënnerbréngung vun den ukrainesche Flüchtlingen hei zu Déifferdeng ass Follgendes ze soen. Wann ech mech gutt erënneren, sinn déi éischt Flüchtlingen de 16. Mäerz hei zu Déifferdeng ukomm.

Am Numm vum ganze Schäfferot wëll ech all deene Leit e grousse Merci soe fir hir prompt Ënnerstëtzung, fir hir Disponibilitéit an hiert Engagement. Dat sinn engersäits eis Gemengeservicer, anerersäits eis lokal Fournisseuren an Entreprisen, déi do waren, wéi se gebraucht gi sinn. A virun allem eisem Gemengesekretär, dem Här Krecké, deen déi ganz Aarbechte koordinéiert huet an dat a permanentem Echange mat der ONA.

D'Resultat ass, dass mer déi zwou Strukturen, de Klenge Casino an déi aner, an enger Rekordzäit fit gemaach hunn, fir Refugiéen opzehuelen. Et ass ganz wichteg, dass se an enger familiärer Kompositioun liewen. Dat heescht an Zëmmeren, Eenzelzëmmeren an deene jiddwereen eng gewëssen Intimitéit huet, mat eegenem Buedzëmmer an och enger Kitchenette.

Duerch dës Exécution immédiate wéinst der Urgence vum Sujet hu mer net mussen eng Publication de marché maachen.

Am Klenge Casino hu mer eng Disponibilitéit vun 52 Leit. Aktuell si 34 Persounen dran. An dat wäert u sech och net méi änneren. An där grousser Struktur kënne mer bis zu 190 Leit ophuelen. Do sinn am Moment 102 Persounen. Mee dat ännert. Dat sinn Daten, déi all Dag mussen ugepasst ginn. Haut sinn 102 Persounen do dran. Vun deene sämtlechen 136 Refugiéen, déi mer am Moment hei zu Déifferdeng hunn, si 36 Mannerjäreger.

Bei private Leit sinn aktuell 11 Persounen a fënnef Stéit ugemellt. A mir hunn natierlech och net vergiess, bei eiser grousser Opfaangstruktur, dass do un eng zukünfteg Exploitatioun geduecht ginn ass. An dass se och an deem Sënn renovéiert a fit gemaach ginn ass. Soudass déi Aarbechten a Miwwelen, déi do elo dragesat gi sinn, och déngen, wa mer op eisen urspréngleche Projet zréckkommen, nämlech eng Wunngeleeënheet fir eeler valid Bierger, mat engem Zesummewunne vu Studenten an Appartementer fir Housing First.

Do wäert och elo an deem Sënn en Appel public erausgoen, fir dass mer prett sinn, wann d'Leit da kënne respektiv dierfen an hir Heemecht zréckgoen.

All dës Adaptatiounen, dat heescht Reparatioune plus d'Miwwelen de premières nécessité, déi kaf gi sinn, dat huet natierlech eppes kascht. Mir hunn dofir op déi 500.000 Euro zréckgegraff, déi am Budget 2022 fir esou Saache virgesi waren. Mir sinn awer och amgaang mat der ONA nach ze kucken, wat vu Subsiden ze kréien ass mam Logementsministère, ob mer mat 75 % ënnerstëtzt ginn, wat d'Renovatioun an de premier Équipement ubelaangt.

Et ass och net ausgeschloss an envisageabel, dass mer an dësem Gremium nach eng Kéier misste Budget an dësem Kontext nostëmmen.

Da wollt ech ganz kuerz soen, dass mer haut, praktesch op den Dag genau, den Här Ulveling 25 Joer hei an dësem Gremium hunn, soit am Gemengerot soit

am Schäfferot. Vum Här Blau – sinn ech do richteg informéiert? – sidd Der vereedegt ginn.

Nach e Wuert zu der Allocation de vie chère respektiv der Allocation de solidarité. D'Allocation de vie chère ass am Gesetz vum November 2021 fixéiert ginn. An dat ass elo d'lescht Woch ofgeännert ginn. Op der Basis vun deem Gesetz hu mir hei am Gemengerot gestëmmt, dass mir eis Allocation de solidarité op 50 % hiewen. Wat jo am Budget esou virgesinn ass a wat hei gestëmmt ginn ass. Soudass mir déi 50 % weider applizéieren och op dat neit Gesetz.

An dat neit Gesetz gesäit och e Complément énergétique vir. Soudass mer déi 50 % och op dee Complement wäerten applizéieren. Wat plus ou moins ëm déi 12 % Erhéijung wäert sinn.

Dat ass vu menger Säit elo alles vu Kommunikatiounen, wat ech Iech matzedeelen hunn. Ech ginn d'Wuert weider un den Här Ulveling. Villmools merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, endlech si mer mam CID ukomm. Den Aushub ass amgaangen. Mir hunn d'Autorisatioun kritt. Do hate mer laang de Problem, dass mer net wouhi wousste mam Buedem. Mir hunn elo d'Oplag kritt, deen op déi Rout Lëns op Esch ze féieren. Soudass mer elo dee Problem geléist hunn. An dass et elo ka virugoen.

Déi aner Kommunikatioun: Ech wëll meng Ausso zréckzéien, déi ech d'leschte Kéier à l'encontre vum Här Ruckert gemaach hunn am „Eifer des Gefechts", géif ech soen. Ech hunn et net esou geduecht, wéi ech et gesot hunn. Ech zéien déi zréck.

Dat war alles, wat ech ze soen hunn. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Ech stelle richteg: Déi éischt Refugiée ware schonn den 9. Mäerz hei zu Déifferdeng ukomm.

An dann hunn ech eppes vergiess, wat eis elo säit zwee Joer scho beschäftegt. Mee et mengt een, et géif et net méi ginn. Adaptatiounen am Kader vum neie Covidgesetz an eise Maison-relaisen an an eise Crèchen.

Ech maache just e ganz klenge Resümmee. Wat ass geännert? D'Maske si fort, souwuel fir d'Kanner wéi fir d'Personal. Den 3G op der Schaff ass ewechgefall fir all eis Strukturen. Fräiwëlleg Selbsttester vum Personal zweemol an der Woch bleiwe weiderhin. Awer fir Leit, déi se wëlle maachen. D'Kanner dierfe sech mëttes nees selwer um Buffet zerwéieren. Sëtzen net méi zu véier. An déi Begrenzung vun der Unzuel vun de Gruppegréissten, opgrond vun der sanitärer Situatioun, ass och opgehuewen.

Well mer elo awer zwee Joer souzesoen an enger Ausnamesituatioun mat de Kanner an eise Strukture waren, hu mer dovunner profitéiert, eng Aart Iwwergangstransitiounsphas ze maachen an eis gläichzäiteg Gedanken ze maachen, wéi mer déi kommend Rentrée opstellen. Weider Detailer wäert Der am Gemengerot kréien, wa bis kloer ass, wou d'Haiser histeieren.

An deem Sënn villmools merci. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech mellen eng Fro un.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Eng Fro. Jo. Den Här Weirich, och eng Fro? Déi huele mer wéi üblech um Schluss vun der Séance publique.

Da géif ech weiderfuere mam Ordre du jour. De Punkt 2. Do geet et ëm e PAG a PAP. Ëm e Morcellement an der Rue Rattem zu Uewerkuer.

*depuis exactement 25 ans — soit comme conseiller, soit comme échevin. C'est monsieur Blau, qui l'a assermenté.*
*Christiane Brassel-Rausch signale que l'allocation de vie chère est fixée par la loi de novembre 2021 amendée la semaine dernière. Le conseil communal a décidé d'augmenter l'allocation de solidarité à 50 % de l'allocation de vie chère. La nouvelle loi prévoit aussi un complément énergétique sur lequel la Ville de Differdange versera aussi une allocation de 50 %. En tout, l'augmentation devrait être de 12 %.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que les travaux de construction du CID ont commencé. Il a fallu attendre longtemps l'autorisation de creuser, car il fallait décider où emporter les gravats. Finalement, il s'agira de la Rout Lëns à Esch.*
*Tom Ulveling tient à retirer ses propos de la dernière fois à l'encontre de monsieur Ruckert. Il ne pensait pas ce qu'il disait.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *apporte une rectification à ce qu'elle a dit tout à l'heure. Les premiers réfugiés sont arrivés le 9 mars.*
*La bourgmestre passe aux adaptations de la loi sur la COVID-19 dans les maisons relais et crèches. Les enfants et le personnel ne doivent plus porter de masque. Le 3G a été aboli dans toutes les structures communales. Les enfants pourront se servir directement au buffet. Les limitations concernant la taille des groupes sont levées.*
*La commune réfléchit déjà à la façon d'organiser la prochaine rentrée scolaire. Les détails seront fournis ultérieurement au conseil communal.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *annonce une question.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Weirich a aussi une question. Elles seront posées à la fin de la séance.*
*Christiane Brassel-Rausch passe au morcèlement de la rue Rattem à Oberkorn.*

*Elle cède la parole à monsieur De Sousa, qui occupe officiellement la fonction d'échevin remplaçant madame Pregno. Christiane Brassel-Rausch lui souhaite bonne chance.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'en 2017, le Rattem a été sorti du périmètre de construction à l'exception des jardins près du pont noir, du bassin de rétention et une partie de parcelle. C'est de celle-ci qu'il est question aujourd'hui. En 2017, cette parcelle avait été alignée au bassin de rétention. Plus tard, le propriétaire de la maison se trouvant sur cette parcelle a décidé de la démolir, ce que le PAG permet.*
*La commission des bâtisses ne voit pas d'inconvénient à morceler la parcelle. Les remarques concernant le trottoir et la conduite SES seront discutées ultérieurement.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *souligne que grâce au nouveau PAG, la maison en question est en conformité. Désormais, cette maison doit être démolie. Grâce à cette mise en conformité, la commune dispose d'un terrain plus grand. Le morcèlement permet de construire quatre maisons unifamiliales en bande, mais pas de résidence comme cela est possible dans la partie inférieure de la rue Rattem.*
*Les deux parcelles au milieu ont une largeur de 7,5 m. Ce n'est pas très large, mais c'est suffisant. Les deux autres terrains sont plus larges.*
*Les futures maisons devront être conformes au règlement des bâtisses. Les quatre terrains sont plutôt grands et ont une profondeur allant de quatre à six ares.*
*La commission des bâtisses, dont Erny Muller fait partie, a remis un avis positif. La remarque concerne le fait que ces terrains jouxtent la route. Il n'y a pas de trottoir. Il faudrait donc en aménager un avec les réseaux.*
*Le LSAP approuvera ce morcèlement.*
*(Vote)*

Et ass Ären éischte Gemengerot als Schäffen, da wéilt ech vun der Occasioun profitéieren, wa mer dem Här Ulveling eng Plattform ginn hunn, da gi mer och dem Här Paulo De Sousa haut eng Plattform, deen an dësem Gemengerot déi éischte Kéier als Schäffen d'Funktioun iwwerhëlt en remplacement vun der Madamm Laura Pregno. Mir wënschen Iech Bonne Chance vun hei aus, Här De Sousa! Dir hutt d'Wuert, fir de Punkt 2 vum Ordre du jour unzegoen.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)**

Villmools merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, wéi Der wësst, gouf et 2017 eng Modifikatioun vum PAG fir de Rattem aus dem Bauperimeter ze huelen. Verschidde Fläche sinn awer net erausgeholl. Dat gëtt heimat regulariséiert. Dat sinn, ënner anerem: d'Gäert bei der schwaarzer Bréck, eise Waasserbaseng um Rattem an een Deel vun dëser Parzell, ëm déi et hei geet.

Nëmmen een Deel vun der Parzell ass Bauperimeter bliwwen. 2017 war gekuckt ginn, fir en Alignement vun der Parzell mam Waasserbaseng, deen e bësse méi uewen ass, ze hunn. D'Gemeng ass doropshin forméiert ginn, datt d'Besëtzer vum Haus, wat do nach steet, dat ofrappe wéilten an de bebaubaren Terrain a véier Parzellen andeele wéilten, fir do prioritär Eefamilljenhaiser ze bauen. Wat laut eisem PAG méiglech ass.

De Morcellement war an der Bautekommissioun virun enger Woch. Si hunn zum Morcellement keng Bedenken. Hir Remarken, wat den Trottoir ugeet an déi SES-Leitung, déi do ass, gi bei enger spéiderer Presentatioun vum Projet a Betruecht geholl. Villmools merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Kolleeginnen a Kolleegen, dat meescht ass gesot. Ech wéilt awer och drop zréckkommen. Dir hutt et ganz richteg gesot, duerch den neie PAG ass dëst Haus am Fong konform gesat ginn, well et virdrun an engem externe Bauperimeter louch, et ass mat an de Perimeter geholl ginn.

An elo ass d'Ufro do, dass d'Haus soll ofgerappt ginn. Mir gesinn awer, wat aus dëser, wann een et esou wëllt huelen, Mise en conformité vun deem Haus, elo entstanen ass. Dat heescht, mir kréien e gréisseren Terrain, wou véier Bauplazen entstoe kënnen.

Dat Positiivt un dëser Demande ass, dass duerch de Morcellement elo véier Eefamilljenhaiser als sougenannte Maisons en bande kënne gebaut ginn. Keng Residence, wéi dat zum Beispill am ënneschten Deel vun der Rue Rattem de Fall ass. Wat jo awer och e Plus ass.

Déi zwou Parzellen an der Mëtt hunn eng Breet vu 7,5 m. Dat ass gutt. Net extra breet, mee dat ass awer an der Rei. Et ass och méiglech, déi Haiser uneneenzebauen. Woubäi awer déi zwou baussecht Terraine méi breet sinn, well jo och den Ofstand vun den Terrainen zu den Nopeschterraine muss respektéiert ginn.

Alles an allem mussen déi zukünfteg Haiser, déi am Plang nach net duergestallt sinn, konform zum Bautereglement gebaut ginn. Déi véier Terraine si relativ grouss, hat ech scho gesot, speziell an der Déift a leien zwësche 4 a 6 a.

Dir hat schonn erwäänt: An der Bautekommissioun, wou ech jo och sinn, hu mer e positiven Avis ofginn. Mat enger Demande awer. An ech mengen, dat wär och hei néideg. Fir déi, déi sech dat ugekuckt hunn: Déi Terrainen, déi stoussen direkt un d'Strooss. Do ass nach keen Trottoir. Fir dass an der viischter Stroossefront en Trottoir soll amenagéiert ginn, wou dann och d'Reseauen dra géife leie kommen.

D'LSAP gëtt op jidde Fall d'Zoustëmmung zu dësem Morcellement. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Wann et keng weider Wuertmeldung dozou gëtt, da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la demande de morcèlement de terrains dans la rue Rattem à Oberkorn.*

Villmools merci. Am Punkt 2 geet et ëm zwee Akten à Bail emphytéotique vun den Appartementer am Gravity. Den éischten Akt ass en Appartement mat Balcon um sechste Stack, mat engem Keller am zweete Sous-sol an engem Emplacement intérieur um éischte Sous-sol. D'Appartement huet eng Surface vun 107,54 m2 fir de Präis vun 338.899,65 Euro. Deen zweeten Akt, deen ënnerschriwwe ginn ass, ass en Appartement mat Balcon um néngte Stack, mat Keller am zweete Sous-sol an engem Emplacement intérieur um éischte Sous-sol. Dëst huet 126,21 m2 an de Präis ass 358.912,94 Euro.

Mir kënnen zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les actes notariés de bail emphytéotique, revente et vente en futur état d'achèvement d'appartements situés dans le Gravity Tower à Differdange.*

Villmools merci. Da si mer scho beim drëtte Punkt. Do geet et ëm eng Cession gratuite, en Akt vum Fonds de Logement un d'Gemeng Déifferdeng vun am Ganzen 23,59 a an der Grousssstrooss an Terrasses de la ville. An dësem Akt cedéiert eis de Fonds de Logement, laut der Konventioun, d'ëffentlech Infrastrukturen, ënner anerem d'Strooss an den Trottoir, wéi dat och üblech ass bei all anere PAP. Et sinn e puer Parzelle vu Mini-Gréissten. An et ass eng üblech Prozedur.

Mir kommen zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'acte notarié de cession gratuite par le Fonds du logement de diverses parcelles d'une contenance de 23,59 a aux lieudits Grand-rue et Terrasses de la Ville à Differdange.*

Villmools merci. Am Punkt 3c geet et ëm d'Konventioun vun 2022 tëschent der Gemeng an dem Club Senior Prënzebierg. An ech géif dem Här Mangen dofir d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch, dëst ass eng Konventioun, déi all Joer erëm nei muss gestëmmt ginn zwëschent dem Ministère de la Famille an de véier Gemengen: Péiteng, Käerjeng, Suessem an Déifferdeng.

Am Club Senior sinn all Persounen iwwer 50 Joer zougelooss, onofhängeg vun hirer Nationalitéit, Relioun oder Ideologie.

D'Zil ass et, déi eeler Leit an onser Gesellschaft weiderhin ze integréieren an hinnen eng laang Autonomie ze garantéieren.

D'Aktivitéite si breet gefächert. Déi si vu sozialer, kultureller Natur, sportlech, Fortbildungen, Reesen, Kachcoursen, dietätesch Coursen, Preventiounsmedezinn an esou weider.

D'Zäite sinn an der Konventioun festgeluecht. Et muss ee 46 Wochen am Joer Aktivitéiten ubidden. An 20 Stonne pro Woch.

D'Personalkäschte gi gedeelt vum Staat a vun de Gemengen, wou de Staat 87 % vum Käschtepunkt iwwerhëlt. D'Personalkäschten, gesitt Der an den Ënnerlagen, sinn ëm déi 506.000 Euro.

Zweemol am Joer fënnt eng Plattform statt, wou d'Representante vun de Gemengen a vum Staat derbäi sinn, wou d'finanziell Situatioun vum Club Senior analyséiert gëtt an d'Aktivitéite besprach ginn.

Wéi Der och aus den Ënnerlagen erausfannt, ginn am Moment zéng Leit age-

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à deux actes de bail emphytéotique pour les appartements de Gravity.*
*Le premier acte porte sur un appartement avec un balcon au sixième étage, une cave au deuxième sous-sol et un emplacement au premier sous-sol. La surface est de 107,54 m² pour un prix de 338 899,65 €.*
*Le deuxième acte porte sur un appartement avec balcon au neuvième étage avec une cave au deuxième sous-sol et un emplacement au premier sous-sol. Cela représente 126,1 m² pour 358 912,94 €.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une cession gratuite. Dans les Terrasses de la ville, le Fonds du logement cède à la commune l'infrastructure publique — c'est-à-dire la route et le trottoir. Il s'agit de plusieurs petites parcelles d'un total de 23,59 a dans la Grand-rue.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une convention entre la commune et le Club Senior Prënzebierg.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *précise qu'il s'agit d'une convention annuelle entre le ministère de la Famille, Pétange, Käerjeng, Sanem et Differdange.*
*Le Club Senior accueille les personnes de plus de cinquante ans dans le but de maintenir le contact avec la société et de préserver leur autonomie.*
*Les activités sont multiples. Elles peuvent être sociales, culturelles, sportives, culinaires… En tout, le Club Senior doit proposer des activités 46 semaines par an et 20 heures par semaine.*
*L'État prend en charge les frais de personnel, qui s'élèvent à 506 000 € à hauteur de 87 %. La situation financière du club est analysée deux fois par an par les représentants des communes et de l'État.*

*Actuellement, le service est assuré par dix personnes sous la direction de madame Geneviève Faber. Robert Mangen les remercie pour leur engagement. La pandémie n'a pas facilité leur tâche.*
*Il demande au conseil communal d'approuver la convention.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *estime que le Club Senior propose des activités pour différents types de personnes : les retraités, les personnes seules, celles qui veulent être actives… Il est question de jeux, de théâtre, d'excursions, de sport… On apprend aux séniors à utiliser les ordinateurs et les portables.*
*Pour les gens, le plus simple est de demander une carte de membre et d'aller voir ce qui y est proposé. Ceux qui ne veulent pas y aller seuls peuvent y aller avec un ami.*
*Le Club Senior est ouvert aux personnes de cinquante ans et plus. Nicole Wohl sait qu'il est difficile d'inciter les gens à prendre part à des activités une fois qu'elles sont seules.*
*Elle remercie le Club Senior pour son travail ainsi que les personnes prenant part aux activités. Déi gréng approuveront la convention.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que la convention entre le ministère de la Famille et les quatre communes concernées n'a pratiquement pas changé.*
*Les membres du Club Senior se sont réjouis de prendre part aux activités du club en 2022 même si elles ont dû être adaptées aux mesures sanitaires en vigueur.*
*Le Club Senior remercie les quatre communes pour le minibus reçu en mars 2021.*
*Le programme pour 2022 s'intitule* Tëschent Jonk an Al. *Le club, les maisons des jeunes et les maisons relais participeront à un projet photographique appelé* Wat eis verbënnt.
*Le prochain programme sortira en avril. Les démocrates approuveront la convention et remercient l'équipe du Club Senior.*

stallt, fir dëse Service hei ze leeschten. An dat ënnert der Féierung vun enger Chargée de direction, der Madamm Geneviève Faber. Soen hinnen all e grousse Merci fir hiren Asaz. Besonnesch elo an deene leschten zwee Joer, wou et net einfach war an der Pandemiezäit, fir do vernënfteg Aktivitéiten unzebidden.

Et géif mech freeën, wann Der dëser Konventioun nees zoustëmme géift, wéi all Joer. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Madamm Wohl, wannechgelift.

Nicole Wohl (déi gréng):

Gudde Moien alleguerten, ech wëll drop opmierksam maachen, dass de Club Senior fir ganz vill Leit eppes ze bidden huet. Zum Beispill fir déi, déi sech eleng fillen, déi, déi an d'Pensioun ginn, déi, déi einfach eng Aktivitéit wëlle maachen. Wann ee sech d'Broschür ukuckt, fält een op de Réck, op d'mannst ass et mir bal esou gaangen. Dat geet vu Spiller, Theater, Ausflich, kachen a brache bis Sport. An och am Sport geet et vun trëppele bis boxen. Et gëtt Coursen, fir mam Computer eens ze ginn, mam Handy. A villes méi.

Ech denken am beschten, fir d'Leit dobaussen, hëlt ee sech eng Memberskaart an et kuckt ee sech d'Ugebuet reegelméisseg un. Et kann ee jo och eng Frëndin oder e Frënd aus der Nopeschgemeng mathuelen, wann een net wëll eleng dohinnergoen.

Et ass wichteg, dass de Message eriwwerkënnt, dass een ab 50 do kann deelhuelen. Et ass nämlech ganz schwéier de Leit Aktivitéite respektiv einfach Demarchë schmackhaft ze maachen, wa se sech bis eleng fillen. Dat ass eppes, wat ech reegelméisseg gesinn.

Ech soen, op jiddwer Fall, oder mir soen dem Club Senior Merci fir déi gutt Aarbecht. An ech soen och e Merci un all déi Leit, déi un den Aktivitéiten deelhuelen. Ouni déi kee Liewen dra wier. Déi gréng stëmmen dëse Punkt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. D'Madamm Saeul, wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Hären aus dem Schäfferot, Kolleeginnen a Kolleegen, zu der Konventioun vum Club Senior Prënzebierg fir d'Joer 2022 mat Siège zu Déifferdeng, de Ministère de la Famille an déi véier dozou gehéierend Gemengen: Déifferdeng, Käerjeng, Péiteng a Suessem. Et si weider keng Ännerunge virgesinn. Dofir géif ech op de prakteschen Oflaf vum Club Senior agoen.

Net méi wéi frou waren d'Membere vum Club Senior, wéi dat ganzt Joer 2022 endlech op war, fir erëm un den Aktivitéite vum Club kënnen deelzehuelen. Aktivitéiten, déi en vigueur waren, sinn ëmmer erëm un d'sanitär Mesuren ugepasst ginn. Am éischten Trimester si wuel e puer Aktivitéiten ausgefall. Duerno konnte si awer den normalen Oflaf garantéieren.

De Club Senior seet deene véier Gemenge Merci fir deen neie Minibus, dee se am Mäerz 2021 kritt hunn. Deen neie Projet um Programm vun dësem Joer heescht „Tëschent Jonk an Al". De Club, mam Jugendhaus a Maison relais Fousbann ass och dobäi. Si maachen zesummen e Foto-Projet mat engem professionelle Fotograf. D'Theema ass: „Wat eis verbënnt". Dat ass ganz interessant.

Et war virgesinn, en digitale Projet ze maachen, zesumme mat deene véier Gemengen, fir d'Leit am Digitale fit ze halen. Ass awer nach an der Maach.

Enn Abrëll kënnt erëm e Programm eraus mat villen neie Saachen, villen Aktivitéite fir aktiv ze bleiwen. D'DP stëmmt dës Konventioun a seet dem Staff vum Club Senior Merci fir hiren Asaz. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Léif alleguer, d'CSV stëmmt dës alljärlech Konventioun mat. Se reegelt, nieft dem Zweck vum Club Senior, en gros d'Finanzement. Wärend de Staat dee gréissten Deel vun de Personalkäschten iwwerhëlt, bezilt d'Gemeng déi reschtlech Part an ass dofir zousätzlech nach en charge vun ënner anerem de Lokalitéiten.

Déi Aarbecht, déi vun de Mataarbechter geleescht gëtt, ass wierklech eng immens wäertvoll fir eis net méi esou jonk Matbierger. Dofir wëlle mir als CSV hinnen ofschléissend villmools Merci soe fir déi vill flott, a virun allem ofwiesslungsräich, Aktivitéiten, déi si d'ganzt Joer iwwer eise Senioren ubidden. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wëllt mech all deene Mercien, déi hei schonn ausgeschwat goufen, am Numm vun der LSAP ausdrécklech uschléissen. Merci der ganzer Ekipp, déi duerfir suergt, dass flott Aktivitéiten am Sënn vun de concernéierte Leit stattfannen.

Ech mengen, dass dat zemools an dësen nach ëmmer schwieregen Zäiten immens wichteg ass.

Ech hätt just zwou e bësse méi technesch Froen zum Personal. Den Här Mangen huet gesot, et géifen zéng Leit do schaffen. Wann ech mech hei awer elo net verzielt hunn, sinn et der am Fong néng, déi op zéng Poste sinn. Ech wollt do just wëssen, do sëtzt eng Persoun op enger hallwer Tâche an op enger aachtels Tâche, wat et domat op sech huet.

An da gesinn ech hei ënnen, dass och nach en Éducateur-diplômé-Poste virgesinn ass, deen awer am Moment net besat ass. Ob do virgesinn ass, dee Posten zäitno ze besetzen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Mangen, wannechgelift.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

De Posten, deen nach aussteet, dee gëtt ausgeschriwwen. Soudatt deen nei besat gëtt. Dat op jidde Fall. Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention 2022 relative au Club Senior Prënzebierg.*

Villmools merci. Am Punkt 3d geet et ëm eng Konventioun iwwert de Plan communal jeunesse hei zu Déifferdeng. Wichteg ass hei ervirzehiewen – mir haten elo just d'Senioren an elo hu mer d'Jugend: An dëser Gemeng probéiere mer, no alle Säiten Ënnerstëtzung ze ginn an op jiddwereen hei an der Gemeng opzepassen.

Ech géif dofir elo d'Wuert un den Här Aguiar ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, madame la bourgmestre. Qu'est-ce qu'un plan communal jeunesse ? Un plan communal jeunesse est un outil de travail pour aider les communes à planifier et coordonner la politique jeunesse et à augmenter la participation des jeunes.

**JERRY HARTUNG (CSV)** *signale que le CSV approuve cette convention tous les ans. Elle règle le financement du Club Senior. L'État paye la plus grande partie des salaires. Les communes sont en charge des locaux.*
*Les collaborateurs du club réalisent un travail important pour les citoyens plus âgés. C'est pourquoi les chrétiens sociaux tiennent à les remercier pour les chouettes activités proposées aux séniors tout au long de l'année.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *s'associe aux remerciements pour l'équipe du Club Senior, qui veille à organiser de chouettes activités. C'est d'autant plus important que les temps sont difficiles.*
*Monsieur Mangen a expliqué que dix personnes travaillent au Club Senior. Mais Pierre Hobscheit a compris qu'il s'agissait de neuf personnes pour dix postes. Y a-t-il des employés ne disposant pas d'une tâche complète ?*
*Un poste d'éducateur diplômé n'est pas occupé. Va-t-on recruter quelqu'un ?*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *répond qu'un appel à candidatures sera lancé.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au plan communal de la jeunesse. Celui-ci démontre que la commune s'occupe à la fois des personnes âgées et des jeunes.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que le plan communal de la jeunesse est un plan de travail permettant de planifier la politique des jeunes et d'augmenter la participation de ceux-ci. Pour la Ville de Differdange, le plan communal de la jeunesse doit servir à améliorer la politique locale et les services offerts aux jeunes.*

*Le processus participatif est au cœur des démarches, mais chaque individu souhaite participer de manière différente.*
*Le plan communal de la jeunesse poursuit plusieurs objectifs : mettre en place un plan d'action général, des procédures structurées, suffisantes, flexibles et pérennes et un cadre de référence en matière de politique de la jeunesse.*
*Trois niveaux de résultats seront présentés au conseil communal : à court terme, le respect de la recommandation nationale, le respect de la coalition, l'état des lieux de la situation actuelle de la jeunesse à Differdange et la création d'un cadre de référence ; à moyen terme, l'outil d'évaluation et d'ajustement de la politique de la jeunesse et la participation des jeunes à la vie civique ; à long terme, l'amélioration de l'inclusion des jeunes au niveau local et des relations entre citoyens.*
*Une des phases clés sera la constitution d'un comité de pilotage avec des échanges réguliers avec le collège échevinal d'abord et le conseil communal ensuite. Paulo Aguiar propose aussi de consulter les commissions consultatives, la société civile et les acteurs concernés par la jeunesse.*
*Lors d'une deuxième phase, les parties prenantes seront consultées. Lors de la troisième phase, le comité de pilotage sera mis en place sur la base des informations recueillies. Il proposera des outils pratiques et concrets.*
*Paulo Aguiar salue le travail du service de la jeunesse.*
*Le budget inclut une demi-tâche ETP de 18 mois. Le collège échevinal n'a pas engagé de CDD, car la commune a besoin d'experts dans différents domaines comme le coaching, l'approche systémique, l'animation… Les compétences seront utilisées en fonction des besoins.*
*Paulo Aguiar espère que le conseil communal soutiendra le plan.*

Partant de cette volonté nationale, le plan communal jeunesse tel que nous le concevons et suite au choix de partenaires que nous avons fait est une démarche de qualité qui vise à améliorer la politique locale et les services en faveur de la jeunesse.

D'un côté, la démarche s'oriente sur les besoins de la jeunesse. De l'autre côté, elle permet d'augmenter la démarche qualité et l'adéquation des services proposés tout en respectant les besoins des différents acteurs.

La participation des jeunes et des acteurs est au centre de la démarche, mais ne perdons pas de vue que chaque individu souhaite participer de manière différente.

Les objectifs du plan communal jeunesse :

- Avoir un plan d'action général quant à la politique jeunesse locale sous forme d'un contrat éducatif communal.
- Avoir des procédures structurées, suffisantes, flexibles et pérennes, quels que soient les pouvoirs politiques ou les experts sur le terrain, type vadémécum.
- Avoir un cadre de référence en termes de politique jeunesse qui est flexible et adaptable aux changements sociodémographiques.

Nous avons donc trois résultats, qui sont présentés ici dans le cadre du Gemengerot. Le résultat à court terme : le respect de la recommandation nationale, le respect de la coalition, l'état des lieux de la situation actuelle de la jeunesse à Differdange et la création d'un cadre de référence.

Le résultat à moyen terme : l'outil d'évaluation et d'ajustement de la politique jeunesse, respectivement la participation des jeunes à la vie civique locale.

Le résultat à long terme est l'amélioration de l'inclusion des jeunes au niveau local et des relations entre citoyens.

Les phases clés de ce cahier de charges pour lequel nous souhaiterions mandater l'ASBL, c'est la constitution d'un comité de pilotage, des échanges réguliers et hebdomadaires, et la collaboration avec les différentes parties : la première partie le Schäfferot, la deuxième partie le Gemengerot. Bien évidemment, nous souhaiterons également consulter les commissions consultatives, la société civile et les autres acteurs concernés par la jeunesse comme les adultes, que ce soit les habitants ou les parents, et bien évidemment les jeunes.

La méthodologie est répartie sur trois phases. La première phase, comme j'avais expliqué tout à l'heure, c'est la concertation avec les différents acteurs.

La deuxième phase est une consultation des parties prenantes que ce soient les jeunes, les parents et les éducateurs.

La troisième phase est le comité de pilotage, qui sera mis en place avec les informations recueillies. Il va proposer des outils pratiques et concrets et des indicateurs pour ce plan communal jeunesse.

Nous souhaiterons avoir de la transparence dans cette démarche. Comme je vous avais expliqué, le bilan se fera en plusieurs étapes. Il est important de mettre en évidence la disponibilité du service jeunesse pour le développement de ce plan communal jeunesse.

Pour terminer, j'aimerais encore expliquer pourquoi ce budget. Le budget inclut une demi-tâche ETP pendant 18 mois. On peut se poser la question pourquoi nous n'avons pas engagé une personne en CDD. Tout simplement, nous avons besoin de collaborateurs qui sont des experts dans les différents domaines, que ce soit le coaching, l'approche systémique, la qualité, l'évaluation et l'animation.

Ce sont les différentes compétences qui peuvent être employées selon les besoins du processus du développement du plan communal jeunesse.

De mon côté, c'est tout. J'espère que vous soutiendrez cette convention. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Wuert. Den Här Aguiar huet et virgestallt. Et ass e Plang a méi Phasen an Etappen. Et geet drëm, eppes en place ze setzen an net just eppes Fäerdeges dohinzesetzen, wou déi Jonk herno drapasse sollen, wéi dat an de Schoule leider de Fall ass. Et geet éischter drëm, fir deene Jonken ze hëllefen. Dat ass immens wichteg.

Well wéi oft si mer hei am Gemengerot a mer schwätzen driwwer, wat mer kënne mat de Konsequenze maache vu Problemer, déi opgetaucht sinn. Et ass vill méi wichteg, dass mer et deen anere Wee uginn.

Och wann de Budget kee klengen ass, ass et wichteg, dass mer investéieren éischter wéi herno um Schluss ze kucken, wéi mer dat erëm an d'Rei kënne bréngen, wann ech dat kann esou soen.

D'Organisatioun huet Erfarung, e Plan communal jeunesse ze erstellen. Ech denken, et ass eng gutt Iddi, dass mer eis do hëllefe loossen. Et geet jo hei drëms, konkreet Léisungen ze fanne fir déi Jonk vun 13 bis 27. A si ginn agebonnen.

An och wann d'Léisunge vun de Problemer meeschtens individuell musse gekuckt ginn an et keng Standard-Léisunge gëtt, sou gëtt hei op Preventioun an op Antizipatioun gesat. Dat ass immens wichteg.

Wat de Comité de pilotage ubelaangt, hat ech mech gefrot – dat ass elo eng Fro –, wien do dran ass, wéini een do zesummekënnt, wéini een e Bilan mécht. Mee den Här Aguiar huet schonn drop higewisen, dass de Schäfferot, de Gemengerot, a wat ech wichteg fannen, d'Commission-consultativë matagebonne sinn. An effektiv ass et och wichteg, dass souwuel d'Adultë wéi déi Jonk kënne soen, wéi si et gesinn.

Déi gréng stëmmen dësem Punkt op jiddwer Fall zou. Mir soen der Madamm Pereira och en décke Merci fir déi gutt Aarbecht, déi geleescht gëtt.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, wéi ech mer d'Konventioun ugekuckt hunn, war ech e bëssen erféiert iwwert de Präis, iwwert déi Zomm, déi drasteet. Dat ass mer e bëssen héich virkomm.

Déi lescht Deeg hunn ech verschidde Gespréicher gefouert. Ech weess elo, dass och nach aner Offeren um Dësch loungen, déi ee gudde Krack méi héich waren. An dass dat hei am Fong déi bëllegst Offer an deem Sënn war. An och déi Offer, vun deem wat mer wëllen, déi am beschte gepasst huet.

Duerfir wëll ech virausschécken, dass mir als LSAP dat hei wäerte matdroen.

Et ass awer net esou, wéi d'Madamm Buergermeeschter et gesot huet, dass mer eis dann och ëm déi Jonk këmmeren an elo de Jugendkommunalplang uginn. Well scho viru sechs Joer, nach ënner der vireger Majoritéit, hat ech ugefaangen, dat do unzestoussen.

Ech muss awer soen, d'Ënnerstëtzung deemools vun den zoustännege Leit am Schäfferot war net déi allergréisst. Soudass dat leider relativ séier am Sand verlaf war. Ëmsou méi frou sinn ech dann elo, dass mer sechs, siwe Joer méi spéit déi Saach elo ganz konkreet uginn a probéieren, e Jugendkommunalplang op d'Been ze stellen.

Ech denken, dass dat e wichtegt Instrument ka sinn hei zu Déifferdeng, wat een duerno och muss mat Liewe fëllen.

Et ass wichteg, dass dëse Jugendkommunalplang an engem participative Prozess entsteet. Dass mer déi Jonk matabannen. E Jugendkommunalplang soll näischt sinn, wat déi Erwuessen oder wat d'Politik deene Jonke vun uewen erof diktéiert. Dat soll eppes sinn, wat schonn a senger Entsteeungsphas lieft, wat dynamesch ass, wat an engem flotte Prozess entsteet. A wann d'Dokument bis do ass, ass et och un eis, fir zesumme mat deene Jonken

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *constate que monsieur Aguiar vient de présenter un plan en plusieurs étapes et phases. La commune veut créer quelque chose au lieu de mettre en place une structure prédéfinie à laquelle les jeunes doivent s'adapter. L'objectif est d'aider les jeunes.*
*Trop souvent, le conseil communal se retrouve à discuter des conséquences de différents problèmes. Pour Nicole Wohl, il vaut mieux prévenir les problèmes. Même si le budget est restreint, il vaut mieux investir maintenant que lorsqu'il est trop tard.*
*L'organisation choisie a suffisamment d'expérience pour élaborer un plan communal de la jeunesse. Il s'agit de trouver des solutions concrètes pour les jeunes de 13 à 17 ans. Trouver des solutions individuelles aux problèmes est plus complexe qu'anticiper et prévenir.*
*Nicole Wohl se demandait qui ferait partie du comité de pilotage et quand un premier bilan sera tiré. Mais monsieur Aguiar a expliqué que le collège échevinal, le conseil communal et les commissions consultatives seront inclus dans le projet. Bien entendu, les adultes et les jeunes doivent pouvoir apporter leurs idées.*
*Les écologistes approuveront ce point et remercient madame Pereira pour son travail.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *a pris peur quand il a vu le budget. La somme lui a semblé élevée. Entretemps, il a appris que d'autres offres étaient beaucoup plus chères. Cette offre-ci est la moins chère et la mieux adaptée. C'est pourquoi les socialistes approuveront le plan.*
*Pierre Hobscheit rappelle qu'il avait déjà lancé l'idée d'un plan communal de la jeunesse il y a six ans. Mais à l'époque, le soutien du collège échevinal était limité. Pierre Hobscheit se dit content que six ans plus tard, les choses deviennent concrètes. Le plan communal de la jeunesse est un instrument important, qu'il faudra faire vivre.*
*Un processus participatif est nécessaire. Le plan communal de la jeunesse ne doit pas être dicté du haut vers le bas, mais être créé sur la base d'un processus dynamique.*

*Ensuite, ce sera aux jeunes et à la commune de le faire vivre.*
*Le document doit devenir un guide permettant à la commune de mettre en place une politique de la jeunesse. Les jeunes devront s'y retrouver.*
*Les socialistes approuveront le plan communal de la jeunesse et sont disposés à participer au comité de pilotage. Ils sont impatients de découvrir le résultat.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *doit être dur de compréhension, mais il n'a aucune idée de ce qui vient d'être expliqué.*
*Le besoin primordial des jeunes est d'avoir un travail, une bonne formation et des loisirs intéressants. Lesquels de ces points le plan communal de la jeunesse prend-il en considération ? Le collège échevinal n'essaie-t-il pas plutôt de montrer qu'il est actif ?*
*Ce plan servira-t-il à créer des emplois ? Permettra-t-il aux jeunes en décrochage de reprendre leurs études ? Va-t-on organiser des activités pour sortir les jeunes de la rue ?*
*Ali Ruckert n'a rien entendu de tel aujourd'hui. Peut-il obtenir des informations ?*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la commune propose déjà des projets pour les jeunes.*
*Pour lui, deux critères sont importants. Le plan communal de la jeunesse essaiera d'atteindre les jeunes de tous bords. Il concernera un large éventail de jeunes.*
*La Ville de Differdange propose des projets pour les jeunes dans les maisons des jeunes, mais aussi dans des domaines comme le logement et le travail. Mais seule une partie des jeunes en profite.*
*Bien entendu, personne ne sera forcé à prendre part au plan communal de la jeunesse. Mais l'objectif de la commune est que chaque jeune puisse s'y retrouver.*
*Le plan communal de la jeunesse ne doit pas être purement théorique. Des pistes concrètes doivent permettre de le mettre en application. Il doit s'agir d'un guide pour le travail politique de la commune en faveur des jeunes.*
*Jerry Hartung regrette que le ministère ne prévoie pas de subsides.*

derfir ze suergen, dass dat Dokument och wierklech ka liewen.

Dat Essentiellt ass, dass dat Dokument herno en Instrument ass, wat mer als Guide kënnen huele fir eis Politik fir déi Jonk. An dass déi Jonk sech och an deem Dokument erëmfannen.

Dat gesot, wäert d'LSAP dëse Jugendkommunalplang matstëmmen. Sou gutt et geet dann och begleeden, do wou dat erwënscht ass, vläicht an deem Comité de pilotage. Mir si gespaant op d'Resultat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, vläicht sinn ech schwéier vu Begrëff, mee ech muss Iech soen, ech ka mat deem, wat mer hei virgestallt kréien, net vill ufänken. Wa mer vun de Bedierfnisser vun der Jugend schwätzen, da schwätze mer jo eigentlech dovun, dass se d'Bedierfnis hunn, eng Aarbecht ze hunn. Dass se d'Bedierfnis hunn, eng gutt Ausbildung ze hunn. An dass se d'Bedierfnis hunn, eng interessant Fräizäitgestaltung kënnen ze maachen.

Elo froen ech mech, wéi eng vun deene Punkte gi vun deem Plang do consideréiert? Ass dat do eppes, wou erëm eppes an d'Fënster gestallt gëtt fir ze soen, mir maachen eppes?

Mee d'Fro ass dann, wat konkreet fir déi eenzel Jugendlech dobäi erauskënnt. Oder ginn iwwert dee Plang Aarbechtsplaze geschafen? Gëtt domat derfir gesuergt, dass Jugendlecher, déi vläicht d'Schoul ofgebrach hunn, erëm ufänken ze léieren? Oder besti konkreet Pläng, fir eng Fräizäitgestaltung ze maachen, zesumme mat de Jugendlechen, fir wierklech derzou bäizedroen, dass se vun der Strooss kommen?

Wéi gesot, bei deem, wat ech elo hei gesot kritt hunn, kann ech näischt vun deem feststellen. Vläicht kënnt Der eis e puer weider Informatioune ginn.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'CSV ënnerstëtzt dës Konventioun. D'Gemeng bitt selwer vill Projete fir eis Jonk hei an der Gemeng un. Op ville verschiddenen Niveauen. An der Reegel och ëmmer zimmlech cibléiert.

Fir eis waren zwee Krittären, ënner anerem, wichteg. An déi sinn hei wierklech erfëllt. Dir sot éinescht, wéi mer vun de Senioren op déi Jonk eriwwer gaange sinn, datt mer an all Richtung schaffen. Hei gëtt gekuckt, an all Richtung innerhalb vun deene Jonken. Dat heescht, datt wierklech déi ganz breet Palett vun eise Jonken hei soll ofgedeckt ginn.

Mir hu scho vill Projeten. Sief et eis Jugendhaiser, am Logement an der Aarbecht. Awer do profitéiert oft just en Deel vun eise Jonken dovunner. An hei ass et elo wichteg ze kucken, datt wierklech jiddwereen erfaasst gëtt, all Jonken erfaasst gëtt. Soudatt mer herno eppes hunn, wat sech un all Jonke riicht. Natierlech gëtt kee forcéiert un eppes deelzehuelen. Awer d'Zil fir d'Gemeng muss et sinn, fir all Jonken Offeren ze hunn, wou jiddweree sech erëmfënnt, wat e brauch a wat em hëlleft.

Deen zweete wichtege Volet fir eis ass, datt et duerno net nëmmen en theoreetescht Dokument ass. Pabeier ass jo bekanntlech gedëlleg. Et soll ganz konkreet Pisten opweisen, fir ëmzesetzen. Fir datt dëst och duerno an der Praxis weidergefouert ka ginn. Éinescht ass geschwat gi vun engem Guide fir déi Jonk. Also e Guide fir eis politesch Aarbecht fir déi Jonk. An, voilà, dat soll et jo och sinn.

E bësse schued ass, ech hat mech e bëssen informéiert, mat de Subsiden. Anscheinend, obwuel et eng Volonté nationale ass, si keng Subsiden hei virgesi vum Ministère. Dat fanne mer schued. Mee bon. Wichteg ass, wéi schonn déi meescht hei gesot hunn, datt et wierklech gemaach gëtt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech erlabe mer, fir iwwert déi zwee Punkten, also och deen hannendrun, ze schwätzen. Da brauch ech just eemol unzefänken. Déi hänke jo zesummen.

Wéi ech déi zwee Dokumenter fir d'éischt gelies hunn, hunn ech an éischter Linn net schrecklech vill verstanen. Haut gouf et zousätzlech Erklärungen. Elo ass et e bësse méi kloer.

Dat hei ass eng Saach, wat eis als déi Lénk freet, dass dat elo kënnt a gemaach gëtt, dee Jugendkommunalplang. Mäi Virgänger hei am Gemengerot, de Gary Diderich, hat dat scho méi oft ugestouss. Leider ass et ni realiséiert ginn.

An deem Sënn begréisse mer natierlech, dass elo e Jugendkommunalplang ausgeschafft gëtt, an dass mer op en externen Acteur zréckgräifen, fir dee Prozess ze maachen a fir eise Service Jeunesse ze verstäerken.

Genee wéi den Här Hobscheit war ech och e bëssen erschreckt, wéi ech de Präis gesinn hunn. Ech si frou, dass hie sech d'Méi gemaach huet fir nozefroen. An dass dat heiten awer elo déi bëllegst Offer ass. Merci dofir, Här Hobscheit. Ech hat déi Zäit leider net.

Ech hunn awer Bauchwéi, éischtens, dass dat relativ spéit kënnt. Zweetens feelt mer d'Garantie, dass et och wierklech ëmgesat gëtt. Den Här Hartung hat et elo gesot. Mir feelt dat am Dokument. Mir hunn elo 18 Méint, fir dat heiten ze erstellen. An 18 Méint si mer no den nächste Gemengewalen. Mir feelt am Dokument d'Garantie, dass déi Saachen, déi do erauskommen, dann och wierklech ëmgesat ginn.

Woumat ech och Doutten hunn, et wierkt wéi en double Emploi an deenen zwee Dokumenter. Dat heescht, dat heiten an dat, wat hannendrukënnt. Et ass rieds vu Kartographie. Ech hoffen, dass déi Aarbecht net zweemol gemaach gëtt. Do feelt mer e Gesamtkonzept.

Den Här Hartung an den Här Aguiar hunn et gesot. Mir si relativ aktiv am Jugendberäich, och mat eise Jugendhaiser an esou weider an esou fort. Do feelt mer en Dokument, wat d'Gesamtkonzept duerstellt. Vläicht gëtt et dat. Ech hunn et elo net gesinn. Ech hunn och net nogesicht. Mee vum Gefill hier, feelt mer ee Gesamtkonzept, wou déi verschidde Puzzlestécker zesummegesat ginn.

Elo hunn ech vill geschwat. Am Endeffekt stëmmen ech déi zwee Punkten awer mat fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech hat eppes vergiess. Dat ass, wann ee sech seng Rieden net opschreift an et kënnt een an den Alter, da vergësst een heiansdo Saachen.

Ech hu mech gefrot, ob et net eng Iwwerleeung wäert wier: Mir hu vill där Projeten, wou mer Konventioune maachen an op extern Prestatairen zréckgräifen. Ob ee sech net kéint Gedanke maachen, fir Leit an der Gemeng anzestellen déi Chargé-de-projeten, nennen ech se elo mol, mat engem gewëssene Profil, déi polyvalent op verschiddene Projete kéinte schaffen. A wou een da just punktuell misst op extern Partner zréckgräifen. Ob dat net eng Iwwerleeung wäert wär.

Ech weess, dass et schwiereg ass, esou Profiller ze fannen, déi souwuel Projeten am Senioren- wéi am Jugendberäich kënne maachen. Mee ech hu mer d'Fro gestallt, wann ee kuckt, wat awer esou eng Konventioun kascht, ob een net eng Kéier sollt den Exercice maachen a kucken: Wéi vill Konventioune fir esou Projeten hu mer am Moment? Wat kascht eis dat eigentlech? A wär et net méi sënnvoll, wann een dofir eng Persoun, en Éducateur diplômé, Assistant social, Sozialpedagog géif fest astellen?

*Mais il est important de réaliser ce projet.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *va aborder ce point-ci et le suivant ensemble. Comme ça, il ne devra pas s'y reprendre à deux fois.*
*Quand il a lu les documents, il n'a pas compris grand-chose. Les explications données aujourd'hui ont permis de clarifier un peu le document.*
*Déi Lénk se réjouit de la rédaction d'un plan communal de la jeunesse. Monsieur Diderich, le prédécesseur d'Eric Weirich a souvent abordé ce sujet. Le conseiller communal salue le recours à un acteur externe pour soutenir le service jeunesse.*
*Comme monsieur Hobscheit, il a été choqué du prix. Mais apparemment, il s'agit de la meilleure offre. Il remercie monsieur Hobscheit de s'être renseigné.*
*Il regrette cependant que ce document arrive aussi tard et il n'est pas convaincu que le plan sera mis en application. La commune a 18 mois pour rédiger le document. Mais qu'arrivera-t-il ensuite ?*
*Par ailleurs, Eric Weirich a l'impression que ce document et le suivant font double emploi. Dans les deux, il est question d'une cartographie.*
*Quel est le concept global ? Car la Ville de Differdange est déjà active dans le domaine de la jeunesse. Il faut un concept pour rassembler les pièces du puzzle.*
*Malgré tout, déi Lénk approuvera les deux documents.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *a oublié de dire quelque chose. C'est le problème quand on vieillit et qu'on ne rédige pas son discours.*
*La commune recourt souvent à des prestataires externes pour diriger les projets. Ne vaudrait-il pas mieux recruter des chargés de projet et ne recourir que ponctuellement à des externes ? Certes, il n'est pas facile de trouver des profils s'y connaissant à la fois avec les jeunes et les séniors. Mais il faudrait calculer le prix des conventions et voir ensuite ce qu'il convient de faire. Un éducateur diplômé, un assistant social ou un pédagogue social auraient sans doute beaucoup d'idées de projets. Cela permettrait de réa-*

*liser les projets en interne au lieu de signer des conventions avec des prestataires externes.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*répond que le collège échevinal apprécie toujours les bonnes idées. Elle pense cependant que cette idée devra être réalisée à long terme.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)**
*confirme que trouver une personne ayant un profil aussi vaste n'a rien d'évident.*
*Il ne peut pas s'agir seulement d'un assistant social, mais il doit avoir des compétences en matière d'animations, de coaching…*
*Paulo Aguiar signale à monsieur Weirich que ce point et le suivant sont différents, mais complémentaires.*
*Pour lui, il est important de consulter les acteurs politiques, les responsables des services et les commissions pour s'assurer qu'ils soutiennent le projet. Comme l'a dit monsieur Ruckert, il faut analyser les disponibilités. Par exemple, il faudra s'assurer que la jeunesse soit thématisée au sein de la commission du logement.*
*Il faudra aussi mettre l'accent sur l'emploi.*
*De toute façon, les différentes commissions consultatives seront concertées.*
*Le service de la jeunesse est un service qui agit. Il organise de nombreuses activités pour les jeunes. Mais il est aussi important d'analyser au préalable quels sont les besoins et les attentes des jeunes. Cela permettra de définir les moyens à leur mettre à disposition.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)**
*passe à une convention avec Up Foundation concernant le soutien à la jeunesse et le paysage éducatif.*
*Elle se réjouit du soutien de l'opposition et réfléchira à la proposition faite par monsieur Hobscheit. L'économiste communal devra évaluer si cela en vaut la peine.*

Da géifen engem warscheinlech och nach e ganze Koup aner Projeten afalen. Déi Persoun géif sech warscheinlech net langweilen. An et kéint een déi Saachen in house eventuell ëmsetzen, ouni lauter Konventioune mussen ze maachen. Ass just eng Iwwerleeung, déi ech am Kader vun deem Projet hei hat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Dir wësst, dass flott Iddien an dësem Schäfferot ëmmer gären a gutt ukommen. Dat do ass, denken ech, awer eppes, wat méi op laang Siicht ze maachen ass. Ech wollt dem Här Aguiar d'Wuert ginn.

Schäffe Paulo Aguiar (déi gréng):

Merci, madame la bourgmestre. Trouver une personne qui a un profil avec différentes compétences n'est pas facile. Il ne s'agit pas seulement d'un éducateur diplômé, mais d'un éducateur diplômé, d'un éducateur gradué, d'un assistant social, respectivement des experts dans les approches systémiques, dans l'animation, dans le coaching… Il est important de faire ce type de convention parce que le partenaire met à disposition différents experts dans ce domaine.

Pour revenir à Monsieur Weirich, il s'agit de deux choses différentes. Après, je vais présenter le deuxième point avec la Foundation. Il s'agit de deux choses différentes, mais complémentaires ! D'un côté, nous avons bien évidemment les acteurs politiques.

Il est important de consulter les acteurs politiques parce que la volonté politique est derrière. Respectivement de voir avec les autres acteurs de la Ville de Differdange, que ce soient les responsables des services ou les commissions consultatives.

Donc, d'un côté, on doit travailler et on doit justement connaitre, savoir analyser quelles sont les disponibilités. Là, je reviens à ce que monsieur Ruckert a demandé. Par exemple, si on regarde le cas de la commission du logement, on va se poser la question : dans le cadre de vos discussions, de vos avis, dans le cadre de la commission du logement, est-ce que la jeunesse est aussi thématisée dans ce sens-là ?

On va vraiment regarder quelle est l'orientation de ces commissions consultatives. Donc, on parle du logement. Mais effectivement, dans le cadre de cette analyse, il faut mettre l'accent sur l'emploi. L'orientation du plan communal jeunesse sera justement orientée vers une démarche politique, mais également un avis des différentes commissions.

C'est très important de consulter et d'analyser d'abord avant d'agir.

Aujourd'hui, nous sommes dans l'action. Dans le cadre du service jeunesse, nous sommes dans l'action. Nous mettons énormément de projets en place. Nous faisons des activités pour les jeunes. Nous faisons des projets pour les jeunes. Nous sommes à côté des jeunes. Mais de l'autre côté, il faut aussi étudier depuis le début : quel est vraiment le besoin politique ? Et quels sont les moyens qui sont mis à disposition ?

Ces projets sont extrêmement importants pour faire cette analyse, pour pouvoir agir après. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver la convention visant à développer le plan communal jeunesse avec la méthode Deutero signée avec la société La trace SARLS SIS.*

Da komme mer zum Punkt 3. Do geet et erëm ëm eng Konventioun mat enger Kollaboratioun. Dës Kéier mat UP Foundation. Do geet et erëm ëm Soutien à la jeunesse. Et geet erëm ëm de Paysage éducatif.

Ech freeë mech wierklech iwwert d'Ënnerstëtzung vun der Oppositioun. Här Hobscheit, ech freeë mech iwwer Äre

Virschlag, deen ee sech wierklech kann duerch de Kapp goe loossen, ob e realistesch wier fir d'Gemeng. Wann Der sot, och evaluéieren. Da musse mer eisen Ekonomist materunzéien.

Dir hutt ee Saz gesot, deen huet mech elo interpelléiert. Ech denken, d'Politik, dat si mir alleguer, déi hei banne sëtzen, mir musse léieren, dass mir net alles ze decidéieren hunn an ze diktéieren hunn. An dass mer d'Leit mat op de Wee huelen. Ech kann Iech versécheren: Zënter ech hei sinn a soulaang ech hei wäert sinn, ass dat meng Demarche, fir ze kucken, fir d'Leit mat op de Wee ze kréien.

Déi zwee Punkten hänken zesummen, sot den Här Weirich. Ech wëll Iech soen, dass Der mierkt, dass mer als Schäfferot eis Aufgab eescht huelen. Virdrun hate mer d'Senioren, elo hu mer d'Jugend.

Nach net allze laang hier hate mer eng Resolutioun hei gemeinsam ugeholl, am Kader vum Parc Gerlache, am Kader vun der Sécherheet hei zu Déifferdeng. An do steet ganz kloer dran, dass mer Preventioun solle leeschten, an dass mer eis sozial d'Problemer ukucke sollen a kucken, fir d'éischt, wou mer stinn a wou mer dann hi wëlle goen.

Ech sinn iwwerzeegt dovunner, dass sech déi zwou Konventiounen hei ganz kloer an de Kader vun der Preventioun aschreiwen.

Wat ëmmer erëm ervirgehuewe gëtt vun alle Säiten, wéi wichteg Jugendaarbecht ass a wéi wichteg d'Engagement vis-à-vis vun der Jugend ass. Déi nun emol aner Revendicatiounen huet nach wéi virun e puer Joer.

An deem Sënn ginn ech d'Wuert dann elo weider. Also ech ka just soen, als Schäfferot huele mer eis Aufgab eescht a mir probéieren eis wierklech op deene Fronten opzestellen, wou mir de Besoin spieren. A wou mer hoffen, am Sënn vun der Saach, dass mer an e puer Joer besser do stinn. Déi Punkten, déi eis elo nach an der Stad Déifferdeng vläicht Problemer maachen.

Fir de Punkt 3), d'Konventioun, géif ech d'Wuert nach eng Kéier un den Här Aguiar ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Il s'agit d'une convention de collaboration avec UP Foundation pour la mise en place d'un paysage éducatif pour soutenir la jeunesse de la Ville de Differdange. C'est quoi, un paysage éducatif ? Un paysage éducatif est une approche qu'on se donne pour travailler en réseau.

Aujourd'hui, nous avons, dans le cadre de la Ville de Differdange, différentes institutions qui se trouvent ici dans la ville et qui interviennent vis-à-vis des jeunes. À ce stade, nous n'avons aucune idée de ce qui se passe réellement ici à Differdange. Le paysage éducatif est un vaste réseau composé de pools éducatifs. Plus un enfant grandit, plus les pools éducatifs se multiplient. Si, au début de la vie, un enfant n'a pour référence que ses parents et la famille proche, au fil du temps, il interagit de plus en plus avec des personnes différentes, qui vont avoir une influence sur son développement.

Les objectifs : instaurer une nouvelle approche de l'éducation. L'éducation sous toutes ses formes. Une approche visant à créer un lien avec les différents pools éducatifs en travaillant sur des objectifs communs.

Il y aura des résultats à moyen et à long terme. C'est bien évidemment l'efficience du travail en réseau en vue d'améliorer la qualité et l'équité de l'éducation. Et aussi le processus de participation qui va devenir plus naturel. En fait, il s'agit de permettre à différentes institutions de travailler davantage en réseau.

Cette convention distingue différentes étapes avec des analyses et des recommandations à la suite des différents ateliers participatifs. Elle appelle à former des groupes d'action pour différents projets locaux. C'est-à-dire que les différentes institutions du réseau vont être appelées à s'investir davantage dans la Ville de Differdange et à fixer des dates pour des rencontres de groupes d'action.

L'échange national Bildungslandschafte Lëtzebuerg à Wiltz aura lieu le 21 avril. Nous souhaiterons être présents lors de cet échange national portant sur la par-

*Christiane Brassel-Rausch souhaite revenir sur le rôle de la politique. Il est important de comprendre que les hommes politiques ne peuvent pas tout décider et tout dicter. Tant qu'elle sera bourgmestre, elle veillera à ce que d'autres acteurs participent également aux projets.*
*Comme l'a dit monsieur Weirich, ce projet-ci est le précédent sont liés. Elle souligne comment le collège échevinal prend son travail au sérieux en soutenant les séniors et les jeunes.*
*Récemment, le conseil communal a adopté une résolution portant sur la sécurité dans le parc Gerlache et à Differdange. Cette résolution rappelle que la Ville de Differdange doit assurer un travail de prévention et dresser un état des lieux avant de prendre des mesures. Or les deux conventions dont il est question aujourd'hui ont à voir avec la prévention. La jeunesse d'aujourd'hui n'a pas les mêmes revendications qu'il y a encore quelques années.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que le collège échevinal prend sa mission au sérieux et essaie d'intervenir là, où c'est nécessaire dans l'espoir d'améliorer rapidement la situation.*
*Christiane Brassel-Rausch cède la parole à monsieur Aguiar.*

**PAULO AGUIAR (DP)** *explique qu'il est question d'un partenariat avec Up Foundation afin de mettre en place un paysage éducatif à Differdange. Les paysages éducatifs servent à travailler en réseau.*
*Actuellement, différentes institutions œuvrent en faveur des jeunes, mais la commune ne connait pas vraiment la situation sur le terrain.*
*Un paysage éducatif est composé de pools évoluant au fil du temps. Un jeune enfant n'a, par exemple, pour référence que ses parents. Mais au fil du temps, d'autres personnes interagissent avec lui et l'influencent.*
*Le travail en réseau, qu'il s'agit de promouvoir, doit permettre d'améliorer la qualité et l'équité de l'éducation.*
*La convention prévoit de former des groupes d'action pour différents projets locaux. Les institutions seront appelées à s'engager davantage.*

*L'échange national* Bildungslandschafte Lëtzebuerg *aura lieu le 21 avril à Wiltz. La Ville de Differdange souhaite être présente. Il y aura des témoignages, des ateliers interactifs et des moments d'échange. Le secteur de l'enfance peut également profiter de certaines offres.*
*Un des objectifs des paysages éducatifs est de mettre en place un plan d'action à intégrer dans le plan communal de la jeunesse. Mais les deux projets sont complémentaires. Le plan communal agit plutôt au niveau de la politique tandis que le paysage éducatif vise la mise en réseau des institutions œuvrant pour les jeunes.*

**CHRISTIANE SAEUL (DP)** *constate que monsieur Aguiar a bien expliqué la convention entre Up Foundation et la Ville de Differdange. Un des objectifs consiste à donner confiance aux jeunes pour qu'ils puissent mener une vie positive. Up Foundation s'engage pour le bien-être, la réussite et l'égalité des chances des enfants.*
*Le projet du paysage éducatif est coordonné par le service de la jeunesse, le wok et le service à l'égalité des chances. Christiane Saeul les remercie pour leur engagement. Les démocrates approuveront la convention.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle que pour la bourgmestre, il est question de prévention. Up Foundation et la Ville de Differdange souhaitent mettre en place un paysage éducatif.*
*Le conseil communal a reçu un document avec toutes les explications en début d'année. Le projet est subdivisé en éducation formelle, éducation non formelle, éducation informelle et éducation sauvage. L'éducation formelle est l'éducation à l'école et à l'université et se solde par des diplômes et certificats. L'éducation non formelle est dispensée par des institutions, clubs, associations… L'éducation informelle comprend tout ce que l'on apprend au quotidien avec sa famille ou ses amis, au travail ou à la maison.*
*L'éducation sauvage, quant à elle, est spontanée et peut s'accompagner de risques. Mais la même* ticipation des enfants et des jeunes. Dans le cadre de ce programme, il y a différents témoignages, des ateliers interactifs et de nombreux moments d'échange.

Important à préciser : le secteur de l'enfance de la commune peut également profiter de différentes offres. Les informations sont systématiquement transmises à différents acteurs du secteur de l'enfance. Et ces acteurs peuvent également profiter de ces différentes offres couvertes par la convention.

L'approche du paysage éducatif est un outil qui doit agir sur le travail en réseau et préparer ce dernier à accueillir et mettre un plan d'action qui sera également développé dans le cadre du plan communal jeunesse.

Encore une fois : c'est complémentaire. Nous avons d'un côté le plan communal jeunesse, qui va agir plutôt au niveau politique, que ce soit au niveau adulte ou jeune, et de l'autre côté, nous avons le réseau, qui va automatiquement être inclus dans le cadre du plan communal jeunesse.

Merci beaucoup.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Madamm Saeul wannechgelift.

**CHRISTIANE SAEUL (DP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Zur Konventioun Paysage éducatif „Soutien à la jeunesse" an Zesummenaarbecht mat der UP Foundation an der Gemeng Déifferdeng.

Den Här Aguiar huet eis dat ganz flott explizéiert. E Projet vun enger Mise en place vu Bildungslandschaften, ënner anerem fir d'Jugend ze ënnerstëtzen, hinnen ze hëllefen, Vertrauen a sech selwer ze developpéieren, fir déi richteg Wiel zu engem positive Liewen ze fannen. D'UP Foundation engagéiert sech fir de Bien-être, d'Reussite, gerecht Chancë fir Kanner a Jugendlecher am edukative Beräich, fräi kënnen ze schwätzen an, zum Beispill, fir besser an dëser Pandemie eens ze ginn.

Koordinéiert gëtt dëse Projet Paysage éducatif „Soutien à la jeunesse" vun eisem Service jeunesse an dem Wok, der Madamm Catia Pereira an a fräier Kollaboratioun mat dem Service Égalité des chances fir Ressourcen ze sichen, wou et Sënn mécht. Chancëgläichheet tëschent Kanner, Jugendlecher an Erwuessenen ass zum Beispill och e Volet.

Merci fir Äert Engagement an dësem Projet. E Projet, deen an dës Zäit passt. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren. D'Demokratesch Partei stëmmt dëse Punkt mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Saeul. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

D'Madamm Buergermeeschtesch huet et virdru gesot, et geet hei ëm Preventioun. D'Konventioun, déi ass mat der UP Foundation, an et ass eng Mise en place du paysage éducatif. Dat Ganzt ass Soutien à la jeunesse de la Ville de Differdange.

Ufank dëses Joers hu mer e flott Dokument kritt, wou déi Bildungslandschaften erkläert si mat sämtlechen Aspekter. D'Andeelung ass: Éducation formelle, Éducation non-formelle, Éducation informelle an Éducation sauvage.

Fir d'Nolauschterer wëll ech dat soen. Ënner Éducation formelle versteet een eise Système scolaire mat Schoul, Uni, Certificat an Diplomer. Éducation non-formelle fält méi an dat Fakultatiivt: Institutiounen, Clibb, Associatiounen, wou déi Jonk allkéiers léiere kënnen. Och déi Al heiansdo.

Ënner Éducation informelle versteet een alles, wat een am Alldag léiert. Duerch Familljen, Frënn, op der Aarbecht oder an der Fräizäit. An der Éducation sauvage geet et ëm dat Spontaant, wat een op aner Manéieren nach ka léieren.

Do ass just ee klenge Punkt: Am Dokument steet, dass dat net ëmmer ouni Risiko ass, wann déi Jonk eppes wëlle

kenneléieren. Dat ass scho richteg. Mee ech denken, dass déi aner dräi: Éducation formelle, non-formelle an informelle och net ëmmer ouni Risiko sinn. Och wann ech elo net op déi Risiken hei aginn.

Den 13. Januar war e Workshop, de 24. Februar e weideren. Et ass och eng éischt Kartographie opgestallt gi mat deene verschiddenen Acteuren, déi um Terrain sinn, déi mer Ufank dëses Joers geschéckt kritt hunn, déi nach weider gefëllt wäert ginn.

Ech erënneren drun, dass all Club invitéiert war, fir e Representant ze schécken, fir un deem Workshop deelzehuelen, fir dass wierklech am Reseau ka geschafft ginn. Fir dass déi Kartographie sou gutt wéi méiglech kann opgestallt ginn, an dass och jidderee kann dee Moment Bescheed wëssen.

Mir soen der Madamm Catia Pereira Merci. Déi gréng stëmmen dëser Konventioun zou.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Hobscheit, wannechgelift.

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Fir d'éischt och vun eiser Säit aus e grousse Merci un de Service jeunesse an un d'Catia Pereira fir déi flott Aarbecht.

Eng Fro hätt ech, well ech dat net aus der Konventioun erausliesen. Vläicht hunn ech och eppes falsch verstan oder eppes iwwersinn. Wat sinn d'Käschte vun där Konventioun fir d'Gemeng Déifferdeng? Dat geet aus der Konventioun net wierklech ervir. Dat wär awer interessant ze wëssen.

D'LSAP dréit dëse Punkt, dee complementaire ass zum Punkt virdrun, mat. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hobscheit. Här Aguiar, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Oui, c'est vrai. On a remarqué qu'il manquait les rajouts. Je pense qu'ils étaient renvoyés hier par mail. Ça coute 22.500 euros.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Da géife mer zum Vott kommen.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 abstention d'approuver la convention de collaboration avec Up-Foundation pour la mise en place du paysage éducatif* Soutien à la jeunesse *de la Ville de Differdange.*

Villmools merci. Da komme mer zum Punkt 3f. Do geet et ëm d'Konventioun mam Reseau vun de Bibliothéiken, de Bibnet. An ech géif dofir d'Wuert un den Här Mangen weiderginn.

**SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Et ass eng Formalitéit, déi mer musse maachen. Sämtlech Bibliothéiken zu Lëtzebuerg sinn elo u Bibnet ugeschloss. Et ass een nationale Reseau, dee vun der Nationalbibliothéik geleet gëtt. Dës Konventioun beschreift d'Zesummenaarbecht tëschent der Déifferdenger Bibliothéik an der Bibliothèque nationale vu Lëtzebuerg.

Et geet hei ënner anerem drëm, wéi d'Personal an de Bibliothéike soll ausgebilt ginn, wéi se solle schaffen, d'Funktiounsweis vun de Bibliothéiken, d'Protection des données an och wéi d'Fortbildung vum Personal soll gemaach ginn.

Et géif mech freeën, wann Der dës Konventioun géift matstëmmen. Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

*chose est vraie pour les trois autres formes d'éducation.*
*Des ateliers ont eu lieu les 13 janvier et 24 février. Une première cartographie a été mise en place. Elle a été envoyée aux différents acteurs du terrain pour qu'ils la complètent.*
*Chaque club peut envoyer un représentant à ces ateliers pour créer un réseau. La cartographie n'en sera que plus détaillée.*
*Nicole Wohl remercie madame Pereira. Les écologistes approuveront la convention.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *remercie à son tour le service de la jeunesse et madame Pereira.*
*Quels sont les couts liés à cette convention ? Pierre Hobscheit n'a pas trouvé d'indications dans le document.*
*Les socialistes approuveront ce point, qui est complémentaire au précédent.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *explique que les couts ne sont pas indiqués, car il manquait des informations arrivées hier. Le projet coute 22 500 €.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention avec Bibnet, le réseau de bibliothèques.*

**ROBERT MANGEN (CSV)** *explique qu'il s'agit d'une formalité. Toutes les bibliothèques luxembourgeoises doivent être connectées à Bibnet, le réseau national dirigé par la Bibliothèque nationale. La convention décrit la coopération entre la bibliothèque de Differdange et la Bibliothèque nationale.*
*Il y est notamment question de la formation du personnel, du fonctionnement de la bibliothèque, de la protection des données et de la formation continue.*
*Robert Mangen demande au conseil communal d'approuver la convention.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un avenant au contrat de bail avec l'État concernant l'EIDE.*

**TOM ULVELING (CSV)** *précise qu'il s'agit de la location de conteneurs sur l'ancien kiss & go de l'EIDE. Le collège échevinal a trouvé un accord financier avec la ministre des Finances. Le loyer se montait à 26 173 € dans une première phase. Mais avec l'installation d'une classe supplémentaire sur le bâtiment, la location a été modifiée du 1er septembre 2020 au 30 septembre 2021. Le loyer est passé à 30 665 € par mois.*
*Il restait un loyer de 28 572 € à payer allant du 1er octobre 2021 au 31 janvier 2022. Depuis le 1er février, le loyer s'élève à 24 162 €.*
*Les loyers augmentent et baissent. En plus, la commune a constaté que le ministère a versé 14 000 € en trop. Une note de crédit a été établie.*
*Lors de la dernière séance, la commune a vendu le terrain à l'EIDE. Lorsque le ministère de l'Intérieur aura approuvé la transaction, il est probable que l'école s'occupe elle-même de la location des conteneurs.*
*Les loyers ont été approuvés par le ministère des Finances. Le conseil communal peut donc les approuver sans réticences.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un contrat de bail portant sur le Markenhaus dans l'avenue de la Liberté avec arcus. Arcus est une ASBL travaillant dans le domaine social, pédagogique et thérapeutique pour les enfants et les jeunes. La structure s'adresse aux personnes connaissant des difficultés d'apprentissage ou des problèmes relationnels, aux jeunes à la recherche d'un logement ou d'un emploi et aux familles.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Mangen. Ech gesinn, et gëtt keng Wuertmeldung, da komme mer direkt zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver la convention de participation au réseau des bibliothèques luxembourgeoises bibnet.lu.*

Da komme mer zum nächste Punkt, deen eis den Här Ulveling presentéiere wäert. Dat ass den zweeten Avenant mat engem Contrat de bail mam Staat, mat Ubaute wéinst dem Kiss and Go vum Campus scolaire EIDE. An da géife mer den Här Ulveling froen, eis dee Punkt virzestellen, wannechgelift. Villmools merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Et geet ëm d'Lokatioun vun deene Containeren, déi mer op dem fréiere Kiss and Go bei der EIDE a fir d'EIDE opgestallt hunn. Mir hunn e Bilan gemaach. Mam Staatsministère respektiv mat der Madamm Finanzministesch gouf een Accord fonnt iwwert déi verschidde Loyeren, déi ze bezuele waren. An enger éischter Phas ware 26.173 Euro ze bezuelen.

Duerno ass eng Classe supplémentaire dropgesat ginn op dat Gebai. Doduerch huet sech d'Lokatioun vum 1.9.2020 bis den 30.9.2021 modifizéiert. Och natierlech, well verschidde Saache scho virdrun ofbezuelt waren. Dofir huet de Loyer dann och changéiert. Do huet ee mussen 30.000 Euro an 30.665 Euro bezuele pro Mount.

An da gëtt et nach ee Loyer, vum 1. Oktober 2021 bis den 31. Januar 2022, wou 28.572 Euro pro Mount ze bezuele waren. À partir vum 1. Februar – mer wollten déi Container kafen, no der Pandemie hat awer d'Firma refuséiert, déi ze verkafen – gouf een neie Präis ausgehandelt an de Loyer ass op 24.162 Euro erofgaangen. Bref, et ass en Hin an Hier. D'Loyere ginn erop an erof. Mee, et ass alles rechtens, wéi dat hei steet. Dobäi kënnt, dass mer festgestallt hunn, dass de Ministère bal 14.000 Euro ze vill bezuelt huet. Déi en dann elo als Note de crédit verrechent kritt op déi Loyeren, déi elo nach ze bezuele sinn.

Mir hoffen elo, nodeem mer an der leschter Sitzung jo den Terrain un d'EIDE verkaaft hunn, wann dat dann aktéiert ass am Ministère de l'Intérieur a mer dat approuvéiert kréien, da misst et am Fong esou sinn, dass d'EIDE sech selwer an Zukunft mat der Lokatioun vun de Container beschäftegt an net dauernd iwwer eis muss fueren. Mee si maachen dat dann direkt selwer mam Fournisseur vun deene Container.

Dëst ass eng Opstellung vun de Loyeren. Et ass esou guttgeheescht gi vum Ministère des Finances. Soudass mer dat, mengen ech, hei kënnen ouni Problem unhuelen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le deuxième avenant au contrat de bail avec l'État portant sur la location d'un bâtiment modulaire à Differdange sur le futur emplacement du kiss & go du campus scolaire de l'EIDE.*

Villmools merci. Den nächste Punkt ass e Contrat de bail mat eisem Markenhaus, Avenue de la Liberté Nummer 7, an arcus – Kanner, Jugend a Famill. Gesitt Der, dass d'Jugend erëm am Fokus steet. Dat ass eng Zesummenaarbecht mat arcus ASBL. Do geet et ëm Sozialaarbecht, ëm pedagogesch Aarbecht an ëm therapeutesch Aarbecht fir Kanner a fir Jonker.

U wie riicht sech dës Struktur? Déi riicht sech zum Beispill u Leit, déi Problemer hu mam Léieren. Leit, déi zwëschemënschlech, relational Problemer hunn. Jonker, déi Problemer hunn, e

Logement ze fannen oder eng Aarbecht ze fannen. Et riicht sech awer och un d'Familen.

Esch huet schonn e Familljenhaus. Mir kréien dann och elo eent. Am Moment sëtze si am Medico, op 23, an der Grousssstrooss, um fënnefte Stack. Déi Gebailechkeete ginn awer schonn ze kleng. Déi ganz Offer hei riicht sech u Kanner a Jonker bis 27 Joer an un hir Famillen.

D'Markenhaus ass an deem Sënn gutt, well et dem Familljenhaus eng méi grouss Visibilitéit an eng besser Accessibilitéit gëtt. De Kredo ass, mer hunn och mam Direkter geschwat, dass mer am Fong un d'Eltere kommen, un d'Famill kommen, un d'Kanner kommen, ier d'Kand am Pëtz läit.

Wat eemoleg ass un dësem Projet, dass vun Ufank un direkt mat der Direktioun vun de Schoule geschwat ginn ass, eise Service scolaire war agebonnen, eise Service SEA, also eis Maisonrelaisen. Et gëtt en Austausch tëschent de verschiddene Servicer an ARCUS. Dat heescht, déi Leit sinn do.

Soubal an de Strukturen, an der Schoul Problemer notéiert ginn, kënne sech souwuel d'Enseignantë wéi d'Educateuren direkt bei ARCUS mellen, fir op en eventuelle Problem hinzeweisen. Hei gëtt net gewaart, bis et ze spéit ass an een duerno muss Pompjee spillen, mee am Viraus intervenéiert.

Dofir ass et och ganz wichteg, d'Eltere vun der Elterevertrieder mat an d'Boot ze huelen. An et ass wichteg, déi Noricht sou wäit wéi méiglech, esou breet wéi méiglech ënner d'Leit ze bréngen, dass eng Hëllef do ass. Dat wäerte mer och maachen. Si kënnen an d'Permanencë kommen, méindes vu 17 bis 19 Auer. Si kënnen awer och op Rendez-vous kommen.

Wat gëtt et do? Et gëtt Consultations thérapeutiques, et gëtt eng Aide familiale. Et gëtt zum Beispill: Wéi féieren ech e Stot? Et ass eng Assistante familiale do, déi d'Famill encadréiert a beréit, wa Problemer an der Famill sinn. Souwuel wat d'Erzéiung, wat dat dagdeeglecht Zesummeliewen ugeet. Och Konflikter hëllefe léisen.

Et gëtt Démarches administratives fir de Leit ze hëllefen, wa se sech iergendwou mussen aschreiwen an net wëssen, wéi dat geet. Et ass och e Volet do, wou eng Mediatioun kënnt tëschent de Famille-d'accueilen an de Famille-biologiquen. Alles fir d'Saach u sech méi einfach ze maachen.

Ech hunn et scho gesot: D'Schoulen, d'Direktioun, d'Maison-relaise alleguerte waren derbäi, wéi mer dee Projet hei ausdiskutéiert hunn. Nach eng Kéier soen ech, wéi wichteg d'Eltere sinn.

Do hu mer awer nach e bëssen Aarbecht, fir d'Eltere mobiliséiert ze kréie fir matzeschaffen. Wichteg ass, dass d'Prise en charge esou séier wéi méiglech gemaach gëtt, well d'Kanner brauchen elo Hëllef. Eis Servicer sinn zum Deel esou iwwerlaf, dass dat Méint dauert, bis iwwerhaapt déi Hëllef ukënnt. An an deem Sënn ass deen heite Projet geduecht.

Wat kascht dat Ganzt? D'Permanencë si gratis. D'Prise en charge gëtt duerch den ONE facturéiert. D'Facture staffelt sech nom Revenu vun der Famill. An déi staffelt sech vun null bis véier Euro d'Stonn. An et ass ganz sielen, dass een déi véier Euro d'Stonn bezilt.

Ech wär frou, wann Der dësem Projet zoustëmme géift.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

D'Madamm Buergermeeschtesch huet elo scho vill gesot. Et geet hei ëm de Contrat de bail an dem Markenhaus um éischte Stack, deen am Moment fir ee Joer ass.

Ech mengen, et ass awer ganz wichteg, dass een nach eng Kéier seet, ëm wat et geet. Et ass esou, dass déi souwuel an der Aide familiale, an der Assistance familiale, am Berodungsdéngscht wéi am Placement familial aktiv sinn. Si sinn och sproochlech ganz gutt opgestallt. Hu Leit, déi Russesch schwätzen. Warscheinlech kréie se der elo, déi Bosnesch schwätzen. Ech denken, dat ka vun Hëllef sinn.

*Esch-sur-Alzette dispose déjà d'une maison familiale. Celle de Differdange se trouve dans la Grand-rue dans le centre médicosocial, mais elle devient trop petite. Le Markenhaus améliorera la visibilité d'arcus. Il s'agit d'atteindre les enfants, les jeunes jusqu'à 27 ans et les familles.*
*Les discussions ont été menées d'entrée avec les écoles, le service scolaire et le SEA. Les enseignants et les éducateurs pourront contacter arcus directement s'ils constatent des problèmes.*
*Il est important de se concerter au préalable avec les parents et de leur faire savoir qu'arcus peut les aider. Les permanences ont lieu le lundi de 17 h à 19 h.*
*Arcus propose des consultations thérapeutiques et une aide familiale. Une assistante familiale encadre et conseille la famille, et l'aide à résoudre les conflits. Elle peut aussi aider les clients dans leurs démarches administratives. Arcus comprend aussi un volet médiation entre les familles d'accueil et les familles biologiques.*
*Christiane Brassel-Rausch répète que les écoles et les maisons relais ont été incluses dès le départ, et que les parents sont importants.*
*Mobiliser les parents ne sera pas facile. La prise en charge des enfants doit avoir lieu le plus vite possible. Car souvent, les familles doivent attendre des mois avant de recevoir le soutien nécessaire.*
*Les permanences sont offertes gratuitement. La prise en charge est facturée par l'ONE sur la base des revenus de la famille. Le tarif est de zéro à quatre euros par heure.*
*Christiane Brassel-Rausch demande au conseil communal d'approuver le projet.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il s'agit d'un contrat de bail d'un an au premier étage du Markenhaus.*
*Arcus est actif dans l'aide familiale, l'assistance familiale, le conseil et le placement familial. Ils ont même des employés parlant le russe.*
*Le projet Arcus a été présenté à la commission scolaire. Arcus travaille avec de nombreux autres services et peut donc diriger les clients*

*le cas échéant. Ils mettent en place les liens entre les intervenants.*
*L'association s'adresse aux enfants et aux jeunes jusqu'à 27 ans, et à leurs familles.*
*Les écoles ont été consultées dès le départ. Il s'agira notamment de prendre en charge un jeune ayant quitté l'école et lui fournir un apprentissage différent.*
*La permanence a lieu le lundi de 15 h à 19 h. Les gens peuvent aussi prendre rendez-vous.*
*Les écologistes approuveront ce point.*

---

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *avait oublié de dire que le vote porte sur la location d'un local de 19,5 m² dans le Markenhaus pour 15 €/m² pour 6 €/m² de charges.*
*Differdange compte beaucoup de structures œuvrant dans le domaine social. Il faut essayer de les connecter, car les gens ne savent plus où aller. Arcus a un rôle important à jouer, parce que l'association peut indiquer aux gens à qui s'adresser.*
*Pour Christiane Brassel-Rausch, il s'agit de faire de la prévention et de s'engager pour les jeunes. Il faut résoudre les problèmes.*
*Le contrat porte 15 mars 2022 au 14 mars 2023. Le loyer annuel se monte à 4 914 € HTVA ou 409,50 € HTVA par mois.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la mise à disposition d'un logement d'urgence au 52, Grand-rue. La commune a mis cet appartement à disposition d'une famille ayant subi un dégât des eaux subi fin décembre. La famille restera dans l'appartement d'urgence jusqu'à ce qu'elle puisse retourner chez elle.*
*Le conseil communal n'ayant pas encore débattu des loyers pour les logements d'urgence, le collège échevinal a décidé d'appliquer les tarifs du Sikor : mille euros par mois.*
*(Vote)*

Ech hat d'Geleeënheet, an der Schoulkommissioun mat der Madamm ze schwätzen, déi de Projet ARCUS virgestallt huet. Et schéngt mer, wéi wa mer definitiv do kéinten eng Vereinfachung kréien. Grad well si mat all deenen anere Servicer schaffen, well se se kennen. Soudass wann een dann dohinnergeet, brauch ee vläicht nach just eng Adress ze kennen a si leeden ee weider. Deen een Deel maache si. Deen anere maache si d'Liene mat deenen aneren Intervenanten, déi schonn um Terrain sinn.

Et ass deemno am Interêt vun de Kanner an de Jugendlecher, dës Kéier vun null bis 27 Joer. Awer och natierlech am Interêt vun de Famillen.

Interessant ass, dass d'Schouldirektiounen an d'Gemeng matagebonne ginn. Et geet och konkreet drëm, ënner anerem, zum Beispill, wéi kann een en Apprentissage fanne fir een, deen opgehalen huet mat der Schoul? Wéi kann deen do en charge geholl ginn? An deem Fall ass et da gutt, wa mer eng Plaz hunn, wou ee sech melle kann.

Am Moment ass et esou, fir d'Leit dobaussen och, dass si elo méindes eng Permanence vu 15 bis 19 Auer hunn, wou ee souwuel uruffe wéi och dohigoe kann. Ech denken, dat ass ganz wichteg.

Mir als Gréng gi ganz gären eis Zoustëmmung zu dësem Punkt.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Madamm Wohl. Dir hutt Recht! Et geet net ëm ARCUS, et geet ëm de Loyer. Ech hat dat elo ganz a mengem Elan vergiess. Et geet ëm de Büro um éischte Stack an eisem Markenhaus vun 19,5 m2. Wou 15 Euro de Meterkaree ze bezuelen ass. A Charge sechs Euro de Meterkaree.

Wéi gesot, et geet ëm eng Vocation sociale, wat ganz wichteg ass, wéi d'Madamm Wohl och ënnerstrach huet. Well mir hu vill Strukturen. An doranner fannt Der och erëm de Plan communal jeunesse. Vläicht hu mer der ze vill. Mir musse se iergendwou bëndelen. Well mir hunn der elo esou vill, dass d'Leit sech net méi erëmfannen an net méi wëssen, wou se wat fannen. An deem Sënn kann ARCUS vläicht e ganz flotte Rôle spillen, dass si d'Leit am Fong dirigéieren, wou se sollen higoen. Dat ass op d'mannst esou ugeduecht.

An, wéi gesot, dat Ganzt schreift sech och an d'Preventioun an. An d'Asetze vun der Gemeng fir jonk Leit. Well, dat ass jo hei scho vu verschiddene Leit festgestallt ginn: Mir hu Problemer. A mir sinn hei fir se probéieren ze léisen.

De Kontrakt geet op ee Joer. Huet de 15. Määerz 2022 ugefaangen a geet bis de 14. Määerz 2023. Si bezuelen ee Loyer annuel vu 4.914 Euro hors TVA. Wat e Monatsloyer mécht vu 409,50 Euro hors TVA.

Merci, Madamm Wohl, dass Der mech drop higewisen hutt. Ech hat vergiess, de Bail virzestellen. Villmools merci.

Wann et keng Wuertmeldung méi dozou gëtt, da bieden ech ëm de Vott.

---

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail avec Arcus Kanner, Jugend a Famill ASBL d'un bureau situé dans le Markenhaus à Differdange – avenue de la Liberté 7.*

---

Villmools merci. Den nächste Punkt ass e Contrat de mise à disposition vun engem Logement d'urgence: 52, Grousssstrooss. Dat ass eng Gemengewunneng, déi mer enger Famill zur Verfügung gestallt hunn, déi Enn Dezember e risege Waasserschued hat, well eppes geplatzt war an hirem Haus a si waren an der Vakanz. Dat Haus stoung deeglaang ënner Waasser. A bis dee Schued behuewen ass, dierfe se op 52, Grand-Rue bleiwen.

Vu dass mir awer nach net iwwert d'Loyeren an esou vun de Gemengewunnengen hei geschwat hunn, huet de Schäfferot decidéiert, dass mer de Leit d'Wunneng am Moment zu de SIKOR-Präisser zur Verfügung stellen. Dat heescht fir 1.000 Euro.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de mise à disposition d'un logement d'urgence à Differdange, 52, Grand-rue.*

Ma da si mer scho beim nächste Punkt. Dat ass e Contrat de bail am Espace de création 1535°. Do geet et ëm zwee Espacen.

Den Här Fletcher. Dat ass en engleschen Artist a schonns eng Rei Jore Locataire am 1535°. Virdrun hat hien och schonn en Atelier op der Zowaasch an de Kënschtlerateliereen. Well seng Aarbecht awer elo ëmmer méi gefrot ass an hie grouss Formater moolt, huet e gefrot, fir méi e groussen Espace ze kréien. Hien huet een neie Bail kritt, well hien elo als Independant ugemellt ass an huet och eng TVA-Nummer. Ab den 1.4. geet en an de Bâtiment A op 108. Hie plënnert aus dem Bâtiment C, aus dem 209.

Dat anert ass No One's SARL. Dat ass eng ganz nei Firma, déi sech op nohalteg unisex Moud fir jiddwereе spezialiséiert. Ab den 1.4. si si am Espace 129 am Bâtiment A. Dat huet sech am Fong jo gutt erginn.

Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Et ass zwar alles gesot, mee ech si ganz besonnesch frou, dass mer elo och No One's Clothes am 1535° hunn, well et einfach eppes aneschters ass an een, deen nohalteg Kleeder mécht. Dat begréisse mer als déi gréng. Ech hat schonn d'leschte Kéier am Gemengerot dovu geschwat. Mee do waren d'Statuten nach net agereecht. Ech si frou, dass et elo souwäit ass. An dass een neien Domän doranneerkënnt. Ech wier frou, wann déi och Succès hätten an déi Déifferdenger Leit de Wee bis dohinner géife fannen. A vläicht och dann do sech kleede kënnen. Wie weess!

Ech soe Merci fir d'Wuert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail concernant des espaces de création au 1535° Creative Hub.*

Villmools merci. Am nächste Punkt geet et ëm eist Lokal an der Rue Michel Rodange, Nummer 14. An ech géif dofir d'Wuert un den Här Paulo De Sousa ginn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Hei geet et ëm e Kontrakt, deen d'Gemeng mam Kleedergeschäft Dendê mécht.

De Leit an Déifferdeng misst et bekannt sinn. Dendê ass e Fraekleedergeschäft. Virdru ware se an der Avenue de la Liberté. D'Madamm huet aus perséinleche Grënn missen ophalen.

Mir si frou, Dendê eng nei Startplaz ze offréieren, well si op eise Braderië vill Evenementer, Moudendefiléen organiséieren, Schmink- a Fashion-Ateliereen ubidden. Wat ee ganz grousse Plus fir eis Stad ass.

Fir d'Strooss ass dat och eng Plus-value, well mir do e puer Kleedergeschäfter hunn, déi ganz diversifiéiert sinn a menger Meenung no keng Konkurrenz ënner sech maachen.

De Vertrag ass ganz klassesch. En ass op dräi Joer gestaffelt. Dat éischt Joer bezuele se 15 Euro, dat zweet Joer 17 an dat drëtt Joer 19 Euro de Meterkaree pro Mount.

Ab dem drëtte Joer, dat heescht am véierte Joer, wann de Kontrakt weidergefouert gëtt, ass de Loyer de Mount op 650 Euro gesat.

Wéi gesot, de Loyer leeft op dräi Joer a kann ëmmer erëm ëm dräi Joer verlän-

*Christiane Brassel-Rausch passe à deux espaces du 1535°. Monsieur Fletscher a demandé un espace plus grand. Il travaille comme indépendant et dispose d'un numéro de TVA. Son bail a donc été adapté. Il passe dans l'atelier 209 du bâtiment C.*
*No One's SARL travaille dans le domaine de la mode durable unisexe. À partir du 1er avril, la société occupera l'espace 129 du bâtiment A.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *se réjouit de compter une société active dans le domaine des vêtements durables au 1535°. Elle espère que les Differdangeois en profiteront.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à un local au 14, rue Michel-Rodange.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *explique qu'il s'agit d'un contrat avec le magasin de vêtement pour femmes Dendê. Dendê se trouvait dans la rue de la Liberté. Mais la gérante a dû arrêter pour des raisons personnelles. Le repreneur continuera à organiser des défilés et des ateliers de maquillage aux braderies, ce qui est un plus pour Differdange.*
*Dans la rue Michel-Rodange se trouvent plusieurs magasins de vêtements, mais ils ne vendent pas de produits similaires et ne sont pas forcément concurrents.*
*Le contrat est classique et porte sur trois ans. Le gérant payera 15 €/m² la première année, 17 €/m² la deuxième et 19 €/m² la troisième. À partir de la quatrième année, si le contrat est renouvelé, le loyer s'élèvera à 650 €.*

*Le collège échevinal a suivi l'avis du comité d'accompagnement économique. Il disposait de deux bons dossiers et a choisi Dendê. Le city manager essaiera de trouver un local pour le second demandeur.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'une boutique avait fermé au 14, rue Michel-Rodange. Elle est contente qu'une autre vienne d'ouvrir et que Dendê rouvre ses portes. (Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à des jardins.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rappelle qu'il s'agit de jardins exploités par des personnes privées. Ils jouxtent le parc de la Chiers.*
*Il s'agit en fait d'une régularisation de la situation. Les contrats fixent par ailleurs des règles sur la non-utilisation de pesticides, l'hygiène…*
*Ils portent sur un an et sont à reconduction tacite.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *voudrait faire dresser un état des lieux. Car prévoir dans le contrat que les arbres ne seront pas coupés alors que la commune ne sait même pas s'il y a des arbres sur le terrain ne sert à rien. On ne pourra pas reprocher au propriétaire d'avoir coupé un arbre dans cinq ans.*
*Frenz Schwachtgen se réjouit que ces terrains restent des jardins. Mais la Ville de Differdange doit se donner les moyens de contrôler la situation. Elle pourrait par exemple prévoir une visite des lieux tous les deux ou trois ans pour vérifier que les termes du contrat soient respectés.*
*(Vote)*

gert ginn. An do gëtt de Loyer mat der Formel, déi Usus ass, gerechent.

Wat de Choix ugeet, do si mir dem Avis vum Comité d'accompagnement économique nogaang. Si haten zwee Dossiere virleien, déi ganz positiv waren. An de Comité hat sech dunn eebe fir Dendê entscheet. Wéi gesot, mir sinn deem Choix nogaang.

Fir deen zweete Kandidat do kuckt de Citymanager och, fir deem e Lokal ze fannen. Deen hat och e ganz flotten Dossier presentéiert. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Den Här De Sousa huet quasi alles gesot. An ech sinn och ganz frou iwwert d'Detailer. An der 14, Rue Michel Rodange huet e Buttek zougemaach. Mir si virun allem frou, dass op där Plaz elo weider eng Aktivitéit bleift. An dësem Fall ass et d'Madamm, déi den Här De Sousa elo grad virgestallt huet, déi de Kleederbuttek Dendê huet. Mir si wierklech frou, dass d'Aktivitéit bleift. Dat ass immens wichteg. De Rescht, ass alles gesot. Mir stëmmen dee Punkt mat.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le contrat de bail commercial pour un local situé au no 14, rue Michel-Rodange à Differdange.*

Villmools merci. Deen nächste Punkt ass och scho bal eng Routine. Et geet ëm d'Gäert. Ech géif dofir dem Här Paulo De Sousa d'Wuert ginn, fir eis dat ze erklären.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Hei geet et ëm déi zwee lescht Kontrakter, déi mer hunn tëschent Privatpersounen, déi dës Gäert scho jorelaang exploitéiere mat der Gemeng. Dëst sinn déi Gäert déi vun der Rue de la Chiers mam Park undocken. Am leschte Gemengerot ass dozou scho vill gesot ginn, datt et eigentlech eng Formalitéit/ Regulariséierung vun der Situatioun ass. Dës Kontrakter reegele Punkten, dat heescht: Keng Notzung vu Pestiziden, Responsabilitéit fir d'Hygiène vum Terrain, keng Beem ofhaen an an an.

Déi Kontrakter gëllen, wéi déi aner och, nëmme fir ee Joer an et gëtt eng Reconduction tacite allkéiers vun engem Joer. Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Ech géif gär kuerz eng Interventioun bäifügen. Ech mengen, et wier och wichteg, wa mer als Gemeng eis géifen e Moyen ginn, d'Personal ze beoptragen, eng Bestandsopnam vun deene Gäert ze maachen. Wa se elo nei verlount ginn. Mir haten der jo d'leschte Kéier. Mer hunn der och elo. Wann ech soen, Beem däerfen net ewechgemaach ginn, an ech weess mol vläicht net, ob iwwerhaapt Beem do sinn, kann ech a fënnef Joer net dohinnergoen a soen, do feelt e Bam. Dat sollt ee wierklech kucken, vum ekologesche Plang.

Ech sinn immens frou, dass mer d'Initiativ geholl hunn, fir déi Plazen dann och gréng ze loossen, respektiv ze exploitéieren am Sënn vun engem gesonde Gaardebau oder vun engem gesonden Ëmfeld. Awer mer mussen eis och d'Moyene ginn, dat ze verifizéieren an ze kontrolléieren. A vläicht sollt een dann all zwee, dräi Joer och eng Kéier do ee klenge Besuch maachen. An och déi Saachen, déi ganz positiv an de Kontrakter sinn, och iwwerpréiwen a

soen: Hei dat do geet oder dat do geet net. An och luewen, wann et ganz schéin ass.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les contrats de bail avec des particuliers portant sur l'exploitation de jardins.*

Merci. Am nächste Punkt geet et ëm eng Autorisation domaniale. Dat ass eng Konventioun, déi tëschent der Gemeng Déifferdeng, dem Staat an der CFL ënnerschriwwe ginn ass. Et geet ëm d'Lotissement an der Péitengerstrooss vun SNHBM op Lauterbann déi Cité, déi do gebaut gëtt. Do ginn zwou Conduitten ënner der Eisebunn erduerch. Eng fir Eau fluviale an eng fir Eau usée.

Mir bezuelen dofir eemol d'Joer 100 Euro. An den éischten Delai war den 1. Juni 2019. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver l'autorisation domaniale n° AD2006 signée avec l'État et les CFL pour la pose et l'exploitation d'une canalisation sous le domaine ferroviaire.*

Elo komme mer zu enger Konventioun mat enger Servitude mat der SOTEL mat der Héichspannungsleitung. Ech hunn awer do nach eng Kommunikatioun ze maachen. Mir hunn eng aner SOTELs-Leitung, déi duerch de Mathendahl féiert. Eng besteeënd Leitung. Do huet d'Gemeng Sue fir den Ëmbau bäigeluecht. An ech kann Iech elo hei matdeelen, dass d'SOTEL eng besteeënd Leitung verstäerkt huet an dofir kann d'Leitung tëschent Nidderkuer a Rodange, déi eeben duerch de Lotissement Mathendahl an d'Cité de la Chiers geet, ewechgeholl ginn. Si gëtt weeder iwwerierdesch nach ënnerierdesch geluecht. An dat wäert d'nächst Woch geschéien.

Dat wollt ech als Kommunikatioun soen, well ech dat gëschter Mëtte gewuer gi sinn.

An da komme mer awer elo zu deem Kontrakt hei, dee virläit. Dat ass eng aner SOTELs-Leitung. Dat ass awer och schonn en ale Projet. Här Hobscheit, Dir gesitt, et sinn e puer Projeten, déi brauchen e bësse méi laang Zäit. Dat hei ass ee Projet vun 2010, deen eng Leitung geplangt hat vun Haucourt-Moulaine a Frankräich bis op d'Arcelorwierk zu Esch/Belval. Dee Virworf war deemools, e bréngt Atomstroum aus Frankräich op Lëtzebuerg. Natierlech ass probéiert ginn, de Projet ze kippen, well d'Leitung net an eisem PAG agedroe war. Staark Oppositioun zu dëser Leitung deemools. Et koume vill Bréiwer, vu Greenpeace awer och vun Awunner an och vun Héisenger Leit.

D'Gemeng Déifferdeng hat a konnt sech dem Projet awer net widdersetzen. Allerdéngs hu mer als Déifferdeng verlaangt, dass d'Leitung soll ënnerierdesch op eisem Territoire lafen. An dat hu mer och erreecht.

Den Impakt op d'Natur war an ass och elo nach ganz geréng. Obschonn de Projet duerch eng Réserve naturelle, de Kiermerchen erduerchleeft. Deemools war dat awer nach Natura2000-Gebitt.

Elo ass de Projet erëm opgetaucht. D'SOTEL hat deemools vergiess, mat de Gemengen eng Konventioun ze ënnerschreiwen. Well si ee ganz klengen Deel iwwer eisen Terrain fueren.

Et ass u sech eng Pro-Forma-Geschicht. D'Autorisatioun vum Ëmweltministère läit vir. An de Fierschter weess och Bescheed.

Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech si frou, dass Der elo déi Bedenken ernimmt, zemools vu Greenpeace, déi effektiv Klo agereecht hate virun iwwer zéng Joer. Ech mengen, dat war 2012.

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe à une convention entre la commune, l'État et les CFL concernant le lotissement Op Lauterbann dans la route de Pétange. Deux conduites passent sous la voie ferrée. La commune doit verser cent euros par an.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à une convention avec SOTEL concernant la ligne à haute tension. Elle signale qu'une autre ligne à haute tension de SOTEL traverse le Mathendahl. Sotel a renforcé une autre ligne. Celle entre Niederkorn et Rodange traversant le Mathendahl sera donc enlevée la semaine prochaine.*
*En ce qui concerne le point à discuter aujourd'hui, il n'a rien de nouveau. Un projet de 2010 prévoyait une ligne à haute tension entre Hautcourt-Moulaine et Esch-Belval. Elle transportait de l'énergie nucléaire au Luxembourg. À l'époque, Greenpeace, les habitants de Differdange et les habitants de Hussigny avaient protesté.*
*Mais la Ville de Differdange n'avait rien pu faire, si ce n'est demander que la ligne à haute tension soit aménagée sous la terre.*
*L'impact sur la nature est limité même si la ligne passe par la réserve naturelle du Kiermerchen, une zone Natura 2000.*
*À l'époque, SOTEL avait oublié de signer des conventions avec les communes concernées. Un bout de la ligne passe par Differdange. Le vote est une formalité. Le ministère de l'Environnement a donné son accord et le garde forestier est au courant.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *précise que Greenpeace avait même porté plainte en 2012. Mais ils ont perdu contre le ministère.*

*Il est possible que de l'énergie nucléaire soit importée au Luxembourg et exploitée dans l'usine d'ArcelorMittal. C'est pourquoi Eric Weirich n'approuvera pas cette convention.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *rétorque qu'il ne s'agit pas d'une possibilité. Il est évident que le Luxembourg importe de l'énergie nucléaire.*
*À l'époque, le terrain en question était une zone Natura 2000. Les communistes s'étaient associés à Greenpeace pour empêcher le projet. Mais la majorité du conseil communal l'a approuvé. Ali Ruckert avait voté contre et fera la même chose aujourd'hui.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce une pause de dix minutes.*
*(Pause)*
*Christiane Brassel-Rausch passe à la politique de recrutement de la commune. L'année dernière, le service du personnel a recruté une personne pour s'occuper de ce volet et professionnaliser le recrutement.*
*Au cours des dernières années, la commune s'est fortement développée. Il est donc devenu important de structurer et formaliser les processus. Cela rendra les recrutements plus transparents.*
*La nouvelle politique de recrutement concerne surtout les CDI. Car pour ce qui est des CDD dans les maisons relais ou le nettoyage, la commune doit se montrer réactive. Parfois, elle n'a que quelques heures pour trouver un remplacement.*
*La priorité doit être de trouver le meilleur candidat pour chaque poste. C'est pourquoi il faut réfléchir au préalable aux compétences nécessaires.*
*D'ailleurs, les dernières offres d'emploi sont de plus en plus détaillées. Le bureau du personnel soutient les services pendant la procédure.*

An do verluer hunn, dee Prozess géint de Ministère.

De Risk ass natierlech present, dass iwwert déi Leitung Atomstroum importéiert gëtt op Lëtzebuerg an am ArcelorMittal-Wierk verschafft gëtt. Dat ass och quasi deen eenzegen Atomstroum, deen zu Lëtzebuerg ukënnt. Dat ass iwwert déi SOTELs-Leitung. An an deem Sënn géif ech dat heiten net matstëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, et ass jo net nëmmen e Risiko do, dass Atomstroum dohinnerkënnt. Mer wëssen, dass a Frankräich dee gréissten Deel vum Stroum Atomstroum ass. An dee soll nach souguer ausgebaut ginn. Et ass also ganz kloer, dass Atomstroum op Lëtzebuerg kënnt.

Ech wëll och drun erënneren, deemools war dat jo eng Natura2000-Zon. Deemools hat d'Kommunistesch Partei sech Greenpeace ugeschloss, fir dass déi Leitung net soll gebaut ginn. Déi grouss Majoritéit vun deem Gemengerot huet deemools derfir gestëmmt.

Ech hunn deemools als Vertrieder vun der KPL dergéintgestëmmt an ech wäert dat och haut nach eng Kéier maachen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 17 voix oui et 2 voix non d'approuver la convention de concession d'une servitude avec la société Sotel en relation avec sa ligne à haute tension souterraine.*

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif elo virschloen, mir maachen eng kleng Paus vun zéng Minutten. Et ass elo 36, wa mer um zéng vir ukommen, da géif de Gemengerot weiderfueren. Villmools merci.

(Paus)

Elo géife mer dann zum Punkt 4 kommen. Do geet et ëm d'Gemengepersonal, haaptsächlech ëm eis Politique de recrutement.

Wéi Der wësst, gouf d'lescht Joer eng Persoun am Personalbüro agestallt, fir ënner anerem de Volet Recrutement ze iwwerhuelen an eis Servicer bei där Prozedur ze ënnerstëtzen. Dëst Dokument ass Deel vun enger Demarche, déi wichteg ass, fir de Recrutement hei op der Gemeng ze professionaliséieren, andeems een e ganz klore Kader schaaft.

Eis Gemeng ass an deene leschte Jore vill gewuess. A wat eng Organisatioun méi wiisst, wat et och méi wichteg ass, Ofleef ze strukturéieren an ze formaliséieren. Dëst wollte mer mat dësem Dokument maachen. An dozou bäidroen, méi Transparenz beim Recrutement ze schafen.

Ech hiewen elo just e puer wichteg Punkte vun dëser Politique de recrutement ervir, déi mer festgehalen hunn.

Si betrëfft laangfristeg Engagementer, also CDIen. D'CDDen, déi ginn haaptsächlech a Servicer wéi dem SEA oder dem Nettoyage agesat. Wou et da wichteg ass, reaktiv ze sinn, fir Leit, déi ausfalen, schnell ze ersetzen. Heiansdo schwätze mer do och vun nëmmen e puer Stonnen.

D'Prioritéit bei all Recrutement soll sinn – an dat ënnersträichen ech hei –, dee beschte Kandidat fir e bestëmmte Posten ze fannen. An dofir musse mer eis am Virfeld Gedanke maachen iwwert d'Selektiounskrittären an d'Kompetenzen, déi fir dee Poste gebraucht ginn.

Dir hutt dat an eise leschten Ausschreiwunge scho gesinn. Déi ginn ëmmer méi detailléiert. All Publication de poste soll iwwert de Personalbüro lafen, deen u sech all d'Servicer bei der gesamter Prozedur ënnerstëtzt.

Eng vun den Haaptännerungen, déi dës Politik mat sech bréngt, ass d'Kompositioun vum Comité de recrutement, deen am November 2019 agefouert ginn ass.

Mir gi gären op de Wee, d'Unzuel vun de Bedeelegten op véier Leit ze limitéieren. Zurzäit sinn a verschiddene Recrutemente bis zu siwen, wann net aacht Leit bei engem Virstellungsgespräich present, wat wäit iwwert deem läit, wat u sech recommandéiert ass, fir e Virstellungsgespréich de bonne pratique auszeféieren.

Firwat? Bei siwe Leit kënnt ee sech vir wéi virun engem Jury an dat ass net grad, mengen ech, fir de Kandidat favorabel. Dat heescht éischtens ass e gehemmt. Zweetens ass en ageschüchtert. An doduerch kann e vläicht dann och eng negativ Attitüd oder kënnen déi vill Leit en negativ beandrocken a beaflossen.

Dann ass nach ervirzehiewen, dass mer ënner dem Punkt Égalité des chances et diversité proposéieren, an eisen Annoncen den M/F, masculin oder féminin, duerch M/F/D ze ersetzen. Dat heescht: masculin, féminin, divers. An ee Saz bäizefügen, fir méi explizitt eist Engagement a Saachen Inklusioun an Diversitéit ze markéieren. An Däitschland zum Beispill mussen zanter dem 1. Januar 2019 all Annoncë genderneutral formuléiert ginn. Do ass M/F an D souguer eng rechtlech Obligatioun.

Dat si meng Remarken, déi ech zu der Politique de recrutement ze maachen hätt. Ech mengen, eise Comité de recrutement war eng Reaktioun op Saachen, déi virdru geschitt sinn. Op déi ech keen Afloss hat. Op déi ech och net wëll agoen. Awer wat ganz wichteg ass: Dat ass iwwer Jore vläicht net esou gelaf, wéi et hätt solle lafen. An hei ass elo fir an Zukunft eng Struktur ze hunn, déi kloer festleet, wéi mer Leit rekrutéieren. A wéi gesot, d'Zil ass nach ëmmer Professionalisatioun an d'Kompetenzen op der richteger Plaz ze engagéieren.

Mir haten eng Reunioun mat de Fraktiounen doriwwer. A méi hätt ech elo zu deem Punkt net ze soen.

Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Zur Politique de recrutement. Ech wëll op ee Saz agoen, deen direkt am Ufank vum Dokument ugefouert ass: „La commission doit assurer l'absence d'influence politique dans le processus de recrutement et de relation". Do gesi mer jo schonn, ëm wat et geet. Dir hutt et scho gesot, ëm d'Kompetenz, de Profil steet am Mëttelpunkt an net d'Influence, aner Influenzen oder Bekanntschaften, mat engem eventuelle Kandidat.

Déi fir de Moment applizéiert Prozedur gouf viru ronn zwee Joer agefouert. Dir waart drop agaangen, dat war nom Depart vum ehemolege Buergermeeschter. Déi war deemools zwëschen Majoritéit an Oppositioun ausgehandelt ginn, souzesoen als eng vertrauensbildend Moossnam. Et ass drëms gaangen, dass och en Oppositiounspolitiker am sougenannte Comité de recrutement sollt derbäi sinn. Wéi dat zum Beispill och an der Gemeng Esch de Fall ass. Also dat ass elo net, dass dat elo eng extra Mesure war. Mee dat gëtt et och schonn an anere Gemengen.

Elo gi mir dëst Prinzip erëm op duerch eng nei Prozedur, wou de Profil vum Poste à recruter kloer defineiert ass. Den Appel à candidatures an och de Verlaf vum Entretien de sélection ass och ganz kloer festgehalen.

Och d'Krittären, déi beim Recrutement ausschlaggeebend sinn, sinn am Dokument beschriwwen.

D'Zuel vun de Recruteuren, dat hutt Der och gesot, soll op véier begrenzt ginn. Do wollt ech soen – mir haten och schonn doriwwer rieds: Duerch déi véier ass praktesch d'Méiglechkeet vun enger Participatioun vun engem Membre vum Gemengerot, och wann deen optional nach an deem Dokument opgefouert ass, praktesch ausgeschloss.

Dat ass dann eeben eng Konsequenz. Ech mengen, de Rescht ass jo alles an der Prozedur, wéi dat alles ofzelafen huet. Wichteg ass hei – dat muss een awer och respektéieren –, dass déi Zuel net ze grouss gëtt vis-à-vis vun deene Leit, déi dann déi aner Säit vum Dësch sëtzen. Ech war jo eng Partie Kéieren dobäi. Ech muss soen, do waren och

*Un comité de recrutement a été introduit en novembre 2019. Le collège échevinal voudrait limiter le nombre de personnes participant aux recrutements à quatre. Actuellement, il y en a parfois sept, ce qui est largement plus que ce qui est recommandé. Le candidat ne doit pas avoir l'impression d'être devant un jury.*

*Le collège échevinal propose ensuite de remplacer la mention M/F par la mention M/F/D au nom de la diversité. En Allemagne, toutes les annonces sont neutres depuis le 1er janvier 2019.*

*Christiane Brassel-Rausch estime que la création du comité de recrutement était une conséquence d'évènements survenus a§vant qu'elle ne devienne bourgmestre. Il est possible que pendant des années, les recrutements ne se soient pas déroulés comme ils devaient. Mais à l'avenir, l'objectif devra être de recruter les gens en fonction de leurs compétences.*

*Le collège échevinal a organisé une réunion avec les fractions à ce sujet.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *lit la première phrase du document : « La commission doit assurer l'absence d'influence politique dans le processus de recrutement et de relation. » Cela démontre que les compétences doivent être au centre du processus et pas l'influence ou les connaissances.*

*La procédure actuelle a été mise en place après le départ de l'ancien bourgmestre pour rétablir la confiance entre la majorité et l'opposition. Des membres de l'opposition font partie du comité de recrutement.*

*Le nouveau processus prévoit des appels à candidatures détaillés et des entretiens de sélections clairement structurés. Les critères de recrutement sont transparents.*

*En limitant le nombre de recruteurs à quatre, il est pratiquement impossible pour un conseiller communal de participer aux entretiens même si théoriquement, cela reste possible. Mais il est important que le candidat se sente à l'aise.*

*Erny Muller a participé à plusieurs recrutements et a constaté que les services sont souvent surreprésen-*

*tés. Peut-être le collège échevinal pourrait-il agir de ce côté-là…*
*Les socialistes sont d'accord avec la procédure consistant à recruter les personnes les plus compétentes sans pour autant exclure qui que ce soit — notamment les jeunes Differdangeois.*
*Bien sûr, il faut dresser un profil et chercher le meilleur candidat. Mais si le niveau est comparable, il faudra donner une chance aux Differdangeois. Dans ce contexte, il sera important que les structures communales soutiennent les jeunes, mais aussi les personnes de plus de cinquante ans, qui ont souvent du mal à trouver un emploi.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *souhaite effectivement réduire le nombre de recruteurs lors des entretiens. Pour les embauches dans les maisons relais, les services étaient fortement représentés à cause des nombreux sites concernés.*
*La bourgmestre tient à remercier madame Sonia Oliveira pour son travail compétent. Elle a passé beaucoup de temps à élaborer ce document au service de la commune et au service de Differdange.*
*Pour ce qui est des jeunes et des personnes de plus de cinquante ans, Christiane Brassel-Rausch signale que des portiers de plus de cinquante ans ont été recrutés. Pour le moment, les échos sont positifs.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *n'avait pas prévu de prendre la parole, mais il souhaite malgré tout dire quelques mots.*
*Il remercie à son tour madame Oliveira. Le document et la procédure mise en place sont vraiment professionnels. Cela est d'autant plus important que la commune compte quelque 800 employés. Il fallait adapter la politique de recrutement pour qu'elle soit neutre, professionnelle et juste.*
*Eric Weirich regrette que le nombre de recruteurs soit limité à quatre, car il est improbable que l'opposition puisse encore participer aux entretiens. Mais madame Oliveira a fourni les explications nécessaires à ce sujet. Pour un candidat, il peut être effrayant de se retrouver face à sept ou huit personnes.*

d'Servicer relativ oft zueleméisseg héich vertrueden. Dat kéint een och nach e bëssen zréckschalten.

Am Allgemenge kënne mir als LSAP mat enger Prozedur liewen, déi neutral ass a wou d'Kompetenzen an de Profil am beschte stëmmen, ouni awer een auszeschléissen. Hei denke mir speziell u jonk Déifferdenger Bewerberinnen a Berwerber, besonnesch wa si ouni Aarbecht sinn.

Dat heescht am Prinzip: Jo, et huet een e Profil, et kuckt een, déi beschtméiglech Kandidatin a Kandidat dorop ze fannen. Mir sollen awer och kucken, wann änlech Kandidaten a Kandidatinnen zur Verfügung stinn an eiser Gemeng, fir op d'mannst bei der Selektioun, also an der Shortlist, deenen eng Méiglechkeet ze ginn, fir sech do och virzestellen. Well mir hunn och eng Verantwortung an deem Sënn fir eis Populatioun.

An dësem Kontext wëlle mir als LSAP en Appell un d'Buergermeeschtesch maachen, sech drëm ze këmmeren, dass eis Strukture souwuel Jonken op der Sich no enger Aarbechtsplaz wéi awer och Awunnerinnen an Awunner iwwer 50 Joer, déi jo bekanntlech och net einfach ze vermëttele sinn an nom Verloscht vun hirer Aarbechtsplaz et ganz schwéier hu sech erëm ze reorientéieren, och eng Hand matunzepaken. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Dir hutt Recht. Ech hu vergiess drop hinzeweisen, dass mer och amgaang sinn, fir beim Recrutement manner Leit vun eise Servicer derbäizehunn. Mir schwätze jo ganz kloer elo zum Beispill vun den SEAen, wou mer wierklech heiansdo zu siwen, aacht do souzen, dass och dann d'Servicer stellvertriedend fir aner Haiser sinn. Dat ass jo doduerch komm, well mer sou vill Sitten hunn. Dat ass ugeduecht.

Awer, wat ech ganz vergiess hat, dat ass virun allem der Madamm Sonia Oliveira vun hei aus e ganz grousse Merci auszeschwätzen, éischtens fir hir Kompetenz, déi si un den Dag geluecht huet. Si schafft elo praktesch ee Joer bei eis. Ech mengen, mir hunn do déi richteg Kandidatin erausgesicht, fir dat, wat mer gebraucht hunn. A si huet ganz vill Zäit domat verbruecht, fir dat Dokument hei auszeschaffen am Sënn vun der Gemeng an am Sënn, denken ech, vun Déifferdeng.

An natierlech, Här Muller, Jonker a Leit iwwer 50 Joer. Dir wësst jo, dass mer elo Portieren hunn, an do si mer zum Beispill op de Wee gaangen, fir Leit iwwer 50 Joer aus der Laangzäitaarbechtslosegkeet erauszehuelen. An ech kann Iech soen, d'Leit um Terrain sinn absolutt zefridde mat där Decisioun. A begréisse se. Mir kréien u sech nëmme gutt Echoen, wat de Portier op de Sitten – Portieren, déi mer net Portieren däerfen nennen – ausmécht.

Den Här Weirich hat sech gemellt an den Här Meisch. Här Weirich, et ass un Iech.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Ech hat mech zwar net gemellt, mee ech soen awer gären e Wuert dozou. Et ass an der Rei. Ech wollt souwisou dozou schwätzen. Merci awer fir d'Wuert.

Ech kann dat just confirméieren, wat scho gesot ginn ass. E grousse Merci un d'Madamm Sonia Oliveira. Ech war d'viregt Woch mat dobäi, wou mer eis als Fraktioune getraff hunn a wou d'Madamm Oliveira eis dat virgestallt huet. Dat ass e ganz professionellt Dokument a Prozedur, déi mer eis do ginn als Gemeng, als Stad Déifferdeng.

An ech mengen, et ass och wichteg. Mir sinn awer schonn e mëttelgréissere Betrib vu ronn 800 Employéen. An do ass et wichteg, dass d'Politique de recrutement deementspriechend adaptéiert ass. An esou neutral wéi méiglech, sou professionell wéi méiglech a sou fair wéi méiglech opgestallt gëtt.

Dat heescht: An deem Sënn nach eng Kéier schléissen ech mech deem un.

Et ass natierlech e bësse schued, déi Geschicht, dass et op véier Leit limitéiert gëtt, an dass ee quasi als Oppositiounspolitiker, mengen ech, net méi wierklech zum Zuch kënnt, fir bei de Virstellungsgespréicher dobäi ze sinn.

Mee no den Erklärunge vun der Madamm Oliveira gesinn ech dat awer total an, dass een dat, sou gutt wéi et geet, op véier limitéiert, déi dem Kandidat oder der Kandidatin vis-à-vis stinn. Well ech war och selwer schonn a Virstellungsgespréicher dobäi, wou mir zu sechs, siwe stoungen. Munch Kandidaten, déi si quasi fortgelaf, well et ass schrecklech, wann een do siwen, aacht, zéng Leit do stoen huet a jiddwereе seng Froe stellt. Dowéinst fannen ech dat an deem Sënn gutt. Mee eebe schued fir eis, dass mir e bëssen déi Méiglechkeet geholl kréien, als Oppositiounspolitiker dobäizesinn.

Am grousse Ganzen ass dat awer e staarkt Dokument, wat ech matdroe fir déi Lénk. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Weirich. Dir wësst jo, Dir kënnt all Moment de Personalbüro kontaktéiere bei Froen. Dat steet jo och explizitt am Dokument. An dee steet Iech dann zur Verfügung.

Här Liesch, Dir hat awer d'Wuert gefrot.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Jo, ech hat et gefrot. D'Madamm Pregno hunn ech gefrot, fir si ass et okay.

Mir begréissen dat Dokument och. Ech mengen, datt mer eis mat der Madamm Oliveira, also mat deem Service, dee mer do op d'Been gesat hunn – ech ralliéiere mech de Wierder vum Här Weirich –, hu mir eis am Fong professionaliséiert, wat de Recrutement ugeet. Wat eng gutt Saach ass.

Mir sinn effektiv eng gréisser Gemeng mat ville Leit. An dann ass dat heite scho ganz wichteg, dass mer dee Schratt hei maachen.

An och déi Rekrutementer, wéi et am Dokument elo drasteet, wéi mer elo virginn. Ech mengen, dass dat fir jiddwereen novollzéibar an transparent ass. Wou all Favoritismus an all déi Saachen eigentlech komplett eraus sinn. Dat ass absolutt dénglech fir d'Gemeng. Duerfir kënne mer eis dësem Dokument hei nëmmen uschléissen an och de Mercien.

Et mierkt een, dass wann een eng richteg Persoun op där richteger Plaz huet, dass do nei Iddien entstinn, en neien Elan an eppes erakënnt, wou ee virdrun net dru geduecht huet. Et ass net, dass een do engem e Reproche mécht. Mee déi lescht Joren ass et eeben esou gelaf, wéi mer eis dat ëmmer virgestallt hunn, wéi mer gemengt hunn, dass mer et richteg maachen. A wann een dann awer eng richteg Persoun astellt, da kritt een eng Professionaliséierung, déi een op een aneren Niveau bréngt. An dat gesi mer hei als Resultat aus deem Dokument. Duerfir kënne mer och nëmmen derfir stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Villmools merci, Här Liesch. Här Meisch, wannechgelift.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci, Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et ass gutt, sech konkreet Richtlinnen a professionell Strukturen ze ginn, wat de Rekrutement ugeet. Et ass gutt, déi ganz Prozedur och textuell festzehalen. Wat elo hei geschitt ass.

Et gouf schonn ugeschnidden, e politeschen Afloss soll bei den Astellungen evitéiert ginn. Déi Diskussioun ass net nei. Grad dowéinst musse mer punktuell Presenze vun Oppositiounsgemengerotsmembere weider méiglech maache bei Virstellungsgespréicher. An dat net nëmme fir Fonctionnairen oder Employéen, mee beispillsweis och fir Aarbechterposten. Wat jo elo geännert soll ginn.

Och si mer net der Meenung, dass iwwer véier Leit fir e Virstellungsgespréich ze vill wär. Do hunn ech ganz aner Erfarungswäerter, och op Gemengenniveau.

Netdestotrotz fanne mer et gutt, dass dat Dokument hei ausgeschafft gouf. Och wa mer punktuell Verschiddenes aneschters geschriwwen hätten, stëmme mir dësen Text gäre mat. Mir soen

*Déi Lénk approuvera le document.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que monsieur Weirich peut contacter le service du personnel à tout moment s'il a des questions.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *estime que le recrutement a été professionnalisé grâce à madame Oliveira et au service du personnel. Differdange étant une grande commune, il était important d'aller dans cette direction.*
*Le document présenté est facile à comprendre et transparent. Il vise à éliminer toute forme de favoritisme. C'est une bonne chose pour la commune.*
*Engager la bonne personne au bon endroit permet de lancer de nouvelles idées et de créer un élan dans le service.*
*Georges Liesch ne veut faire de reproches à personnes. Au cours des dernières années, la commune a recruté son personnel en faisant de son mieux et en pensant bien faire. Mais avec la bonne personne au service du personnel, on constate que le niveau de professionnalisation est tout autre. Le résultat se voit dans ce document.*
*Les écologistes l'approuveront.*

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *trouve aussi qu'il fallait professionnaliser la politique des recrutements.*
*La procédure a été retenue par écrit, ce qui est une bonne chose.*
*Les recrutements doivent se faire sans aucune influence politique. Cette discussion n'a rien de nouveau. C'est pourquoi il faut continuer à s'assurer que des membres de l'opposition participent aux entretiens d'embauche — à la fois de fonctionnaires, d'employés ou de salariés.*
*François Meisch ne pense pas non plus que le nombre de recruteurs était trop élevé jusqu'à présent. Il en a fait l'expérience.*
*Malgré tout, ce document a le mérite d'exister. Et même si les démocrates auraient modifié certains points, ils voteront pour.*
*François Meisch remercie le bureau du personnel.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *rappelle que la commune a décidé de rendre la politique des recrutements plus transparente il y a trois ans. La commune compte quelque 800 employés.*
*Les entretiens d'embauche permettent à un candidat d'être recruté. Beaucoup d'autres sont refusés. C'est pourquoi le processus doit être transparent et équitable.*
*Bien entendu, à profil égal, on pourrait favoriser les Differdangeois.*
*Le processus de recrutement doit être standardisé et harmonisé. Les recrutements doivent se dérouler de la même manière dans tous les services.*
*Une fois le candidat recruté, la commune devra le soutenir et lui communiquer tout ce qu'il doit savoir pour qu'il puisse s'y retrouver au sein de la commune et réaliser du bon travail.*
*Jerry Hartung comprend que le collège échevinal limite le nombre de recruteurs à quatre. Mais il est surprenant que la présence d'un échevin et d'un membre de l'opposition soit optionnelle. Car l'échevin porte la responsabilité politique du choix. En ce qui concerne la présence de l'opposition, Jerry Hartung ne sait pas si elle représente une plus-value, mais elle donne un sentiment de transparence.*
*Il remercie madame Oliveira et approuvera le document.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *rétorque que s'il s'agit de dépolitiser le processus, la présence d'un échevin n'est pas nécessaire. L'objectif est de professionnaliser les recrutements.*

**TOM ULVELING (CSV)** *entend participer aux recrutements, car il aime savoir avec qui lui et ses équipes vont travailler.*
*Monsieur Muller a mentionné les critères. Mais la commune a toujours appliqué des critères sociaux par exemple.*

dem Personalbüro villmools Merci fir d'Ausschaffen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Merci. D'Déifferdenger CSV begréisst dëst Dokument. Viru ronn dräi Joer si mer op de Wee gaangen, fir déi ganz Astellungspolitik méi transparent ze gestalten. Hei ass elo, mat de ville gesammelten Erfarungswäerter, de Guide derfir.

D'Gemeng ass ee grousse Betrib mat ronn 800 Mataarbechter. Deemno musse reegelméisseg Leit agestallt ginn. Am Virfeld ginn da vill Astellungsgespréicher gefouert, wou e puer Leit ee Kandidat mussen eraussichen, deen d'Chance kritt, fir bei der Gemeng ugestallt ze ginn.

Gläichzäiteg gëtt et sëllege Leit, déi leider eng Ofso musse kréien. Dofir muss beim Choix Fairness an Transparenz garantéiert sinn an de politeschen Afloss erausgeholl ginn. Dëst garantéiert, datt een e Kandidat eraussicht, deen am beschte fir dës Aarbecht gëeegent ass.

Natierlech soll, wann d'Profiller gutt sinn, gekuckt ginn, awéiwäit een Déifferdenger Leit och kann e bësse virzéien.

Insgesamt ass ganz ze recommandéieren, datt dee ganze Recrutement elo méi standardiséiert an harmoniséiert gëtt. Dat heescht, datt et an all Service d'selwecht ofleeft.

Dat ass u sech de Gros vum Inhalt vun dësem Dokument. Doriwwer eraus hält d'Dokument awer och fest, datt wann d'Leit bis erausgesicht sinn, wéi déi dann ënnerstëtzt ginn, datt se op hirer neier Plaz gutt kënne starten, andeem hinne vermëttelt gëtt, wéi a wat se alles musse wëssen. Zum Beispill dee ganzen informatesche System an d'Ofleef hannendrun, fir an deem groussen Apparat, der Déifferdenger Gemeng, sech zurechtzefannen. Fir duerno d'Aarbecht gutt verriichten ze kënnen.

Mir verstinn natierlech och, datt et Sënn mécht, fir d'Recruteuren op véier ze reduzéieren. Fannen et just effektiv och e bësse komesch, datt dat beim zoustännege Schäffen a bei dem Vertrieder vun der Oppositioun optional hannendru steet. Ech denken, den zoustännege Schäffen ass jo awer deen, deen d'politesch Responsabilitéit herno huet. Fir eis ass kloer, datt deen awer muss dobäi sinn. Vun der Oppositioun war dat u sech virun dräi Joer awer flott. Et kann een driwwer streiden, ob et eng Plus-value ass oder net. Et huet u sech no bausse fir Transparenz geschwat.

Netdestotrotz stëmme mer dat heiten Dokument mat. Mer gesinn de Sënn an Zweck a wëllen der Madamm Oliveira och Merci soe fir déi ganz Aarbecht. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Ech wëll Iech ganz kloer drop äntwerten. Wann et ass, fir de Prozess ze entpolitiséieren, brauch kee Schäffen néierewou derbäizesi beim Rekrutement. Dat ass u sech eist Objektiv. Mäint op jiddwer Fall! An dofir ass dat, dass de Schäffen optional do ass. E ka sech derbäimellen. Mee e muss net derbäisinn.

A wa mer gären hätten, dass d'Politik sech gréisstméiglech do eraushält, wou mer jo soen, mir ginn op eng Professionaliséierung vum Recrutement, an Dir gesitt, et kënnt jo schonn hei erëm eng Ustellung, da muss dat keng Conditio sine qua non sinn, dass do e Schäffe soll derbäisinn. En huet d'Méiglechkeet.

Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech wäert jiddefalls dobäisinn, well et mech ëmmer interesséiert, mat wiem ech an Zukunft deelweis muss schaffen, respektiv meng Leit musse schaffen.

Ech wollt zum Här Muller nach soen: Dir hutt et e bëssen ugedeit, Dir wësst, mir hunn ëmmer déi verschidde Krit-

tären awer nach zousätzlech ugewannt, notamment sozial Krittären, mir hunn och mol Handicap-Krittären ugewannt. Well mer jo do och e gewëssene Ratio mussen hunn, dee mer nach net erreecht hunn. Soudass een dat awer och muss berécksiichtegen.

Mam Alter, et ass kloer, dass mer och emol, d'Madamm Buergermeeschter huet et jo gesot, méi Eelerer agestallt hunn. Mee et muss een natierlech och d'Alterspyramid vu sengem Service kucken. An do passt et heiansdo net. Wann s de der lauter hues, déi bal an d'Pensioun ginn, wann s de dann do nach méi en Eeleren dobäisetz. Quitte dass dee vläicht déi néideg Kompetenz an Erfarung hätt. Esou musse mer dann eeben heiansdo kucken, dass mer de Service awer verjénge respektiv esou gestalten, dass net all d'Leit op eemol matenee fort sinn an dann ass keen Knowhow méi do.

Dat wollt ech just soen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Här Hobscheit, wannechgelift.

#### PIERRE HOBSCHEIT (LSAP):

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen, Dir Hären, ech wollt just, als klenge Complement zu deem, wat elo schonn alles gesot gouf an deem ech mech och kann uschléissen, nach eppes soen, wat ech schonn eng Kéier am Kader vu menger Budgetsried gesot hat. Dass een de Recrutementsprozess standardiséiert a verschidde Richtlinne festleet ass gutt. Dat ass wichteg a richteg. Mee dat ka just eng éischt Etapp sinn.

Et ass elo e puermol hei ugeklongen, wat fir ee grousse Betrib d'Stad Déifferdeng mëttlerweil ass, mat 800 Leit. Mee et ass och wichteg ze wësse punkto Rekrutement: Wou wëlle mer hin an zwee, dräi, véier Joer ? Wou si mer an zwee, dräi, véier Joer mat eise Rekrutementer drun? Dass een deen Exercice mécht a kuckt: Wat ass d'Entwécklung iwwert déi nächst zwee, dräi, véier Joer?

Et gëtt Methoden, fir dat ze berechnen. Den Exercice ass e bësse schwéierfälleg, e bëssen ustrengend. Mee en ass awer bestëmmt net vu Muttwëll. Well mer eis jo och bei all Budgetsdebatt driwwer eens sinn, dass eis Personalkäschten ëmmer méi klammen a klammen a klammen an ëmmer méi e grousse Deel vun eisem ordinäre Budget ausmaachen.

Duerfir mengen ech, wär et interessant, deen Exercice an enger nächster Phas ze maachen. Sech dohinzesetzen an ze soen: Wann eis Populatioun an deem Rhythmus weider wiisst, wéi se am Moment wiisst, wat heescht dat iwwerhaapt fir eis Servicer? Wat heescht dat, zum Beispill, fir e Biergeramt? Wéi vill Prozedure méi mussen dann am Biergeramt gemaach ginn, wann d'Populatioun esou vill wiisst? An da kann een dat alles ausrechnen.

Dat ass natierlech keng honnertprozenteg exakt Wëssenschaft. Mee et fënnt een awer eraus, dass een dann, zum Beispill an engem Biergeramt, iwwert déi nächst zwee, dräi, véier Joer vläicht nach zwee, dräi Leit misst astellen.

Deen Exercice kann een am Fong pro Service maachen. Domat kritt een e bessert Gesamtbild, wou een do drun ass. Beim Staat, zum Beispill de CGPO, also d'Personalverwaltung vum Staat, huet iwwert déi lescht Joren immens vill evoluéiert an immens vill ausgeschafft. Vläicht wär et op Gemengenniveau gutt, wann d'Gemenge sech eng Kéier géifen zesummendinn a kucken, wéi d'Gemengen unhand vun deem, wat beim Staat alles entstanen ass, och kéinte profitéieren.

Well et e wichtegen Exercice ass, dass een och cibléiert astellt, dass ee weess, wou ee muss astellen a wou een iwwert déi nächst Jore sech personell nach muss weiderentwéckelen. Merci.

#### BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Hobscheit. Dir hutt déi Froe schonn an engem viregte Gemengerot gestallt. Just fir Iech ze soen, an e puer Dokumenter weider wäert Der gesinn, dass en zousätzleche Poste besat gëtt am Personalbüro.

*Elle est en effet tenue de recruter un certain nombre de personnes handicapées. Il faut en tenir compte.*
*Pour ce qui est de l'âge, la bourgmestre a expliqué que la commune a recruté plus de personnes âgées. Mais il faut tenir compte de la pyramide des âges d'un service. Il est difficile de choisir une personne plus âgée si les autres membres du service sont proches de la retraite. Et cela, peu importe l'expérience et les compétences. Il faut éviter que tous partent en même temps.*

**PIERRE HOBSCHEIT (LSAP)** *souhaite répéter quelque chose qu'il avait dit lors des débats budgétaires. La standardisation du processus de recrutement ne peut être qu'une première étape. La commune compte déjà 800 employés. Elle doit donc réfléchir à sa position dans deux, trois ou quatre ans. Comment le personnel va-t-il évoluer ?*
*Faire ce type d'évaluation est fastidieux et prend du temps, mais il est nécessaire. Car les frais de personnel ne cessent de grimper et représentent une part toujours plus importante des dépenses ordinaires. Pierre Hobscheit répète qu'il faut faire ces calculs. Si la population continue de croitre, quelles seront les conséquences pour le personnel communal, les services et le Biergeramt ?*
*Bien entendu, il ne s'agit pas d'une science exacte. Mais la commune pourrait, par exemple, estimer à trois personnes, le nombre de nouveaux employés du Biergeramt nécessaires dans trois ou quatre ans.*
*Ce type d'exercice doit être fait pour chaque service. De cette façon, le collège échevinal disposera d'un état des lieux. Les communes pourraient s'inspirer de ce qu'a fait le Centre de gestion du personnel de l'État au cours des dernières années. L'évolution a été conséquente. Pierre Hobscheit répète qu'il est important de bien cibler les recrutements et d'estimer où des évolutions sont nécessaires.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *signale à monsieur Hobscheit que le service du personnel va être renforcé.*
*Elle l'informe par ailleurs qu'une première réunion a eu lieu avec les*

*chefs de service concernant la gestion par objectifs. Or il existe justement des directives du CGPO.*
*C'est peut-être surprenant, mais la professionnalisation des recrutements va entrainer davantage de travail et il faudra embaucher du personnel.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch remercie le conseil communal d'avoir approuvé ce document qui est destiné à évoluer au fil du temps.*
*Elle passe à l'ancien hôtel de la Grand-rue. Elle cède la parole à monsieur Hartung.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *se dit étonné de recevoir la parole. Il explique qu'un groupe de travail a lancé des idées, dont une partie figure dans le document actuel.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *ajoute que le collège échevinal suggère le nom de K'ro.*
*Pour ce qui est des noms de rue, le conseil communal souhaiterait arrêter d'utiliser des noms de personnes. Mais la commune a reçu une lettre de la famille de madame Marie Metz. Celle-ci est morte dans le camp de concentration de Ravensbruck. Le collège échevinal a finalement décidé de retenir ce nom, car d'autres femmes actives pendant la guerre ont été honorées ainsi.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *constate que le nom K'ro n'a pas été expliqué. Or c'est intéressant pour les gens qui écoutent. À proximité du bâtiment se trouve le car reau Thillenberg. K'Ro vient de là.*

An ech wollt Iech och nach soen, mer hate schonn déi éischt Versammlung mat eise Chefs de service, wat d'Gestion par objectif ugeet. An do ass jo de CGPO och mat dran, oder op d'mannst gëtt et Leitlinnen. An an deem Sënn wäerte mer gären, wa mer personaltechnesch opgestockt sinn – doduerch, dass mer et professionaliséieren, fält natierlech och méi Aarbecht un. Sou komesch et kléngt. Doduerch, dass mer elo méi Struktur drakréien an et méi formaliséieren, brauche mer einfach méi Leit. Mee ech huelen Är Propos gäre mat. Merci, Här Hobscheit.

Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver la politique de recrutement du personnel communal.*

Villmools merci. Ech denken, dat do ass jo och am Sënn erëm – et geet jo weider, also, wéi Dir gesot hutt, et ass en Dokument, wat héchstwarscheinlech lues a lues ugepasst gëtt. Mee et ass en Ufank.

Fir deen nächste Punkt: Ancien hôtel situé 14-16, Grousssstrooss zu Déifferdeng, ginn ech dem Här Hartung direkt d'Wuert.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Elo hutt Der mech e bëssen iwwerrascht.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

O pardon..

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Nee, nee, et ass gutt. E Grupp hat sech zesummefonnt, do hate mer iwwer verschidden Iddie geschwat. An do war eng Propos, déi elo hei virläit, een Deel dovunner. Dat ass och esou gesot ginn, datt dat och fir d'Kommissioun ganz an der Rei wier. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Dir hutt jo den Avis vum Conseil communal, dass mir éischter derfir plädéieren, am Sënn vun der Einfachheet an am Sënn vum Ausschwätzen, dass mer einfach op K'Ro iwwergaange sinn.

Wat sech u sech och ganz gutt seet, muss ech Iech soen, wann Der an engem Gespréich sidd, da si se am K'Ro. Also de Libertas hannendru fält ewech.

D'Stroossennimm: Mir hate jo u sech decidéiert, fir vun der Geflogenheet ewechzekommen, fir de Stroossen Nimm vu Leit ze ginn. Do hu mer awer den Här Nicolas Eickmann, Buergermeeschter vun Déifferdeng. An dann hu mer d'Madamm Marie Mertz épouse Heck, do hu mer e Bréif vun der Famill kritt. Dat ass sécher am Kader vun där ganzer Prozedur vun de Jore virdrun, wou mer Fraen am Krich zréckbehalen hunn – d'Madamm ass selwer zu Ravensbrück am KZ gestuerwen. Soudass mer déi awer wäerten zréckbehalen, am Sënn vun der Iwwerleeung: Fraen am Krich, wat jo viru Jore gemaach ginn ass. Just si mer elo nach amgaang ze kucken, wéi d'Famill den Numm gären hätt. Dat ass da fir déi Stroossen, déi komme wäerten.

Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just soen, den Här Schwachtgen huet mech grad drop opmierksam gemaach, bei der Ried elo vum Hotelsnumm hu mer net erkläert, wou deen Numm K'Ro am Fong hierkënnt. Ech mengen, dass dat fir déi Leit, déi nolauschteren, vläicht interessant wär. Et soll erënneren eigentlech un de Carreau Thillebierg, dee jo net wäit dovunner ewech ass. An dass déi Ofleedung K'Ro eeben dohierkënnt. Ech wollt dat just nach bäifügen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, fir d'Prezisioun, Här Liesch! Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci. Dës Kéier hunn ech mech wierklech gemellt. Just kuerz. Ech sinn och averstanen, mat deem Ganzen. Just mat der Schreifweis, wollt ech froen, ob et esou bleift. Well mir hei sëtzen am Hall O an all Mënsch seet Hallo. An ech fäerten, dass do jiddwereе Kro amplaz Karro seet.

(Gelaachs)

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Da géif ech zwee Re maachen. Well et ass wierklech Karro an net Karo. Et huet jo näischt mat engem Quadrat ze dinn. Mee et ass e Carreau, déi Minn. A wa mer schonn déi Erënnerung wëlle maachen un de Carreau, da géif ech och zwee Ren draus maachen.

(Ënnerbriechung)

Awer een O.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Gëtt et nach Wuertmeldungen? Da froen ech, ob mer hei am Conseil d'Propos unhuelen, Karro ze schreiwen? An da soen d'Leit souwisou wéi se wëllen. Karo oder Karro.

(Zoustëmmung)

Kënne mer dat zum Vott bréngen, dass mer de Karro unhuelen, esou geschriwwen? Ech gesinn hei Kappnécke vun alle Säiten. Da stëmme mer séier of fir Karro.

*Le conseil communal décide avec 18 voix oui et 1 voix non d'approuver la nouvelle dénomination de l'ancien hôtel situé au n° 14-16 de la Grand-rue à Differdange.*

Villmools merci. Am Punkt 6a, Modifications geet et ëm Eau et canalisation. An et geet ëm Stationnement an eisen Taxes tarifs. An ech géif dofir d'Wuert direkt un den Här …

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Iwwert d'Stroossennimm misste mer jo och nach ofstëmmen.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Nee, d'Stroossennimm, dat ass eng Informatioun, déi d'Kommissioun elo virgeschloen huet. Dass wa mer Stroosse brauchen, mer géifen op d'Nimm Nicolas Eickmann an d'Madamm Mertz épouse Heck zréckkommen. Well mer do nach musse wëssen, wéi d'Famill den Numm wëll. Also ech denken, dat ass jo eng Propos vun der Kommissioun. Här Hartung, sot Dir eis.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Jo. Ech mengen, dat si jo Leit mat vill Agendaen, déi an deem Grupp sinn. An do war einfach d'Iddi, datt mer schonn direkt déi zwee Nimm proposéieren. A wann de Schäfferot eng Strooss huet a se wéilten ee vun deenen zwee Nimm huelen, da kënne se dat direkt esou huelen, ouni mussen extra dee ganze Grupp zesummenzeruffen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wann d'Stroosse kommen, stëmme mer dann of. Mee d'Reunioun brauch vun der Kommissioun net méi zesummenzekommen. Dat, mengen ech, ass de Sënn dovunner. Ass et esou, Här Hartung?

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Genee.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Also elo just iwwert de Karro. Här Paulo De Sousa, wannechgelift.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech géif proposéieren, datt mer den éischten Deel maachen, als éischt den

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *est d'accord avec le nom, mais se demande si l'orthographe va changer. Car le Hall O est appelé Hallo et il ne voudrait pas que l'on parle de Kro dans ce cas-ci.*
*(Rires)*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *propose d'écrire le nom avec deux R. Car il dérive de Karro et non de Karo. Il n'a rien à voir avec un carré, mais avec la mine.*
*(Interruption)*
*Georges Liesch répond que le nom doit s'écrire avec un O.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *propose d'adopter l'orthographe Karro.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux tarifs de l'eau, des canalisations et du stationnement.*

**TOM ULVELING (CSV)** *signale que le nom des rues doit être soumis au vote.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *répond que non. Elle n'a fait que communiquer une information de la commission. Prochainement, les noms de Nicolas Eickmann et de madame Metz seront utilisés.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *ajoute que le groupe de travail a proposé ces deux noms. Quand le collège échevinal devra dénommer une rue, il pourra le faire sans que le groupe de travail se réunisse.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *précise que le conseil communal devra approuver les noms même si le groupe de travail ne se réunira pas.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *confirme les propos de madame Brassel-Rausch.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *passe à l'eau et aux canalisations.*
*L'eau fait partie des ressources les plus importantes et elle a un prix que la commune doit adapter.*

*Le prix de l'eau se compose de la taxe d'eau et de la taxe de canalisation. Ces deux taxes ont une part fixe et une part variable.*
*Pour ce qui est de la taxe d'eau, la part variable est calculée au mètre cube et est subdivisée en quatre secteurs. Pour le secteur des ménages, elle passe de 2,10 € à 3,10 €; pour le secteur industriel, elle passe de 1,50 € à 1,70 €, pour le secteur agricole, de 1,50 € à 1,80 € et pour l'Horeca, de 1,80 € à 2,10 €.*
*Depuis la dernière adaptation, le SES a augmenté ses prix de cinquante centimes par mètre cube à cause des tranches d'indice et de plusieurs investissements.*
*En ce qui concerne la part variable, le prix dépend du diamètre du compteur. Le prix augmente pour tous les secteurs sauf le secteur des ménages.*
*La taxe de canalisation n'évolue guère pour les ménages. La part variable reste à 2,25 €/m³ et la part fixe baisse un peu. L'équivalent habitation moyen passe de 3 à 2,5. La définition exacte de l'équivalent habitation moyen figure dans le dossier des conseillers communaux. La baisse de prix pour les ménages s'élève à 12,5 €/an.*
*En gros, tout cela signifie que le prix de l'eau dépend de la consommation.*
*Paulo De Sousa attire l'attention des conseillers communaux sur une statistique indiquant la consommation moyenne des habitants de Differdange. Elle se situe à 36 m³ par habitant et par an. Une famille de 4 personnes consomme donc quelque 144 m³. La taxe s'élèverait donc à 135 € par an.*
*La raison de cette augmentation se trouve dans le fait qu'en 2019, la Ville de Differdange a dû verser 800 000 € pour garantir l'équilibre. Or une directive européenne exige que la taxe couvre les frais. Le ministère a d'ailleurs demandé à la Ville de Differdange de régulariser sa situation.*
*À cause de fuites, 11 % de l'eau n'est pas livrée. La Ville de Differdange procède aux réparations tout en sachant que les communes ont généralement des pertes de l'ordre de 7 %.*
*La commune va lancer une campagne de sensibilisation à la*

E-2, Eau et canalisation. An duerno de Stationnement. Datt mer déi zwee Punkten opsplécken, wann et fir Iech okay ass.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen aus dem Gemengerot, eis léift Waasser, eng vun deene wéinege Ressourcen, déi mer nach national hunn, huet och säi Präis. An dee musse mir elo adaptéieren.

Ech wollt fir d'éischt d'Haaptchangementer, wat de Waasserpräis ugeet, erwänen. Wéi Der wësst, besteet d'Rechnung, déi mer all dräi Méint kréien, aus der Taxe d'eau an aus der Taxe de canalisation oder Redevance d'assainissement, d'Ofwaasser.

An deenen zwou Taxen hu mer eng Part fixe an eng Part variable. Zu de Changementer bei der Consommatioun, dat heescht bei der Taxe d'eau. Bei der Part variable geet de Präis pro Meterkibb – dat ass a véier Secteuren agedeelt – fir de Secteur ménage, dat heescht, wat eis perséinlech ëmmer ugeet, vun 2,10 Euro op 3,10 Euro erop. Am Secteur industriel vun 1,50 op 1,70 Euro erop. Am Secteur agricole vun 1,50 op 1,80 Euro. An am Secteur HoReCa vun 1,80 op 2,10 Euro erop.

Zënter der leschter Präisadaptatioun, déi vun der Gemeng gemaach gouf, huet den SES, eise Waasserliwwerant, de Präis pro Meterkibb ëm 50 Cents erhéicht. Déi jeeweileg Indextranchen an déi verschidden Investitiounen hunn och ee groussen Impakt op de Präis gehat.

Bei der Part fixe bei der Consommatioun kënnt fir d'Stéit kee grousst Changement. Fir déi aner Secteure geet de Präis erop. Dëst hänkt awer vum Duerchmiesser vum Rouer of, dee bis an d'Haus erakënnt.

Beim Ofwaasser ass fir de Secteur des ménages guer kee Changement. Do bleift et bei 2,25 Euro de Meterkibb. Bei der Part fixe geet et souguer erof. Fir d'Part fixe gëtt den Equivalent d'habitation moyen geholl. Bis elo war deen op 3 fir de Secteur ménages an dee geet elo erof op 2,5.

2017 hat d'Waasserwirtschaftsamt d'EHmen (Équivalent d'habitation moyen) ganz nei definéiert. D'Tabell hutt Der an Ärem Dossier. Wann ech mech net ieren, geet dat iwwer Säite fir déi eenzel EHmen ze definéieren.

Vu datt bei de Menagen deen EHm vun 3 bis op 2,5 Euro erofgeet, ass dat eng Baisse fir de Menage vun 12,5 Euro d'Joer.

Grosso modo wat bedeit dat fir eis Bierger? D'Rechnung ass net ganz schwéier. Et muss ee säi Waasserkonsum, deen een d'Joer huet, kucken. Dat ass plus ou moins d'Erhéijung, déi elo op d'Bierger kënnt.

An der Schlussrechnung riets, déi ass relativ kleng, ass sou eng kleng Statistik, wéi vill een iwwert déi véier lescht Jore consomméiert huet, wéi ee par rapport zu deenen aneren Awunner läit an der Moyenne. An do huet een d'lescht Joer gesinn, datt eigentlech pro Bierger 36 Meterkibb d'Joer consomméiert ginn ass. Dat heescht bei enger véierkäppeger Famill wären dat 144 Meterkibb. Dat heescht mat deene puer Ofrechnungen, déi nach derbäi sinn, kann ee mat 135 Euro d'Joer rechnen.

D'Grënn fir déi Haussë sinn eigentlech bekannt. Am Joer 2019 huet d'Stad Déifferdeng 800.000 Euro mussen dropleeën, fir den Equiliber ze garantéieren. Wat eeben net käschtendeckend ass. Wat laut europäesch Direktiv erfuerdert gëtt. Am leschte Contrôle vum Inneministère si mer fir d'Joer 2019 ganz ferm drop higewise ginn, datt mir dës Situatioun misste regulariséieren, fir ze evitéieren, datt d'AGE eis zukünfteg Subside blockéiere kéint. Ech mengen, do kann den Här Ulveling herno kuerz erwänen, vu wat fir enge Subside mer hei schwätzen.

Momentan hu mer och Fuitten. Déi sinn am Beräich vun 11 %. Dat heescht 11 % vum Waasser, wat mir erausginn, kënnt net do un, wou et soll. Mee mir sinn amgaang, drun ze schaffen, fir dee Prozentsaz erofzeschrauwen. Do hu mer e puer Suergekanner. Eent si mer amgaang, elo direkt ze behiewen.

Eng staark Gemeng huet awer ëmmer eng Perte vun ongeféier 7 % vum Waasser.

Mat de verschiddene Servicer – Service écologique, Office social, d'Sekretariat an an an – wäerte mer eng Sensibilisatiounscampagne starten, fir d'Leit op

de Waasserkonsum opmierksam ze maachen.

Vill Leit si sech eigentlech net bewosst, wat déi kleng onnéideg Waasserverschwendung, wéi de Krunn lafen ze loosse beim Hännwäschen, de falschen Drücker op der Toilette ze drécken, den Auto ze wäschen oder wéi virdrun dobaussen een nach gesot huet, säin Trottoir mam Schlauch ze botzen, eigentlech fir e groussen Impakt op eis Consommatioun huet. Do gëtt et vill Spuerméiglechkeeten. An déi musse mer un d'Leit bréngen. Dëst gëllt awer och fir eis als Verwaltung, datt mir intern dat och ëmsetzen. Vläicht kucken, wéini mer eppes netzen. Mee datt mer dat och ëmsetzen.

Wann een d'Changementer vun de Präisser kuckt, da geschéien déi haaptsächlech an der Partie variable. Soudatt een awer nach ee Spuereffekt kann hunn. Wa mer eis Augmentatiounen an der Partie fixe géife maachen, da kéint ee bal näischt spueren. Also et huet ee kee groussen Afloss op der Schlussrechnung.

Am Avis vum Waasserwirtschaftsamt, dee favorabel virgëschter komm ass, proposéieren déi souguer eng méi héich Part fixe a méi en niddrege Präis fir de Meterkibb Waasser. Mir hunn eigentlech vun deem klenge Spillraum profitéiert. Eis Verwaltung hat do net vill Spillraum, fir d'Präisser ze fixéieren, fir awer d'Changementer haaptsächlech op der Partie variable ze setzen.

Wann ech iwwer Spuere vu Waasser an onnëtz Verschwende vu Waasser schwätzen, da wëll ech net soen, datt all Drëps, déi aus dem Krunn kënnt, muss gespuert ginn. Ech gesinn immens vill Leit, déi hiert Mineralwaasser an de Supermarché kafe ginn. Obwuel si doheem – mir doheem – eigentlech en héichqualitatiivt Drénkwaasser hunn. Andeems si ganz einfach de Krunn opdréien.

Ech kommen do op mäi Beispill vu virdrun zréck, wou ech gesot hunn, eng véierkäppeg Famill, déi ronn 140 vläicht 135 Euro d'Joer méi bezilt. Wann do ee pro Dag annerhallwen, zwee Liter Waasser drénkt an net méi d'Mineralwaasser aus dem Supermarché hëlt, dann huet en déi Sue gespuert.

D'Rechnung ass ganz einfach: Ee Liter Mineralwaasser am Geschäft kascht ronn 140 mol méi, wéi wann ech de Krunn opdréien an ech huele mer do ee Liter. Et ass ganz kloer: Déi Leit, déi esou kleng Geste maachen, déi hunn ee grousse Spuereffekt. Awer et sinn nach ganz vill Leit, déi ginn net op déi Mesuren an.

Ech wéilt op den Avis vun der Finanzkommissioun kommen. Si froen, ob eng Opschiebung méiglech wär. Ech ginn hinne Recht, et ass net deen ideale Moment fir dës Upassung. Mee an de leschte Jore gouf et ni een optimale Moment. 2017 koum eng Modifikatioun vum Waassergesetz. Do krute mer en Delai festgeluecht, bis dohinner misste mer eis Präisser adaptéieren. A wéi gesot am leschte Contrôle krute mer ganz ferm gesot, mir missten eis Situatioun regulariséieren.

Am Avis vun der Finanzkommissioun ass och eng Opfuerderung fir e gestaffelte Waasserpräis, mat oder ouni éischt Consommatioun vun enger gewëssener Quantitéit, déi gratis soll sinn.

Dozou wëll ech soen: Am Dezember d'lescht Joer ass eng Question parlementaire agereecht ginn, wou dat gefrot ginn ass. An do haten d'Madamm Inneministesch an d'Madamm Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung gesot, am Beräich vun der Waassertarifikatioun goufen am Kontext vum Artikel 43 vum verännerte Waassergesetz vum 19. Dezember schonn negativ Avise vun der Waasserverwaltung formuléiert fir vereenzelt Gemengereglementer, bei deenen eng Form vu gestaffelte Waasserpräis sollt agefouert ginn.

Mat follgender Begrënnung: Eng gewëss Quantitéit vu Waasser gratis zur Verfügung ze stellen, och wa se de primäre Besoin garantéiert, gëtt dem Prinzip vun der Käschtendeckung an dem Verursaacherprinzip Pollueur-payeur oder Consommateur-payeur net gerecht. An ass och net vereenbar mat enger rationaler Notzung vun den Drénkwaasserressourcen. Béid Prinzippie si festgeluecht an der Waasserkaderdirektiv, déi duerch dat modifizéiert Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 national ëmgesat gouf.

*consommation de l'eau, car beaucoup de gens ne se rendent pas compte des gaspillages qu'ils engendrent en laissant couler l'eau pendant qu'ils se lavent les mains, en appuyant sur le mauvais bouton des toilettes ou en lavant la voiture.*
*L'administration communale doit faire des économies de son côté aussi.*
*L'adaptation des tarifs concerne avant tout la part variable. Il est donc possible de faire des économies. Le montant de la taxe peut donc être influencé fortement.*
*L'Administration de la gestion de l'eau a remis un avis favorable, même si elle préconise une part fixe plus élevée et une part variable moins élevée. Mais la commune a profité de la petite marge de manœuvre dont elle disposait.*
*Quand il parle d'économies, Paulo De Sousa ne veut pas dire qu'il faut économiser chaque goutte d'eau. L'eau du robinet est de bonne qualité et peut par exemple remplacer l'eau minérale. À titre d'exemple, une famille de quatre personnes payera 135 € ou 140 € par an. Cet argent peut être économisé en remplaçant l'eau minérale par de l'eau du robinet, car l'eau minérale coute 140 fois plus que l'eau du robinet. Mais beaucoup de gens ne recourent pas à ces mesures.*
*La commission des finances a demandé à reporter l'adaptation de la taxe, car le moment n'est pas idéal. Mais la loi sur l'eau a changé en 2017 et le ministère de l'Intérieur a fermement demandé à la Ville de Differdange de régulariser sa situation.*
*La commission a aussi demandé que le prix de l'eau soit échelonné. Mais Paulo De Sousa renvoie à une question parlementaire de décembre dernier dans le cadre de laquelle la ministre de l'Intérieur et la ministre de l'Environnement ont signalé que l'Administration de la gestion de l'eau avait remis un avis négatif concernant l'échelonnement du prix de l'eau. En effet, livrer une quantité d'eau gratuitement est contraire au principe de la couverture des frais, au principe du pollueur-payeur et à l'utilisation rationnelle de l'eau potable.*
*Monsieur Diderich a remis un tableau intéressant à Paulo De Sousa.*

*Mais celui-ci ne pense pas qu'il puisse être mis en pratique. Il s'agit d'un débat national et l'Administration de la gestion de l'eau souhaite harmoniser le prix de l'eau. Il ne s'agit pas de politiser la question.*
*Le lieu où l'on se trouve influence aussi le prix. Une ville de 28 000 habitants comme Differdange paye moins qu'une petite commune de 1000 habitants.*
*Paulo De Sousa remercie tous ceux qui ont participé à l'adaptation des prix. Il a fallu des mois. Mais ce travail facilitera les prochaines adaptations. Et il n'est pas exclu que la taxe soit revue à la baisse au cours des prochaines années.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *annonce que les socialistes ne sont pas d'accord avec l'augmentation des taxes après la pandémie et en pleine inflation causée par la guerre. Il demande au collège échevinal de reporter ce point.*
*Cela ne signifie pas que les socialistes soient contraires à une augmentation. Mais pas en ce moment ! Après tout, il est question d'une augmentation de 136 € pour un ménage normal. C'est pourquoi le LSAP votera non si l'augmentation est soumise au vote aujourd'hui.*
*La procédure et les modalités du nouveau règlement des taxes reposent sur le règlement existant. Il s'agit d'une directive européenne approuvée par le ministère de l'Intérieur. Elle exige que l'eau soit facturée selon le principe du pollueur-payeur et que la taxe couvre les frais réels.*
*Erny Muller rappelle que le Syndicat des eaux du sud n'avait plus augmenté ses tarifs depuis 2014. Mais ce 1er janvier, il les a augmentés de trente centimes par mètre cube.*
*L'Administration de la gestion des eaux tient également à préserver la subdivision en quatre secteurs : les ménages, l'industrie, l'agriculture et l'Horeca.*
*La part fixe est calculée sur la base d'une formule complexe tenant compte de l'infrastructure, l'exploitation, l'entretien, la maintenance, des amortissements… C'est ce qui explique qu'une grande commune*

Den Här Gary Diderich, dat steet jo och am Avis, huet mir säin Tablo zur Verfügung gestallt. D'Rechnung ass ganz interessant. Ass awer, mengen ech, net ëmsetzbar. Well, wéi gesot, déi Diskussioun kënne mir net hei féieren, déi muss national gefouert ginn. D'Zil vun der AGE ass, de Waasserpräis ze harmoniséieren an net op Gemengenniveau ze politiséieren. Also mir solle keng Politik mam Waasserpräis bedreiwen.

Dat weess och jiddereen heibannen, datt de Standuert, eebe wou mer wunnen, ee groussen Afloss op de Waasserpräis huet. Ech mengen, mir sinn elo zu 28.000, mir bezuele vill manner fir eist Waasser wéi wann ech eng kleng Gemeng huelen, egal wou, déi vläicht 1.000 Leit huet. Ass dat dann och richteg? Déi Diskussioun kënne mir hei net féieren, well vun der AGE gëtt dat eebe gefuerdert, datt mer déi Präisser applizéieren.

Ech wëll zum Schluss awer jidderengem Merci soen, deen un de Changementer geschafft huet. Dat war eng Aarbecht vu Méint. De Beamten ass duerch d'ganz Gemeng gelaf, fir déi Donnéeën opzehuelen. An déi Aarbecht, déi do gemaach gouf, kann eis elo weiderhëllefen, fir dësen Exercice eigentlech all Joer ze maachen.

Well mir kënnen all Joer eng Adaptatioun maachen. An do kann et och gutt sinn, datt de Präis eng Kéier erofgeet. Da brauch een net allkéiers sou vill Aarbecht dranzestiechen, fir zum Schluss e Resultat erauszekréien.

Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren. Wann Der Froen hutt, kënnt Der se roueg stellen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci fir d'Wuert. Am Numm vun der LSAP wëll ech Iech matdeelen, dass d'LSAP mat dëser Taxenerhéijung zu dësem Zäitpunkt vu Präisdeierecht mat de Konsequenze vun der Pandemie an den explodéierenden Energiepräisser, bedéngt duerch de Krich an der Ukrain, net averstanen ass. Dofir verlaange mir vum Schäfferot dëst neit Taxereglement zréckzesetzen, bis d'Situatioun sech erëm berouegt huet.

Mir sinn net allgemeng géint eng Erhéijung, mee mir sinn zu dësem Zäitpunkt géint eng Erhéijung. Et kann een eiser Populatioun déi Erhéijung net zoumudden. Et handelt sech ëmmerhin, wéi dat och gesot ginn ass, fir eis Biergerinnen a Bierger ëm eng Méibelaaschtung vun 136 Euro fir en normale Stot.

Wann Der dat Taxereglement haut wëllt onbedéngt ofstëmmen, stëmmt d'LSAP net dofir.

Zu der Prozedur an zu de Modalitéiten. Här De Sousa, wéi Der eis erkläert hutt, dat neit Taxereglement oder déi nei Prozeduren, d'Waasser- an d'Kanalisatiounstax, déi leede sech un dat besteeënd Reglement un.

Mir wëssen, dass et eng europäesch Direktiv ass, déi och vum Inneministère iwwerholl gouf. Déi fuerdert, dass d'Taxe fir Waasser an Ofwaasser nom Prinzip vum Utilisateur-payeur respektiv Pollueur-payeur solle käschtendeckend berechent ginn.

Wëssen och, dass vun 2014 u keng Augmentatioun méi vum SES-Präis, Syndicat des eaux du sud, méi geschitt ass bei eisen Tariffer. An den 1. Januar ass elo deen Tarif nach eng Kéier ëm 30 Cent eropgaange pro Kubikmeter.

Wat awer elo nach ass, an dat hu mer jo och schonn als Bemierkung hei stoe gehat, dat ass, dass d'Administration de la gestion des eaux, d'AGE, och op déi Andeelung vun deene verschiddene Sektoren halen zwësche Menage, Industrie, Landwirtschaft an HoReCa. Och dat neit Reglement huet dorop eng Äntwert.

An da bei de Käschten, wat d'Partie fixe ubelaangt. D'Gesamtkäschte solle betruecht ginn. Dat heescht souwuel Infrastruktur, Exploitatioun, Entretien, Maintenance an esou weider. Do ass dann eng komplex Formel opgestallt ginn, déi souguer d'Amortissementer matafléisse léisst. An dofir déi Käschten all soll erfaassen.

Do komme mer dann drop, wou Dir sot, dass et fir eng Gemeng, déi am Fong méi Awunner huet, méi virdeelhaft ass wéi méi eng kleng Gemeng. Well d'Awunnerzuel déi Käschte muss matdroen. Ech hoffen zwar, dass do eng Formel fonnt gëtt op nationalem Plang fir déi Gemengen. Well dat wär jo och fir déi net ganz korrekt.

Wéi gëtt dat berechent? Fir eis wësse mer, dass den Duerchmiesser vum Compteur nach ëmmer de Parameter ass, deen eis Fixkäschten, dat heescht am Fong d'Leitungskäschten oder esou an déi Richtung definéiert. Wa mer wëlle vergläichen. Dat heescht: Wou sinn déi Käschte méi héich oder manner héich unzewenden? Da maache mer dat duerch den Diameter vum Compteur-Uschloss.

Dir hutt awer gesot, dass mer op e Waasserpräis komme vun 3,10 Euro hors TVA pro Kubikmeter Drénkwaasser, wat dann een Euro méi ass, an Ärer Iwwerleeung, dass dat dann och deen Euro ass, dee mer am Gesamte méi hunn. Dat heescht, déi aner Käschte wäre plus ou moins neutral. Well jo d'Unité vun den EHm, Équivalent par habitant moyen, soll fir de Privatstot erofgoen.

Ech kéim dann zur Konklusioun. Reng theoreetesch kéinte mir als LSAP mat dësem Berechnungsmodus fir d'Waasser- an d'Kanalisatiounstax liewen. De Berechnungsmodus, deen ass relativ einfach. Et ass och vläicht deen, deen am meeschten ugewannt gëtt hei am Land.

Mee mir kéinten eis awer och e gestaffelte Waasserpräis virstellen, wéi et an der Finanzkommissioun duerbruecht ginn ass. A wat nach méi géif déi Verbraucher belounen, déi och wierklech manner verbrauchen. Dat heescht, mir hunn eng direkt Proportionalitéit zum Verbrauch. Domat kéinte mer effektiv déi belounen, déi manner Waasser verbrauchen, wa mer verschidde gestaffelt Tariffer hätten, net een op d'Gesamtconsommatioun. Oder mat engem Fräibetrag au départ. Dat sinn interessant Iwwerleeungen, op déi mer och nach wollten hiweisen.

Alles an allem schwätzt jo villes fir eng Erhéijung vun der Waassertax. Dir hutt jo och d'Grënn gesot, an dass mer och wäit hannendra sinn.

Ech wëllt awer nach hiweisen op d'Gemengenautonomie. Wa mer sou wäit hannendra sinn, firwat hu mer da bis elo nach net – mir sinn awer nach ëmmer derbäi a liewen, an eis Leit consomméieren, an eis Reseauen, déi sinn an der Rei. An dat ass och de Grond, dass mer soen, do misst och Asiicht sinn op enger héijer Instanz, dass mer zu dësem Zäitpunkt einfach net kënnen deem nokommen. Dat ass op jidde Fall d'Meenung vun der LSAP. An duerfir, obwuel mer déi Argumenter alleguer kënne verstoen, déi zu enger Erhéijung féieren, si mer der Meenung, dass mer se elo sollten zrécksetzen.

Ech hoffen op jidde Fall, dass deemnächst besser Zäite kommen. Mir sinn elo wierklech an enger Phas vu ganz, ganz schlechten Zäiten. An et gëtt ëmmer méi schlëmm. Ech brauch Iech dat net virzemolen. Dass vill Leit sech Gedanke maachen, wéi se nach iwwert d'Ronne kommen. An an esou enger Zäit ass d'LSAP net fir eng Taxenerhéijung. A mir stëmmen déi Taxenerhéijung och net mat. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Den Här Ulveling hat d'Wuert gefrot.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Bei allem Respekt, Här Muller, wann ech Iech elo richteg verstanen hunn, Dir fuerdert de Schäfferot op, sech net un d'Gesetz ze halen. D'Gesetz gesäit ganz kloer vir, zënter 2017 ass dat agefouert ginn, an do hate mer zwee Joer Zäit fir et ëmzesetzen. Hu mer net gemaach. Den Här De Sousa huet eis et erkläert. Reng eleng de Käschtepunkt vum Waasser, deen ass säit 2014 eng Kéier ëm 0,5 Cent an elo nach eng Kéier ëm 0,30 Cent an d'Luucht gaangen. Dat mécht also 0,8 Cent, wou mir all Joer an deene Jore bäigeluecht hunn. A wann ech mech richteg erënneren un d'Chifferen, waren dat eng 800.000 Euro pro Joer, déi mir am Fong eise Matbierger nogelooss hunn.

*est avantagée par rapport à une petite commune — ce qui n'est d'ailleurs pas très correct.*
*Les frais fixes dépendent du diamètre du compteur.*
*Le prix du mètre cube d'eau potable est fixé à 3,10 € hTVA, c'est-à-dire 1 € de plus que maintenant. Les autres frais n'évoluent guère, car l'équivalent par habitant moyen baisse pour les ménages.*
*Théoriquement, les socialistes pourraient approuver la nouvelle taxe des eaux et de la canalisation. Le mode de calcul est simple et est appliqué dans de nombreuses communes.*
*Erny Muller pourrait aussi accepter un prix échelonné comme cela a été proposé par la commission des finances et qui pénaliserait davantage encore les gros consommateurs. Une partie de l'eau pourrait même être gratuite. Ces réflexions sont intéressantes.*
*L'adaptation du prix de l'eau est nécessaire. Monsieur De Sousa a expliqué que Differdange a même du retard. Erny Muller se demande pourquoi le collège échevinal n'a pas réagi plus tôt. Actuellement, le moment est mal choisi et c'est ce qu'il faudrait dire aux instances supérieures.*
*Les socialistes comprennent les arguments avancés par le collège échevinal, mais exigent que le vote soit repoussé. Erny Muller espère que la situation va s'améliorer, mais la tendance n'est pas bonne. Beaucoup de gens n'arrivent plus à joindre les deux bouts. C'est pourquoi le LSAP ne peut pas approuver une augmentation des taxes en ce moment.*

**TOM ULVELING (CSV)** *réplique que monsieur Muller demande au collège échevinal de ne pas se tenir à la loi.*
*La loi de 2017 donnait aux communes deux ans pour régulariser la situation, mais Differdange ne l'a pas fait. Or depuis 2014, le prix de l'eau a augmenté de cinquante centimes, puis de trente centimes supplémentaires. En d'autres termes, la commune perd 800 000 € par an. Tom Ulveling trouve grave que monsieur Muller ne veuille pas se tenir à la loi.*

*En outre, les socialistes faisant partie des collèges échevinaux dans les communes voisines approuvent les augmentations, car c'est la loi.*
*Le collège échevinal n'a pas envie d'augmenter les tarifs. Tom Ulveling sait aussi que le moment n'est pas idéal à cause de l'inflation et de la guerre. Mais la commune doit prendre ses responsabilités. La position des socialistes n'est pas correcte par rapport aux autres communes du bassin de la Chiers, qui font partie du même syndicat des eaux.*
*L'Administration de la gestion des eaux a par ailleurs menacé la Ville de Differdange de ne plus lui verser de subsides si celle-ci n'appliquait pas la loi. Tom Ulveling rappelle que l'agrandissement de la station d'épuration de Pétange va couter quelque 90 millions d'euros. Sans les subsides, Differdange devrait payer bien plus.*
*Tom Ulveling comprend les réticences. Mais le collège échevinal n'a pas le choix. De toute façon, le moment n'est jamais bien choisi pour une augmentation. Il y a deux ans, il y avait la pandémie. Maintenant, il y a la guerre… Mais comme l'a dit monsieur De Sousa, l'eau est essentielle à la vie. Et en faisant attention, les habitants pourront compenser l'augmentation de la taxe.*
*Pour ce qui est de l'échelonnement du prix, Tom Ulveling rappelle les paroles de la ministre de l'Environnement, Carole Dieschbourg, et la ministre de l'Intérieur, Taina Bofferding en réponse à une question parlementaire de monsieur Spautz. L'Administration de la gestion de l'eau aurait remis un avis négatif, car mettre de l'eau à disposition gratuitement ne tiendrait compte ni du principe de la couverture des frais ni du principe du pollueur-payeur. Or ces deux principes figurent dans la directive-cadre sur l'eau. La mise en place d'un échelonnement compliquerait la tâche administrative des communes et la mise en place du principe de la couverture des frais. En d'autres termes, même si le collège échevinal souhaitait le faire, le ministère ne donnerait pas son approbation.*

Ech fannen et schlëmm, wann Dir eis opfuerdert, eis net un d'Gesetz ze halen. Dat ass dat Éischt. An dat anert, wat ech nach méi schlëmm fannen ass, dass Är Kolleegen, déi an de Schäfferéit niewendru sëtzen, déi bestëmmen awer déi Taxenerhéijung, well et eebe Gesetz ass.

Ech mengen, et ameséiert eis och net. Mir wëssen, dass den Zäitpunkt vläicht net dee richtegen ass. Oder sécher net dee richtegen ass, bei aller Inflatioun, bei allen den Deierechten, déi mer elo kennen. An och nach duerch de Krich. Mee iergendwann musse mer awer Faarf bekennen. An ech mengen, et ass och net fair, par rapport zu anere Gemengen, wa mir eis hei am Kordall, wou mer jo an engem Waassersyndikat zesumme sinn, op eemol desolidariséieren. Si maachen hir Aufgab. A mir géifen einfach soen, dat maache mer net.

Ech wëll Iech just soen, dass mer effektiv a wierklech mat Nodrock vum Waasserwirtschaftsamt gesot kritt hunn: Wann Der et net maacht, kritt Der keng Subsiden.

Elo wësst Der alleguerten hei, dass mer jo amgaange sinn, eng grouss nei Kläranlag ze bauen oder en Ausbau ze maachen, deen 80-90 Millioune kaschte wäert, wann et fäerdeg ass zu Péiteng. An do sinn zéng aachtstelleg Subsiden dran, déi mir da riskéieren net ze kréien. Ech mengen, da gëtt et eis méi deier. A mir krute ganz kloer vum S.I.A.CH. gesot, dass wa mir dat net géife maachen a wann déi hir Droung géife wouer maachen an déi Subsiden net géifen ausbezuelen, da misst d'Gemeng Déifferdeng hiren Deel vun deene Subside bezuelen. Dann hätte mer also Méiausgaben do.

Ech verstinn, dass mir alleguerten net frou sinn, dass mer dat musse maachen. Mee leider si mer dozou gezwongen. Mir hunn et e bëssen erausgezögert. Mee iergendwann, ech mengen, et ass jo schonn ugekënnegt, et ass ni dee richtegen Zäitpunkt. Wa mer et virun zwee Joer gemaach hätten, dann hätte mer gesot kritt: Elo ass et an der Pandemie. Elo maache mer et, elo gëtt gesot: Et ass am Krich. Jo. Okay. A mir wëssen net, ob d'Pandemie net nach weidergeet.

Ech fannen trotzdeem, dass mir dat elo solle maachen, mat knirschenden Zähnen dann eebe vläicht. Mee ech mengen, den Här De Sousa huet eis jo erkläert, Waasser ass liewenswichteg. An duerch e gewëssenen Aspuerungseffekt kënnen d'Leit déi Erhéijung, déi op se duerkomme wäert, e bëssen offiederen. Et ass de Pollueur-payeur.

An da wollt ech awer och nach, well dat wäert jo elo nach vun anere Säiten och ugeschwat ginn, op dee berüümte gestaffelte Waasserpräis agoen. Do zitéieren ech Iech elo aus enger Äntwert, déi de 25. Januar 2022 vum Carole Dieschbourg, Ministesch fir Ëmwelt, Klima an Nohaltegkeet an der Madamm Taina Bofferding komm ass op eng Question parlementaire vum Här Marc Spautz iwwert d'Taxes communales.

An do steet ganz genau dran, ech zitéieren: „Am Beräich vun der Waassertarifikatioun goufen effektiv, am Kontext vum Artikel 43 vum verännerte Waassergesetz vum 19. Dezember 2008, schonn negativ Avise vun der Waasserverwaltung formuléiert fir vereenzelt Gemengereglementer, bei deenen eng Form vu gestaffeltem Waasserpräis sollt agefouert ginn."

Mat follgender Begrënnung, schreift d'Madamm Minister: „Eng gewëss Quantitéit Waasser gratis zur Verfügung ze stellen, och wa se de primäre Besoin garantéiert, gëtt dem Prinzip vum Payeur vun der Käschtendeckung an dem Verursaacherprinzip Pollueur-payeur net gerecht an ass och net ze vereenbare mat enger rationaler Notzung vun den Drénkwaasserressourcen. Béid Prinzipie si festgeluecht an der Waasserkaderdirektiv, déi duerch dat modifizéiert Waassergesetz vum 19. Dezember 2008 national ëmgesat gouf. D'Ëmsetze vun enger gestaffelter a progressiver Waasserpräisgestaltung ass mat engem immensen administrativen Opwand fir d'Gemenge verbonnen an et erschwéiert d'Ermëttele vun der Käschtendeckung vun alle Secteuren".

Dat geet elo nach esou weider. Mee doraus kënnt ganz kloer eraus, och wa mer et wéilte maachen, mir kréiche vun dem Ministère do keng Approbatioun. An dofir sollte mer eis un dat halen, wat si eis virginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ulveling. Den Här Meisch an dann den Här Liesch.

**FRANÇOIS MEISCH (DP):**

Merci fir d'Wuert. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, am Taxereglement gi verschidden Adaptatioune virgeschloen. Sou gëtt deemnächst en ënnerierdesche Parking – Dir kommt jo herno nach drop zréck – an der Grousss-strooss integréiert. Dat stoung elo un an ass okay.

Anerersäits ass et laut EU-Direktiv esou, dass de Waasser- respektiv Ofwaasserpräis der Realitéit muss ugepasst ginn a käschtendeckend sinn. Déi Direktiv huet schonn ee laange Baart. Deemno besteet Handlungsbedarf. Do gi mer Iech Recht. Do sinn awer masseg Gemengen hannendran.

An der aktueller Krisesituatioun, och wann een déi explodéierend Energiepräisser a Betruecht zitt, ass et elo net de Moment, fir eng Taxenerhéijung duerchzezéien. Och wann d'Gesetz dat virgesäit. Mir proposéieren, dat aktuell op Äis ze leeëna  bis beispillsweis Enn dëses Joers bei de Vott vum Budget oder souguer doriwwer eraus ze verleeën. Ech ka mer net virstellen, dass de Ministère an der aktueller extreemer Krisesituatioun enger Verschibung géif Steng an de Wee leeën. Och sinn nach ganz vill aner Gemengen, wéi ech virdru gesot hunn, nach net konform.

Mir wëssen, datt d'Gesetz dat virschreift. Souwisou si mer awer schonn déck en retard. Op e puer Méint kënnt et net méi un. Do sollt ee beim Ministère intervenéieren, fir eng Verschibung accordéiert ze kréien.

Ouni Verschibung musse mer leider dergéintstëmmen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Meisch. Här Liesch, wannechgelift.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Merci fir d'Wuert. Mir als Gréng wëlle fir d'éischt soen, dass mer verschidde Saachen, déi hei elo gesot gi sinn, natierlech akzeptéieren, awer vläicht net esou an d'Vitrinn stellen.

Natierlech gëtt et Reglementer, Gesetzer un déi eng Gemeng sech muss halen. Natierlech gëtt et och déi Ausso vun der AGE fir d'Subsiden. Dat ass jo dat Drockmëttel, wat se hunn, fir eng Gemeng dozou ze beweegen, déi Gesetzer anzehalen. Mee mir wëllen dat net an d'Vitrinn stellen. Mir stellen als Gréng vill méi an d'Vitrinn, wat den Här De Sousa am Ufank gesot huet, nämlech, dass d'Waasser eng vun deene wéinegste Ressourcen ass, déi mer hunn an eng vun deene wichtegste Ressourcen ass, déi mer hunn. Dorëms geet et eis.

Waasser ass eng immens wäertvoll Ressource. A wa mer kucken, wat mer eigentlech alles mat dëser wäertvoller Ressource maachen, da muss ee sech villméi doriwwer opreege wéi iwwert de Präis, wat et da schlussendlech kascht.

Eis mécht zum Beispill méi suergen, wat den Här De Sousa gesot huet, dass mer 11 % Verloscht hunn. Also Waasser, wat eigentlech net do ukënnt, wat opbereet gëtt, fir kënnen als Drénkwaasser benotzt ze ginn, awer net kann als Drénkwaasser genotzt ginn. Mengen do muss ee villméi nach investéiere wéi an aner Saachen.

Zäitpunkt ass relativ. Et ass oft gesot ginn, et ass net dee richtegen Zäitpunkt. Dat Éischt, wat engem an de Kapp kënnt, wann een dat heiten Dokument kuckt, et freet ee sech: Ass elo dee richtege Moment? Mee den Zäitpunkt ass relativ. Wéini ass dee richtege Moment?

Wie weess vun eis, wéi dat heite weidergeet? Den Impakt vum Ukrain-Krich op d'Präisser, ass deen esou wéi en ass? Gi mer dovun aus, dass et genau erëm esou zréckgeet, wann dee Krich emol endegt? Wou och haut nach kee vun eis heibanne weess, wéini deen endegt, wéini déi Invasoren d'Land erëm fräiginn. An da wësse mer nach laang net, ob dat déi selwecht Repercussioun op de Präis huet, wéi mer eis dat virstellen.

**FRANÇOIS MEISCH (DP)** *rappelle que d'autres adaptations du règlement des taxes sont prévues — par exemple concernant le parking souterrain de la Grand-rue. Mais l'adaptation du prix de l'eau est dictée par une directive européenne. La taxe doit permettre de couvrir les frais. La directive n'étant plus toute jeune, il est temps d'agir.*
*Cependant, le moment est mal choisi à cause de l'inflation, peu importe ce que dit la loi. François Meisch propose donc d'attendre au moins la fin de l'année. Il ne pense pas que le ministère y serait contraire. En plus, de nombreuses autres communes sont dans la même situation.*
*La Ville de Differdange a déjà pris du retard. Quelques mois de plus ne changeraient pas grand-chose. Le collège échevinal devrait intervenir auprès du ministère. Autrement, les démocrates voteront contre l'adaptation.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *comprend beaucoup de ce qui a été dit même si les écologistes en parlent peu. Il est vrai que les communes doivent se tenir à la loi. Il est vrai aussi que l'AGE les met sous pression. Mais comme l'a fait monsieur De Sousa, les écologistes préfèrent rappeler que l'eau est une des ressources les plus importantes. C'est pourquoi il faut bien réfléchir à la façon dont on la consomme. Le gaspillage de l'eau énerve Georges Liesch beaucoup plus que l'augmentation du prix.*
*Que la commune perde 11 % de son eau à cause de fuites inquiète le conseiller communal. Il s'agit d'eau potable qui n'arrive pas où elle devrait arriver. Des investissements sont nécessaires.*
*Pour ce qui est du bon moment, tout est relatif. Car y a-t-il vraiment un bon moment pour augmenter les taxes ?*
*Les prix ont crû à cause de la guerre, mais il n'est pas dit qu'ils baisseront une fois la guerre finie. En plus, personne ne sait quand les envahisseurs s'en iront. Quelles seront les répercussions sur les prix ? L'inflation pourrait durer des années ou des décennies. C'est pour-*

*quoi Georges Liesch dit que ce n'est jamais le bon moment.*
*Le document soumis au vote aujourd'hui devra être approuvé par le ministère. Il faudra du temps avant que les premières factures n'arrivent chez les gens. Mais le temps aussi est relatif.*
*Comme l'a dit monsieur De Sousa, il est important que la commune investisse dans une campagne pour sensibiliser les gens à économiser l'eau. Par exemple, les gens peuvent boire de l'eau du robinet, qui est d'une superbe qualité, au lieu d'acheter des bouteilles en plastique ou en verre. Bien entendu, il existe de nombreuses autres méthodes afin de faire des économies. Il faut l'expliquer aux gens.*
*Pour ce qui est des modèles d'adaptation, il faut tenir compte des conditions de l'AGE et du ministère. Et là, on arrive vite au bout. Ils ne permettent même pas de procéder à une augmentation de la taxe en deux temps.*
*Certains parlent d'échelonner le prix et d'offrir une partie de l'eau gratuitement. Mais pour Georges Liesch, le gratuit n'existe pas. Quelqu'un doit payer. Par conséquent, le terme gratuit est complètement erroné. Car si je donne dix litres d'eau à mon voisin, elle est gratuite pour lui parce que c'est moi qui paye. Il s'agit tout au plus de solidarité.*
*Pour aider les gens dans le besoin, il vaut mieux leur montrer comment faire des économies au lieu de leur donner de l'eau. Autrement, la commune lancerait le mauvais message.*
*Les écologistes approuveront l'augmentation. Ils exhortent cependant le collège échevinal à lancer une campagne de sensibilisation à travers tous les médias possibles.*
*Georges Liesch voudrait également que le collège échevinal mandate une étude sur l'état du réseau et des canalisations. Il rappelle les discussions ayant eu lieu après les inondations. Les prochaines inondations n'attendront pas que la commune fasse quelque chose. Mais il est possible que le collège échevinal ait pris des mesures sans que Georges Liesch le sache. En tout cas, il est grand temps de lancer une étude. Le conseiller communal pré-*

Wie seet eis dann, dass déi Präisdeierecht, déi mer elo hunn, net déi nächst Joren a Joerzéngten esou bleift.

Et kënnt also vläicht ni dee richtege Moment. Dofir, mengen ech, ass den Zäitpunkt absolutt relativ.

Op där anerer Säit ass am Dokument kloer dran, dass mer eppes stëmmen, wat jo nach muss vum Ministère approuvéiert ginn. Dat muss emol säin Tour nach maachen. Bis et éischtens a Kraaft ass an zweetens déi éischt Rechnunge bei de Leit ukomme vergeet nach Zäit. Mee déi Zäit ass och relativ. Geet dat duer? Geet dat net duer?

Wat eis nach extreem wichteg hei schéngt, dat ass och dat, wat den Här De Sousa als Beispiller gesot huet. An dofir, mengen ech, soll d'Gemeng wierklech Suen an d'Hand huelen, fir eng seriö Campagne ze starten, wat fir Méiglechkeeten een huet, fir Waasser ze spueren. Respektiv op Waasserressourcen zréckzegräifen, wou een op anere Plaze Sue spuert.

Andeem een zum Beispill, wéi den Här De Sousa grad virgerechent huet, net op Waasser aus Fläschen, sief dat Plastik oder Glas, zréckgräift, mee dat Waasser, wat mer jo hunn, wat immens kontrolléiert Waasser ass, wat eng super Qualitéit huet, dass een dat notzt an do en enormt finanziellt Spuerpotenzial huet, wat ee kann ausschëpfen.

Natierlech geet dat net duer. Et muss een nach aner Saachen opfëieren, wou ee kann de Leit mat op de Wee ginn, wou ee ka Sue spueren, andeem ee mam Waasser wierklech ganz ekologesch ëmgeet.

Mir hunn eis och iwwer aner Modeller Gedanke gemaach. An dorunner schléisst sech natierlech direkt: Wat géif d'AGE respektiv de Ministère eis erlaben? Do si mer da séier um Enn mat anere Modeller. Wa mer déi gesetzlech net erlaabt kréien, hëlleft dat eis am Fong net. Ee Modell, zum Beispill, iwwert dee mer diskutéiert haten, dass een déi Präiserhéijung elo net géif an enger Kéier maachen, mee an zwee Schrëtt. Mee och dat ass laut Ministère net erlaabt. Soudass een dëse Modell net kann esou ëmsetzen.

Et gëtt och ëmmer gesot, dass ee mat engem gestaffelte Waasserpräis oder eventuell bei engem Waasserbesoin de Leit en Deel fir d'Grondversuergung gratis zur Verfügung stellt. Ech wëll awer eng Kéier kloerstellen: Gratis gëtt et net. Wa mer Waasser zu manner verkafe wéi dat, wat mer akafen, da bezilt een dat. An nämlech mir alleguer. Also gratis ass an dësem Fall en Term, dee mer net sollte benotzen. Well dat ass absolutt falsch. Wann ech dem Noper zéng Liter Waasser ginn, dann ass et fir hie vläicht gratis. Mee net fir mech. Et kann een also héchstens vu Solidaritéit schwätzen. Jiddefalls net vu gratis.

A mir fannen nach ëmmer, dass dat net dee richtege Wee ass. Et sollt ee Leit, déi a finanzielle Schwieregkeete sinn, hëllefen an net doduerch, dass een eng Ressource Waasser verbëllegt oder gratis zur Verfügung stellt, mee andeem een hinne weist, wou Aspuerméiglechkeete sinn, déi vill méi komplex normalerweis si wéi nëmmen de Waasserverbrauch. Et soll een de Leit hëllefen, op deem Plang virunzekommen an net op deem anere Plang. Dat ass fir eis absolutt dee falsche Message, dee mer no baussen erausginn.

Mir wäerten dës Augmentatioun stëmmen. Wäerten awer Wäert drop leeën, dass de Schäfferot eng seriö Campagne mécht, fir de Bierger ze sensibiliséieren an all d'Modeller ze weisen, déi mer als Gemeng hunn, fir mat de Bierger a Kontakt ze kommen, wat een do kéint maachen.

Mir wären, op där anerer Säit, och nach frou, wann dat net scho geschitt ass, dass de Schäfferot géif Suen an de Grapp huelen, fir eng Etüd maachen ze loossen iwwer eise Waasserreseau an iwwer eise Kanalsreseau. Well ech erënneren drun, dass mer virun net allze laanger Zäit hei souzen an eis Froe gestallt hunn, wéi eis Kanalstruktur ausgesäit. Wou mer immens mat Héichwaasser geplot waren.

Dat nächst Héichwaasser steet virun der Dier. Deen nächste Platzreen waart net dorobber, bis mir iergendeppes gemaach hunn. Et kann awer sinn, dass dat scho laang entaméiert ass vum Schäfferot, dass ech dat just net weess. Mee ech mengen, dass et elo op jidde Fall héich Zäit wär, fir eng Etüd maachen ze loossen iwwer eis Waasserrese-

auen, fir déi Verloscht-Quellen nach fannen ze loossen. An iwwer eise Kanalreseau, fir d'Héichwaasserqualitéit ze kucken.

A mir wären immens frou, an dësem Fall op jidde Fall, wann dat eng extern Firma wär, well mer der Iwwerzeegung sinn, dass mer in-house net déi néideg Kompetenzen hunn, fir dat ze maachen.

Mir wäerten awer trotzdeem dat heite stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Liesch. Den Här Weirich, dann den Här Ruckert.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ier ech ufänken, géif ech mech ganz kloer der Fuerderung vu menge Virriedner vun der LSAP an der DP uschléissen, fir dee Punkt hei vum Ordre du jour ze huelen an zu engem spéideren Zäitpunkt am Joer ze stëmmen. An ech géif dat och gär argumentéieren.

Dat mam Zäitpunkt huet elo jiddwereen ugeschwat. Ech mengen, méi ee schlechten Zäitpunkt hätte mer net kënnen erwëschen, fir d'Taxen ze erhéijen. Ech muss et leider esou soen. Déi Recommandatioun vum Ministère, wann ech den Här De Sousa richteg verstanen hunn, déi ass schonn 2019 komm. Elo si mer dräi Joer méi spéit. An elo op eemol ass eng Urgence ugesot, fir dat ze stëmmen.

Ech hunn och héiere mat de Subsiden, wat den Här Ulveling erkläert huet. Mee ech froe mech, firwat et net direkt schonn 2019 dann an d'Weeër geleet gouf. Da wär et schonn erduerch gewiescht, ier mer an eng Pandemie an en plus an eng Energiekris eragerutscht wieren.

Da kommen ech op dee gestaffelte Waasserpräis zréck. Ech hunn do e bëssen eng aner Lektür. Ech hunn zwar héieren, wat den Här Ulveling virgedroen huet aus där Question parlementaire. Déi hunn ech natierlech och gelies. Mee ech mengen, et ass awer méiglech, wann een am Total seng Käschten deckt.

Dat heescht, et kann ee schonn op där enger Säit e gewëssene Montant gratis maache fir d'Leit u Waasser, wann ee fir déi, déi vill verbrauchen, deementspriechend méi verrechent an d'Rechnung ënner dem Stréch opgeet.

D'Gemeng Monnerech stellt säit 2013 20 Liter pro Persoun pro Dag gratis Waasser zur Verfügung. Ech fannen, dat ass awer eng Iwwerleeung an eng Rechnung, déi mer maache sollten als Gemeng, ier mer elo unilateral de Präis fir jiddwereen eropsetzen.

Dat geet och e bëssen an déi Richtung, den Här De Sousa huet zwar gemengt, mat Taxe keng Politik ze maachen, mee beim Offall maache mer et jo. Do ass et jo awer esou: Wat ee méi an déi schwaarz Dreckskëscht gehäit, wat ee méi bezilt. An ech fannen, hei kéint een awer op d'mannst d'Iwwerleeung maachen: Wat ee méi Waasser verbraucht, dass een och méi déif an de Portmonni muss gräifen. Sensibiliséierungscampagne hin oder hier.

Ech fannen, dat wär awer eng Iwwerleeung wäert gewiescht, fir dat ze maachen.

Dat gesot, wann et zur Ofstëmmung kënnt, kann ech mech deem heiten net uschléissen. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Weirich. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ier ech Stellung huelen, wëll ech zwou Froe stellen zu där Saach hei: Kënnt Der eis, wannechgelift, soen, wéi vill Gemengen haut e gestaffelte Waasserpräis hunn? Bis zum haitegen Dag. An déi zweet: Kënnt Der eis, wannechgelift, soen, wéi vill Gemenge schonn eng Strof kritt hunn oder keng Subside kritt hunn, well se kee gestaffelte Waasserpräis hunn? Kënnt Der eis eppes dozou soen?

*conise de recourir à une agence externe, car il ne pense pas que la commune dispose des compétences nécessaires en interne.*
*Les écologistes approuveront l'adaptation.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *demande à son tour à ce que ce point soit reporté.*
*Le collège échevinal n'aurait pas pu choisir un moment moins pertinent. Eric Weirich a cru comprendre que la recommandation du ministère date de 2019. Il ne comprend pas toute cette urgence trois ans plus tard.*
*Il a compris les arguments de monsieur Ulveling concernant les subsides. Mais il se demande pourquoi le collège échevinal n'a pas modifié les taxes immédiatement au lieu d'attendre une pandémie et une crise énergétique.*
*Il a lui aussi lu la réponse à la question parlementaire dont a parlé monsieur Ulveling. Mais l'échelonnement du prix reste possible à condition que la commune rentre dans ses frais. Ainsi, la commune pourrait mettre de l'eau à disposition gratuitement si les gros consommateurs sont facturés davantage. Depuis 2013, la commune de Mondercange offre vingt litres d'eau par personne. La Ville de Differdange devrait faire ce type de calculs aussi.*
*Eric Weirich rappelle que c'est le système utilisé pour les poubelles. Plus on utilise la poubelle noire, plus on paye. Il faudrait faire la même chose avec l'eau qu'on lance une campagne de sensibilisation ou pas. Il faut y réfléchir.*
*En tout cas, Eric Weirich ne pourra pas approuver cette augmentation.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *voudrait savoir combien de communes échelonnent le prix de l'eau. Combien de communes ont-elles été punies ou privées de subsides parce qu'elles ont échelonné le prix ?*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *suppose que le ministère pourrait répondre à ces questions.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *posera la question au ministère, mais il doute que celui-ci réponde.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *est d'accord avec monsieur De Sousa. Dire que le ministère supprimera les subsides n'est qu'une menace pour faire peur aux gens. Rien d'autre. De toute façon, la directive européenne remonte à dix ans et la loi luxembourgeoise ne date pas d'hier non plus.*

*Ali Ruckert souligne que les travailleurs et les retraités payent beaucoup d'impôts au Luxembourg. L'État reverse une partie de ces impôts aux communes pour qu'elles construisent des routes, des écoles, des crèches, des stations d'épuration… Ces infrastructures sont même subventionnées une deuxième fois — toujours grâce aux impôts payés par les travailleurs et les retraités.*

*C'est pourquoi il est inacceptable que les travailleurs et les retraités payent une deuxième fois pour que les communes rentrent dans leurs frais. Les communistes sont contraires au principe de la couverture des frais pour les services communaux, dicté par l'Union européenne, qui pousse depuis vingt ans pour davantage de libéralisation et de privatisations.*

*Le collège échevinal est hypocrite quand il dit ne pas avoir le choix, car ils représentent des partis politiques présents à la Chambre et qui dictent les règles. Difficile de faire plus fort dans l'hypocrisie.*

*La couverture des frais n'est que le premier pas vers la privatisation comme on l'a vu en Allemagne et en France. Une fois que la commune aura investi suffisamment d'argent, les multinationales toucheront les bénéfices. Ce n'est certainement pas dans l'intérêt des habitants.*

*En outre, cette augmentation survient en plein recul du pouvoir d'achat. Le prix de l'essence, du diésel et du mazout a doublé. Le prix des denrées alimentaires croît aussi. Beaucoup de gens ont vu leur temps de travail diminué à cause de la pandémie, ce qui a fortement ré-*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Wéi vill Gemengen, ech denken, dat ass de Ministère, deen dat weess. Dat wësse mir elo als Gemeng Déifferdeng net. Här De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Mir kënnen dat nofroen. Awer ech weess net, ob ee Ministère eis seet, ob aner Gemenge Strofe kritt hunn oder soss Subside gestrach kritt hunn, well si de Waasserpräis net adaptéiert hunn. Ech ka mer dat eigentlech net virstellen.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Voilà, do sinn ech ganz mat Iech d'accord. Well dat ass natierlech séier gesot, mir géife gedrot kréien, Subside gestrach ze kréien. Dat ass de Leit Angscht gemaach. Soss ass dat iwwerhaapt näischt.

Well dat mat där Waasserdirektiv vun der EU, dat leeft elo schonn iwwer zéng Joer. An d'Gesetz ass jo och net eréischt vu gëschter.

Ech wëll dofir drun erënneren, dass déi schaffend Leit an d'Rentner, déi bezuele Steieren hei am Land. An net wéineg Steieren. Se bezuele souguer 2/3 vun de Steiere vun den direkte Steieren, déi hei am Land bezuelt ginn. En Deel vun dëse Steiere gëtt de Staat de Gemenge weider, fir Stroossen, Schoulen, Crèchen ze bauen. Och Kläranlagen an Drénkwaasseropbereedungsanlagen, déi domat gebaut ginn.

An déi souguer dann nach an enger zweeter Kéier vum Staat subventionéiert ginn aus dem Staatsbudget. Also och erëm vun deene Steieren, déi déi schaffend Leit an d'Rentner bezuelt hunn.

Dofir ass et vëlleg inakzeptabel, nodeems déi schaffend Leit an d'Rentner schonn eng Kéier déi Installatioune bezuelt hunn, dass se elo nach eng zweete Kéier musse bezuelen oder solle bezuelen, fir d'Käschten nach ze droen, fir dass d'Drénkwaasser an d'Ofwaasser solle käschtendeckend sinn.

Si ginn also zweemol bei d'Lisette gelooss. Dofir ass d'Kommunistesch Partei kategoresch géint käschtendeckend Präisser fir Drénkwaasser an aner kommunal Déngschtleeschtungen, déi eis vun der Europäescher Unioun – déi zënter 20 Joer näischt anescht mécht wéi Initiative fir Liberaliséierung a Privatiséierung am ëffentlechen Déngscht ze ergräifen – diktéiert ginn a vun der Regierung ouni Widdersproch akzeptéiert oder souguer nach verschäerft ginn, wéi dat beim Waasser de Fall ass.

An ech fannen et zimmlech hypokritesch, wann hei gesot gëtt: „Mir kënnen net anescht. Dat gëtt eis vum Gesetz virgeschriwwen". Dir sëtzt hei als Vertrieder vu Parteien, déi an der Chamber eis dat virschreiwen a wou Dir da sot: „Jo, mir kënnen net anescht". Also méi hypokritesch geet et awer wierklech net.

Käschtendeckend Präisser sinn, wéi mer an aneren EU-Länner gesinn, wéi a Frankräich an Däitschland, eisen Nopeschlänner, oft nëmmen eng Virstuf vun der Privatiséierung, am Interessi vu grousse Konzerner. Fir dass déi, wann d'Gemenge gutt an d'Waasserversuergung investéiert hunn, duerno privatiséiert ginn, an dass déi da kënnen déck Profitter maachen.

Dat ass géint d'Interessi vun eisen Awunner. Wat och ee Grond ass, firwat d'Kommunistesch Partei dës käschtendeckend Präisser ofleent.

Derbäi kënnt, dass d'Präiserhéijung fir Drénkwaasser, an deemnächst och vläicht fir aner kommunal Déngschtleeschtungen, zu engem Zäitpunkt erfollegt, wou e grousse Réckgang vun der Kafkraaft festgestallt ass. Wou Bensinn, Diesel, Mazout däitlech méi deier souguer sech verduebelt hunn am Präis. Wou mer feststellen, dass vill Liewensmëttel vill méi deier gi sinn. Wou mer feststellen, dass zéngdausende vu Leit, dorënner och ganz vill hei aus eiser Gemeng, Kuerzaarbecht hu musse maachen an de Moment nach maachen, wou se alt bis zu engem Monatsloun verluer hunn. Zu engem Zäitpunkt, wou d'Loyere staark gestige sinn a weider steigen. A wou d'Regierung, wéi et schéngt, an dat wäerte mer muer da gewuer ginn, den Index fir

d'Joren 2022 an 2023 nach eng Kéier wëll manipuléieren.

Et gëtt natierlech ni e richtegen Zäitpunkt, fir käschtendeckend Präisser ze verlaangen, mee de géigewäertegen Zäitpunkt, deen ass et ganz bestëmmt net. Dofir erwaarde mir eis, dass dee Virschlag zréckgezu gëtt, an dass mer an engem Joer mol nach eng Kéier doriwwer schwätzen.

Et ass och gesot ginn, et géif net goen, fir e gestaffelte Waasserpräis anzeféieren. Ech wëll drun erënneren, dass d'Kommunistesch Partei scho virun zéng Joer dee Virschlag gemaach huet, fir gestaffelt Waasserpräisser anzeféieren. Dat huet awer ni hei e Schäfferot interesséiert.

Mir hate virgeschloen, dass 20 Liter Waasser pro Dag a pro Persoun sollte gratis sinn. Dat ass keng Erfindung vun eis, mee et ass e Virschlag vun der Weltgesondheetsorganisatioun. A wann déi dat virschloen, dann hu se ganz gutt Grënn derfir. Wann dat virgeschloe gëtt, da kann een net einfach soen: „D'Waasserverwaltung huet een negativen Avis ofginn".

Sinn et op eemol d'Beamten, déi decidéieren, wat gemaach gëtt? Oder ass et d'Politik, déi decidéiert, wat gemaach gëtt? Ech mengen, doru misste mer eis och vläicht e bëssen erënneren.

Zesummefaassend wëll ech soen, dass wann dat hei ofgestëmmt gëtt, ech géint déi Waasserpräiserhéijung stëmmen.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Den Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Dir Dammen an Hären, och mir vun der CSV hätten eis en aneren Zäitpunkt gewënscht, fir d'Waasserpräisser unzepassen. Mee et ass esou, dass mir déi Direktiv hei mussen ëmsetzen. Se ass schonn dräi Joer iwwerfälleg.

Déi lescht Joren hu mir de Gesteeungspräis vum Waasser net viruginn. Et ass esou, dass mir all Joer praktesch ëm déi 800.000 Euro bäigeluecht hunn. An de Waasserpräis net un de Client, wéi virgesinn, weiderginn hunn.

Jo, et gouf dräi Joer gewaart. Mee elo musse mir déi Direktiv ëmsetzen, soss lafe mir Gefor, Subside gestrach ze kréien, déi sech bis am zweestellege Milliounebetrag kënne chiffréieren.

Mir mengen, dass et wichteg wär, eng Campagne ze starten, déi de Leit bäibréngt, dass et iwwerall op der Welt net esou ass wéi hei, wou proppert Waasser aus dem Krunn kënnt. An dass et vill Méiglechkeete gëtt, fir Waasser ze spueren. Wie muss scho säin Trottoir mam Schlauch netzen?

Leider hu mir keng Compteuren, déi dräimol sou séier dréien, wann ee muttwëlleg Waasser verbëtzt. Ech kann net verstoen, firwat et net méiglech ass, eng Staffelung vum Waasserpräis duerchzeféieren. Mir kéinten eis virstellen, eventuell iwwert d'Allocation de vie chère eng Kompensatioun ze ginn. Dëst misst da gekuckt ginn.

Ech wëll elo perséinlech eppes soen. Et gëtt andauernd iwwert d'Präisdeierecht geschwat. Wann ech gutt weess, viru 50, 60 Joer huet e Stot ongeféier 30 % vum Akommes ausgi fir Liewenshaltungskäschten, dat heescht Waasser, Iessen a sou weider. Haut si mer mol net méi bei 10 %. Dat muss ee sech mol virstellen. Iessen an Drénken, dass dat alles haut bal näischt méi kascht oder näischt méi wäert ass. Mir mussen och emol erëm eng Kéier dohinnerkommen, dass mer déi Saache schätzen. A vläicht net domat de Geck maachen. Merci. Mir stëmme mat Jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Tempels. Den Här Liesch. Dann den Här Bertinelli an d'Madamm Wohl.

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt op e puer Saache reagéieren, wat hei elo gesot ginn ass. Den Här Ruckert, dee gesot huet, dass mer all heibannen hypocrite wären. Ech hu meng Ried domat ugefaangen, dass

*duit leurs revenus. Les loyers augmentent. Et cerise sur le gâteau, le gouvernement va sans doute manipuler l'indice en 2022 et en 2023.*
*Pour Ali Ruckert, il n'y a jamais de bon moment pour demander une telle couverture des frais, mais ce moment-ci est particulièrement mal choisi. Il propose d'en reparler dans un an.*
*Par ailleurs, le collège échevinal prétend ne pas avoir le droit d'échelonner le prix. Pourtant les communistes exigent cette mesure depuis plus de dix ans sans que personne ne les écoute. Ils ont également demandé à ce que vingt litres d'eau soient offerts par jour et par personne comme le préconise l'Organisation mondiale de la santé. Alors, peu importe ce que pense l'Administration de la gestion de l'eau. Qui prend les décisions : les fonctionnaires ou les hommes politiques ?*
*Ali Ruckert n'approuvera pas la taxe.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *aurait lui aussi préféré un autre moment, mais la commune doit appliquer la directive. Depuis des années, la commune subventionne l'eau à hauteur de 800 000 € par an.*
*Le collège échevinal a attendu trois ans. Maintenant, il faut agir pour ne pas perdre des subsides à hauteur de dizaines de millions d'euros.*
*Il faut lancer une campagne pour sensibiliser les gens au fait que l'eau potable n'est pas facilement accessible partout dans le monde et qu'il faut faire des économies. Faut-il vraiment nettoyer le trottoir au tuyau ?*
*Guy Tempels ne comprend pas pourquoi le prix ne peut pas être échelonné. Une compensation grâce à l'allocation de solidarité est-elle possible ?*
*Il y a 50 ou 60 ans, un ménage dépensait 30 % de ses revenus pour l'eau, la nourriture… Aujourd'hui, il dépense 10 %. Les aliments n'ont plus de valeur. Le moment est peut-être venu de les valoriser.*

**GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)** *s'étonne du fait que monsieur Ruckert ait accusé la majorité d'hypocrisie. Car il a commencé son dis-*

*cours en disant que les écologistes soutenaient la hausse des prix. Ils ne veulent parler ni de la loi ni des subsides. Ces points sont importants, mais les écologistes préfèrent souligner l'importance de l'eau en tant que ressource.*
*Comme l'a dit monsieur Tempels, il faut expliquer aux gens que l'eau ne peut pas être gaspillée pour laver la voiture ou nettoyer le trottoir. Pour y arriver, il est nécessaire de montrer aux gens ce que l'eau coute vraiment.*
*Monsieur Ruckert a demandé au collège échevinal quelles communes échelonnent le prix de l'eau. Georges Liesch suppose que monsieur Ruckert n'aurait pas posé la question sans connaitre la réponse. Peut-il y répondre ?*
*En outre, il parle toujours de politique européenne à Differdange parce qu'il ne dispose pas d'une autre plateforme. Peut-il dire au conseil communal combien de communes luxembourgeoises ont privatisé l'eau ? Car il prétend que le collège échevinal veut faire peur aux gens en parlant de loi et de subsides. Mais lui fait pareil en parlant de privatisation.*

---

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *plaisante sur le fait que l'eau est un sujet chaud même si elle sert à éteindre le feu.*
*Il ne croit pas une seconde que ce conseil communal serait dans l'illégalité s'il n'approuvait pas la taxe, car les trois collèges échevinaux précédents ont fait la même chose. C'est impossible.*
*Fred Bertinelli trouve sympathique que les écologistes expliquent aux autres comment se comporter. Mais ils feraient bien de se regarder dans un miroir. Le conseiller communal rappelle que la commune arrose les terrains de football à l'eau potable. Les écologistes feraient mieux de servir de modèle.*
*La Ville de Differdange a construit des bassins ne fonctionnant pas. Fred Bertinelli ne sait pas pourquoi. Il cite l'exemple des bassins du nouveau stade censés recueillir l'eau de pluie. Ils ne fonctionnent pas. L'arrosage se fait à l'eau potable.*
*Fred Bertinelli sait pertinemment qu'il ne faut pas gaspiller l'eau.*

mer grad dat net an d'Vitrinn stellen. Mir als Gréng stinn zu dëse Präisser. An ech wëll elo net soe verstoppen, mee mir setzen elo net hei d'Gesetz an d'Vitrinn, fir ze soen, mir mussen dat maachen. A mir setzen och net an d'Vitrinn, dass mer eventuell keng Subside kréien.

Dat sinn natierlech Effekter, déi een och net soll negligéieren an net soll ausser Uecht loossen. Mee mir als Gréng stinn dozou, dass Waasser déi wichtegst Ressource ass, déi mer hunn. A wou mer all Joer mierken, dass mer un d'Limitte komme vun deem, wat mer hei zu Lëtzebuerg verkraaften. Dass mer déi wäertschätzen.

A wäertschätze heescht – an do sinn ech ganz beim Här Tempels –, dass mer de Leit dobausse vermëttelen, dass Waasser eppes ass, wat mer net sollte verhonzen, verbëtzen, huele fir iergendwellech sënnlos Saachen ze maachen, wéi en Auto ze wäschen oder en Trottoir domadder ofzeschwenken.

Dat, mengen ech, sollte mer maachen. An dat geet leider nëmmen, andeem een och seet, wat esou eng Ressource Waasser eeben och kascht.

An da wëll ech dem Här Ruckert eng Fro stellen. Dir hutt hei dem Schäfferot jo d'Fro gestallt, wéi eng Gemengen e gestaffelte Waasserpräis hunn. Dir stellt déi Fro jo sécher net, ouni Iech selwer informéiert ze hunn. Dir wësst et jo dann. Da wär ech frou, wann Dir eis et géift soen.

An dann hutt Der gesot, hei géif Politik gemaach ginn, Dir maacht jo ëmmer grouss Europapolitik hei zu Déifferdeng, well Der keng aner Plattform hutt. Mee Dir schwätzt dann hei vu Privatiséierung a sou weider. Do géif ech Iech da froen, wéi vill Gemengen hei zu Lëtzebuerg dann elo schonn hiert Waasser privatiséiert hunn. Dat géif mech dann och interesséieren. Dat hutt Der jo bestëmmt och.

Well wann net, dann hutt Der jo gesot, mir géifen hei de Leit just wëllen Angscht maachen, andeem mer soen, et gëtt Gesetzer an et gëtt Subsiden, déi ewechfalen. Mee da géif ech soen, da maacht Dir jo genau dat selwecht. Dir maacht hei just de Leit Angscht, andeem Der sot, hei géif eng Politik gemaach ginn, déi dozou féiert, dass mer d'Waasser wéilte privatiséieren. Wat, menges Wëssens, hei zu Lëtzebuerg net de Fall ass.

Buergermeeschtesch Christiane Brassel-Rausch (déi gréng):

Den Här Bertinelli, wannechgelift.

---

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass e ganz waarme Sujet, d'Waasser, och wann et meeschtens geduecht ass fir ze läschen. Mee ech weess, wat fir Diskussiounen et ëmmer gouf iwwert de Waasserpräis. Et ka jo net sinn, datt deen heite Gemengerot elo illegal wier, wann en dat doten net gutt géif heeschen. Well soss wieren déi dräi vireg Schäfferéit och illegal gewiescht. Well déi hunn et schonn net gestëmmt. Da kann dat jo net sinn, datt dat esou ass.

Ech wëll soen, et ass ëmmer schéin a gutt, wann eis gréng Kolleegen deenen anere Leit virschreiwen, wat se ze maachen hunn. Mee da muss ee sech emol mat senger eegener Nues huelen a sech selwer drun halen. Wann ee kuckt, wat mir als Gemeng u Waasser verbëtzen, datt eis Fussballterraine mat Drénkwaasser genat ginn. Da muss een deenen anere soen: Maacht dat doten, mee ech als Éischte fänken domadder un.

Mir hu Basenge gebaut, fir vill Geld, déi net funktionéieren. Mir netze mat Drénkwaasser. A mir hunn e Baseng, wou Waasser dran ass, deen am Ufank geduecht, war fir Waasser do erauszeschëpfen, fir déi Saachen ze maachen. Ech kennen de Grond net, firwat et net fonctionéiert. Mee dat fonctionéiert net. A mir hunn en neie Stadion gebaut, wou grouss Basengen dra sinn, wou Waasser sollt iwwert d'Reewaasser opgefaange ginn, deen net fonctionéiert. A wou mat Drénkwaasser genat gëtt.

Ech hunn näischt dogéint. Et ass richteg, datt mer eist Waasser musse versuergen. Datt Waasser eppes ass, wat ëmmer méi rar gëtt a wat eppes ass, wou ee sollt drop oppassen. Mee wann een esou eppes mécht, da sollt ee sech mat senger eegener Nues huelen an da

muss ee mam gudde Beispill virgoen an et dann emol fir d'éischt selwer maachen, ier ee vun engem anere gär hätt, datt en dat mécht.

Eppes anescht, wou mer jorelaang driwwer diskutéiert hunn, Här Liesch – an ech ka mech un déi Diskussioune mat Iech nach ganz gutt erënneren –, datt mer viru Jore scho geschwat hunn, datt dat do eng Kéier géif kommen. Dat wousste mer, datt d'Waasser eppes géif ginn, wat mat der Zäit ganz rar géif ginn. Selten an ëmmer méi deier. Well och duerch de Klimawiessel et séier verschwënnt. Waasser verdämpt. Op verschiddene Plaze gëtt et Leit, déi Kilometeren a Kilometere mussen trëppelen, fir Waasser ze kréien, fir ze drénken. An dat ass eppes, wat och net virun Europa Halt mécht. Dat gesi mer schonn a verschiddene südlechste Länner an Europa, datt dat elo schonn de Fall ass.

Mir haten eng Zäit vill Geld ewechginn, fir e Quellekadaster ze maachen an eiser Gemeng. Fir ze kucken – wéi mat anere Saachen, mat de Ressourcen, mam Wand, mam Elektresch –, wéi mer kënnen ad hoc ginn och mam Waasser. Wou kënne mer Waasser opfänken an iergendeppes maachen. Et gëtt verschidde Gemengen, d'Stad Lëtzebuerg, d'Stad Esch hunn dat, déi fänken hiert Waasser selwer op. An op verschiddene Plazen huet dat och Drénkwaasserqualitéit. Ech mengen, wa mer op esou Weeër ginn, da musse mer och selwer eis soen, dat si Richtungen, wou mir als Gemeng mussen higoen.

Ech weess net, wou dee Kadaster haut drun ass. Ech weess, datt op verschiddene Plazen enorm vill Waasser ass, wat vun de Bierger, aus de Bëscher erauskënnt, wat ee kann opfänken. Ech weess, datt verschidden Industrien hei iwwer Minièreswaasser nach funktionéieren. Wat, mengen ech, och net esou ganz legal ass. Well et kann een net einfach iergendwou Waasser ofzapen an et gebrauchen. Mee dat funktionéiert scho 50, 60 Joer esou hei an eiser Gemeng.

Ech sinn der Meenung – Dir hutt och Recht –, mee ech muss hei awer alleguerten déi Leit … Ech géif de Schäfferot nach eng Kéier an d'Gebiet huelen a soen, dass mer effektiv esou ee Moment wéi deen heite jo elo wierklech säit dem Zweete Weltkrich net haten. Datt mer esou eng Inflatioun hunn. A mir wëssen nach guer net, wou dat ophält.

Effektiv gëtt et Länner, wou d'Leit d'Heizungen ausmaachen, datt se mat duebelen Decken doheem sëtzen, well et kal ass, well se d'Heizung ausmaachen. An all déi Saachen, dat hänkt jo net elo vun eis oder vum Gemengerot of, datt een dat kann decidéieren, ob dat dann elo méi deier gëtt oder ob dat net méi deier gëtt.

Dat hei ass einfach e Choix vun engem Schäfferot, dee wëll soen: Mir maachen dat elo. Mir zéien dat elo duerch, well de Waasserpräis muss elo bezuelt ginn.

Oder et seet een einfach: Mir sinn do fir eis Bierger. Eis Bierger hunn et elo schwéier. An et ass elo vläicht keng gutt Zäit. Da musse mer vläicht mat anere Saachen, déi mer maache lénks a riets, am Ausland Terraine kafen, da musse mer dat si loossen an dat Geld investéieren an eis Bierger a soen, elo hunn eis Bierger dat Geld vläicht net a si hunn et schwéier genuch, mir maachen dat do an engem Zäitraum, wou et de Leit e bësse besser geet.

Ech weess, mir hunn dat am Zäitraum net gemaach, wou mer laang, laang net an esou enger Kris ware wéi mer haut sinn. Do hu mer et net gemaach aus anere Grënn. Mee hei mengen ech zielt d'Autonomie communale. An do ass och keen, deen eis seet … Wann een elo gesinn huet, d'Tripartite, déi gelaf ass déi lescht Woch, déi net richteg wëssen, wéi se et solle maachen, fir dass d'Leit Kafkraaft behalen. Elo fannen ech et wierklech e ganz, ganz schlechte Moment, fir eise Bierger dat doten unzedoen an och nach dat doten an d'Luucht ze bréngen.

Mir wësse jo, wou mer sozial dru sinn. Ech géif de Schäfferot opruffen, fir dat doten awer vläicht, wéi hei e puermol scho gesot ginn ass, ze verréckelen op eng Zäit. Ech mengen, dee Krich, dee ka jo net éiweg unhalen. An och wat d'Bourssen ugeet, wéi dat de Moment ass, mer si mer jo net um Enn ukomm, wat d'Deierecht ugeet. An hei si mir déi, déi decidéieren, ob mer eise Bierger dat do zoumudden oder net. Merci.

*Mais si on fait des choses comme ça, on ferait bien de se regarder dans le miroir et de commencer en premier à bien se comporter.*
*Fred Bertinelli et monsieur Liesch ont discuté il y a des années de l'augmentation du prix de l'eau. Ils savaient que l'eau allait devenir rare — notamment à cause du réchauffement climatique. À certains endroits, il faut marcher des kilomètres pour trouver de l'eau potable. Mais même l'Europe du sud commence à en ressentir les effets.*
*Fred Bertinelli rappelle que la commune a essayé de réaliser un cadastre des sources pour savoir comment optimiser l'utilisation de l'eau disponible. Differdange devrait prendre exemple sur Luxembourg-ville et Esch-sur-Alzette. Où en est ce cadastre ?*
*Dans les forêts et les collines, il y a beaucoup d'eau. Certaines industries fonctionnent à l'eau des mines depuis soixante ans même si ce n'est probablement pas légal.*
*Le collège échevinal doit admettre que l'Europe n'a pas connu un moment comme celui-ci depuis la Deuxième Guerre mondiale. Personne ne sait quand l'inflation s'arrêtera.*
*Dans certains pays, les gens doivent éteindre le chauffage et vivre dans le froid. Le conseil communal n'a pas d'influence sur le prix de l'énergie. Mais le collège échevinal peut décider s'il veut augmenter les taxes maintenant ou bien attendre un peu. Le collège échevinal pourrait par exemple investir l'argent dans les citoyens au lieu d'acheter des terrains à l'étranger. En ce moment, les gens n'ont pas d'argent. Il vaut mieux attendre avant d'augmenter les taxes.*
*La commune a attendu longtemps pour diverses raisons. Mais dans ce cas-ci, c'est l'autonomie communale qui prime. La tripartite de la semaine dernière a montré qu'on ne sait pas comment préserver le pouvoir d'achat des citoyens. Ce n'est pas bon moment pour augmenter les taxes.*
*Fred Bertinelli demande au collège échevinal de repousser l'adaptation du prix de l'eau. La guerre ne va pas durer éternellement. Personne ne sait quand les prix vont cesser de grimper. C'est au conseil communal*

*de décider si les gens peuvent payer davantage pour l'eau.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *ne veut pas se faire traiter d'hypocrite. Monsieur Liesch et monsieur Tempels ont expliqué les choses clairement. Il faut être conscient du fait que l'eau et la nourriture ont une valeur.*
*Monsieur Bertinelli a dit des choses pertinentes qu'il faudra analyser. Mais ce n'est pas une raison pour reporter le vote, car il n'y aura jamais de bon moment. La commune peut attendre et essayer de deviner comment les choses vont évoluer. Mais personne n'a la réponse.*
*Nous sommes composés d'eau à 70 %. Nous en avons besoin.*
*Les débats sont intéressants, mais il est important de payer l'eau à son juste prix. Autrement, on ne se rend pas compte de sa valeur.*
*Bien sûr, certains vont se retrouver en difficulté. Mais ceux qui n'arrivent pas à payer leur eau ont souvent aussi d'autres problèmes. Or la commune s'occupe bien d'eux.*
*L'augmentation du prix de l'eau n'est pas une question de subsides, mais du fait qu'il faut payer ce que l'eau coute vraiment.*
*Nicole Wohl propose d'ouvrir un appartement pédagogique dans le Kordall pour montrer aux gens comment faire des économies. Cela pourrait, par exemple, être intéressant pour les clients de l'office social n'arrivant pas à payer leurs loyers. Nicole Wohl ne veut pas décider pour les autres où et comment faire des économies. Mais elle veut que les gens agissent en connaissance de cause.*
*Elle est contente qu'il ait été question des fuites d'eau et se dit choquée de l'importance de ces fuites. Il est important d'en parler et de chercher des solutions.*
*Elle approuvera l'augmentation des taxes.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *constate que certains veulent toujours attendre. Le budget d'abord; la fin de la guerre ensuite. Mais la dernière guerre mondiale a duré six ans. Et Frenz Schwachtgen pense que l'on se trouve devant une nouvelle guerre mondiale.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt just d'Wuert huelen, well ech net wëll als hypokritesch dohigestallt ginn. Et ass natierlech esou, dass villes scho gesot ginn ass. Den Här Liesch huet direkt am Ufank dat och kloergestallt. Den Här Tempels huet nach eng Kéier drop opmierksam gemaach, wéi wichteg verschidde Saache sinn. Ech denken elo un d'Waasser, un d'Iessen, an dass mer eis deem einfach solle bewosst sinn.

Selbstverständlech huet den Här Bertinelli awer och Saache gesot, déi Denkustéiss kënne sinn a firwat net och verschidde Saachen einfach nach eng Kéier ënner d'Lupp huelen. Wat awer fir mech net e Grond ass, fir hei elo net deen heite Punkt ze stëmmen. Well fir mech gëtt et kee gudden Zäitpunkt. Dat ass dat eent.

Mir kënnen op alles waarden. Mir kënnen eis Saachen ausdenken a virstellen. Mee mir hu keng Anung, wéi eng Zäitpunkten duerno kommen.

Mir sollen och drun denken, wéi wichteg d'Waasser ass. Mir bestinn, plus minus, aus 70 % Waasser. Mir brauchen dat. Mir mussen och kucken, wéi d'Populatioun weidergeet an et ass immens wichteg.

Déi Diskussioun hei fannen ech ganz interessant, och mat deene verschiddenen Aspekter. An et ass och wichteg, dass mer de Präis bezuelen, wat et kascht. Fir dass mer gesinn, wéi wichteg et ass an, fir dass mer eis domadder auserneesetzen. Well soss gi mer eis net bewosst, wa mer elo dat net esou kucken. Quitte, dass et fir jiddereen, natierlech fir deen ee méi, deen anere manner, wäerten Abousse ginn. Déi Leit, déi Problemer hunn, hiert Waasser ze bezuelen, hunn oft och aner Problemer. An ëm déi këmmere eis jo an dëser Gemeng awer net esou schlecht, géif ech mengen.

Dat heescht, ech wëll deen heite Punkt esou kucken, dass mer deen onofhängeg vu Subside solle kucken, dass mer einfach bezuelen, wat eppes kascht.

An ech wëll awer och nach den Denkustouss ginn, dass mer kéinten drun denken, eventuell esou en Appartement pédagogique oder esou hei an der Gemeng oder vläicht souguer fir de Kordall ze maachen – mir mussen dat jo net jiddereen eenzel hunn –, wou d'Leit nach kënne geléiert ginn, wéi ee spuere kann.

An och grad déi Leit, déi vläicht beim Office social mussen uklappe fir Loyer, fir hei an do, dass déi eng Kéier do derduerch ginn. Well et ass jo net onbedéngt béis gemengt, wann een net alles weess. Ech mengen, déi Diskussioun ass einfach wichteg, fir dass ee méi driwwer schwätzt an och d'Leit, déi eis vläicht nolauschteren oder liesen, och selwer kënne kucken: Wat kann ech maachen? Et ass net u mir ze soen, wou spuers de, wou spuers de net. Mee et ass awer trotzdeem wichteg, dass jiddereen ka kucken, wat e mécht.

Ech muss soen, ech si frou, dass dat vun deene Perten och elo zur Sprooch komm ass. Do war ech e bësse schockéiert. Ech hat net gemengt, dass mer esou vill Perten hätten. An ëmsou besser, dass mer elo driwwer schwätzen. An dass mer dat wëllen ugoen. Well dat ass jo awer immens wichteg. Well dat mécht jo wierklech vill aus.

Ech stëmmen dat vun haut awer mat. Dat ass kloer.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Här Schwachtgen, et ass un Iech. Duerno ass et um Här Tempels. Duerno um Här Ulveling.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Op där enger Säit wëlle mer opschibe bis de Budget. Dat sinn dräi Méint. Ech hunn héieren, déi Taxenerhéijung oder déi Präiserhéijung géif eréischt Mëtt dëses Joers a Kraaft trieden. Hu mer dräi Méint Sputt. Elo hoffe mer, dass dee Krich eriwwer ass. Ech wëll Iech just soen, dee leschte Weltkrich huet sechs Joer gedauert. A mer si virun

engem Weltkrich. Dat ass emol meng Meenung.

Déi aner Saach: D'Pandemie, Uelechpräiserhéijung a sou weider ass och eng Saach vun eiser Weltwirtschaft, wou mer och drop sinn. Wann ech da soen, ee Meterkibb sinn dausend Liter. Déi dausend Liter ginn een Euro méi deier. De Bensinn ass a leschter Zäit 10, 20, 30, 40 Cents de Liter méi deier ginn. Hei ginn dausend Liter méi deier. Ee Liter Waasser kascht also een Dausendstel Euro. Wann ech dann 20 Liter fir näischt ginn, hunn ech de Leit 20 Dausendstel Liter geschenkt. Wa meng Rechnung stëmmt.

Déi 36 Meterkibb, déi all Bierger an der Moyenne verbraucht – déi Héichrechnung op véier Leit ass net ganz richteg, well wann ech mäi Gaart netzen, ob ech dann zu véier doheem sinn oder zu sechs oder eleng sinn, wann ech mäin Auto wäschen, wann ech deen eleng wäschen an ech sinn eleng, dat deelen ech net op e Stot op.

36 Meterkibb ass eng Waassersail vun engem Meterkibb um Buedem, 36 Meter héich. Wéi vill Stäck sinn dat? Déi 36 Meterkibb si 36.000 Liter, verbrauchen ech zu deem derisoirë Präis, wat Drénkwaasserqualitéit huet, wou mer dee klengsten Deel ausgi fir Alimentatioun, den Eegegebrauch, kachen, drénken a sou weider. Wou mer wäitaus dee gréissten Deel ausgi fir eise Konsum, eis Bequeemlechkeet an och eise Bien-être, wéi mir hei an de westleche Länner soen.

Da soen ech mer: Dräi Euro op de Mount gëtt elo méi gefrot fir déi 36 Meterkibb. Dräi Euro op de Mount. An der selwechter Zäit geet de Bensinn, mengetweegen, 20 Cents de Liter erop. An op där anerer Säit kréien ech 3.000 Liter. De Verglach ass do, dass wann ech dräi Kilometer manner mam Auto fueren, dass ech déi dräi Euro gespuert hunn. Dat ass de Verglach.

Lo ka jiddwereen domadder ufänken, wat e wëll. Ech sinn net fir d'Opschiben. Ech si fir Tatsaachen. Mir hunn e Waasserpräis, dee gëtt national fixéiert. Dat ass och gutt esou. Da komme mer aus all deem Geplänkel eraus. Heibanne sëtze Parteien, déi an der Regierung sinn. Déi soen elo, kommt, mir schibe mol nach op. Hir eege Regierung wäert awer soen: Et deet mer leed.

Ech mengen, mir si jo och an der Regierung. Eise Koalitiounspartner ass de Moment an der Oppositioun. Da kommt, mir ginn eis dach eens an där Klengegkeet a mer maache keng Politik dermat. Dat ass meng Meenung.

Kommt, mer soen de Leit, wat ee Liter Waasser kascht. A mer soen, mer hëllefen de Leit aspueren, wa se et néideg hunn. Mir hunn e soziale Reseau hei an der Gemeng an och am Land, mengen ech, deen eenzegaarteg ass. Een, deen duerch déi dräi Euro am Mount an d'Laberente géif kommen, dee kritt och nach hei gehollef, denken ech.

Mir schwätzen déi ganz Zäit vun eisem Sozialreseau, déi schaffend Leit, wéi den Här Ruckert seet, an d'Rentner, kommt, mer hëllefen deenen déi et brauchen. Déi brauchen et éischter am Gaspräis a se brauchen et éischter vläicht, fir op d'Schaff ze kommen, wa se onbedéngt en Auto mussen hunn. Dat sinn d'Ausenanersetzunge vun haut.

Ech fannen et e bësse schappeg, wa mer et ëmmer erëm verdrängen: Elo net. Elo net. Elo net. Ech sinn och een, deen net wëll méi deier bezuelen. Ech sinn e Knéckjang. An ech mengen, mer mussen awer wierklech och eng Kéier Faarf bekennen an de Leit soen, wéi mir mat enger Ressource ëmginn.

Et ass hei e puermol gesot ginn, vu menge Virriedner, dem Här Liesch, dem Här De Sousa an esou weider. Et ass gesot ginn, mir hunn eng Ressource, mir waarden op Reen de Moment. Eis Felder ginn dréchen. D'Ernte wäerten net méi esou ausfalen. Mir schwätzen, zu Recht, Här Bertinelli, vu Waasseropfaangbecken, déi solle fonctionéieren, déi sollen nei gebaut ginn. Ech warnen virdrun, fir keng Waasseropfaangbecken ze bauen, fir méi bëllegt Reewaasser opzefänken an domadder e Fussballterrain ze netzen.

Mee, wannechgelift, net de Fussballterrain an der Mëttesstonn netzen, wann 30° dobausse sinn, mee nuets. Wann et da muss sinn. Do kënne mir als Gemeng, ginn ech Iech Recht, wierklech eppes maachen an dem Bierger och

*La pandémie et l'augmentation du prix de l'énergie sont des conséquences de la globalisation. À Differdange, il est question d'augmenter d'un euro le prix de mille litres d'eau. Or l'essence a augmenté de quarante centimes par litre. Un litre d'eau coute un millième d'euro plus cher. Si la commune donne vingt litres d'eau, elle offre vingt-millièmes d'euros.*

*Le calcul de la consommation moyenne par ménage de quatre n'est pas correcte, car quelqu'un qui lave sa voiture ou arrose son jardin consomme davantage qu'il vive seul ou pas.*

*Trente-six mètres cubes d'eau représentent trente-six-mille litres. Le prix est dérisoire. Dans les pays occidentaux, on dépense bien plus pour son confort et son bienêtre.*

*Le prix de l'eau augmente de 3 € pour 36 m3 ; l'essence de 20 centimes le litre. Il suffit de rouler trois kilomètres de moins pour épargner trois euros.*

*Frenz Schwachtgen se base sur les faits. Le prix de l'eau a été fixé et c'est une bonne chose. Certains partis dont les représentants sont au gouvernement veulent reporter l'augmentation. Mais leur gouvernement leur dira non.*

*Les écologistes font partie du gouvernement alors que leur partenaire de coalition n'en fait pas partie. Frenz Schwachtgen demande aux conseillers communaux de ne pas en faire une question politique. Il faut dire aux gens ce que coute un litre d'eau. Le réseau social du Luxembourg est unique. Quelqu'un n'arrivant plus à joindre les deux bouts pour trois euros par mois obtiendra sans doute de l'aide. Monsieur Ruckert parle des travailleurs et des retraités. Mais ils ont surtout besoin d'aide pour payer le gaz et l'essence.*

*Frenz Schwachtgen est avare et n'aime pas dépenser de l'argent. Mais il faut prendre ses responsabilités et dire aux gens ce que coutent les ressources.*

*Le Luxembourg attend la pluie. Les terrains sont asséchés. Les récoltes seront moins bonnes. Monsieur Bertinelli parle à raison de bassins de rétention. Mais cette eau ne doit pas servir à arroser les terrains de football. Et si c'est néces-*

*saire, qu'on le fasse la nuit et pas à midi quand il fait trente degrés. La commune doit se comporter en modèle.*
*Par ailleurs, un verre d'eau minérale coute toujours moins cher qu'un verre de bière.*
*Frenz Schwachtgen ajoute que le thème a aussi été abordé par la commission de l'environnement. Un parti s'est déclaré fermement opposé à une augmentation des taxes.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *demande de quel parti il s'agit.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *répond que c'était les communistes. La commission de l'environnement n'ayant pas de rôle financier, elle n'a pas discuté des finances. Son objectif est de trouver des mesures permettant d'utiliser l'eau en tant que ressource de manière plus pertinente.*
*Frenz Schwachtgen demande aux conseillers de participer aux séances de la commission de l'environnement. Car les informations ne parviennent pas toujours aux conseillers et aux partis. La commission de l'environnement est dirigée par monsieur Carlo Scacchi et d'autres personnes compétentes.*
*Frenz Schwachtgen espère que les conseillers communaux parviendront à se mettre d'accord. Les écologistes approuveront l'augmentation du prix de l'eau. Et ils expliqueront aux gens que mille litres d'eau vont couter un euro de plus. Ce n'est pas la fin du monde.*

**GUY TEMPELS (CSV)** *revient sur les propos de monsieur Bertinelli, qui a dit que l'augmentation du prix de l'eau avait été reportée par la majorité précédente pour d'autres raisons. Les socialistes avaient-ils peur de prendre des décisions impopulaires ?*
*La majorité actuelle va procéder à l'adaptation parce que cela doit être fait. Mais monsieur Bertinelli pourra expliquer pourquoi il a reporté la décision.*

weisen, dass et anescht geet. D'Gemeng als Modell am Waasserverbrauch.

A wann ech dee Bien naturel fir mech selwer brauch, Mineralwaasser – dat Beispill ass jo genannt ginn –, da kréie mer verschidde Saachen an de Grëff an nach ëmmer zu engem Präis, dee manner ass wéi e Glas Béier. Ech mengen, dat waren och d'Iwwerleeungen.

Dat do war elo, géif ech soen, als politesche Statement geduecht. Ech wëll awer och nach soen, am Numm vun der Ëmweltkommissioun hate mer eis och iwwert dat Theema ënnerhalen, mir haten dat schonn eng Kéier gesot, wéi d'Dreckskëschte méi deier gi sinn. Et hat eng Partei hei signaliséiert, dass si ganz kloer géint d'Taxenerhéijung wier. Dat ass och …

**ALI RUCKERT (KPL):**

Wat fir eng Partei war dat?

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Dat war d'Kommunistesch Partei.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Voilà!

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

D'Kommunistesch Aarbechter Partei Lëtzebuerg, déi huet gesot, si si géint Taxenerhéijung.

Mir hunn an der Ëmweltkommissioun, wëll ech och hei ganz kloer soen, de Rôle financier, vun de Finanzen ausgeklamert, well mer keng Finanzkommissioun sinn. Mer hunn dee Rôle erausgeholl, well mer einfach wëllen als Ëmweltkommissioun drop wierken, fir Modeller a Léisungen ze fannen, wéi d'Madamm Wohl gesot huet, an ze proposéieren an nächster Zukunft oder matzeschaffen u Léisungen, wéi mer méi sënnvoll mat eiser Ressource Waasser ëmginn.

Dat ass de Rôle vun enger Ëmweltkommissioun. Wa mer dann iwwer Thillebierg-Waasser schwätzen: Schéckt Är Leit an d'Ëmweltkommissioun an informéiert se. Dass dat och soll e Parteiegespréich ginn. An der Ëmweltkommissioun ass et esou. Awer et geet heiansdo net weider un d'Conseilleren an et geet heiansdo net weider un d'Féierung vun der Partei. Dass se sech och kënnen e Bild maachen, wat an enger Ëmweltkommissioun gesot gëtt, ënner der Leedung vum Här Carlo Scacchi an anere kompetente Leit, déi ganz vill Aarbechtszäit an déi Diskussioun eraginn. Fir déi doranner ze ënnerstëtzen, dass mer och do Kapp an Nol dervu maachen.

Dat wollt ech einfach soen. Ech hoffen, dass mer eis kënnen eens ginn an där Saach. Mir stëmmen déi Erhéijung mat. A mir erklären de Leit et op deem richtege Wee an net dramatesch, wéi wann elo d'Welt géif ënnergoen, wa mer fir dausend Liter Waasser een Euro méi bezuelen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Här Tempels, wannechgelift.

**GUY TEMPELS (CSV):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech hunn eng Fro. Ech hu virdrun dem Här Bertinelli nogelauschtert. Hie sot, déi Zäit, wou mer an der Majoritéit waren, hätte mer dat aus anere Grënn ëmmer no hanne geréckelt. Dat heescht och si haten Angscht oder et ass ëmmer dee selwechte Misär, wann eng Hausse am Raum steet, dass kee frou driwwer ass. Dat heescht, déi Zäit hu si et och net gemaach. Mir maachen et eeben elo well et och muss gemaach ginn. Mee ech mengen, si sollen awer och éierlech sinn, dass et sengerzäit och warscheinlech aner Grënn waren, déi ech elo genannt hunn. Oder hie seet mer se elo. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Den Här Ruckert, wannechgelift. Dann den Här Ulveling.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech weess net, wat den Här Liesch am Hannerkapp huet, wann en hei eng Fro stellt am Gemengerot. Ech wëll Iech just soen: Wann ech eng Fro stellen, ass dat keng rhetoresch Fro. Da stellen ech eng Fro, well ech eppes net weess. An dann hätt ech gär, wann et méiglech ass, eng Äntwert.

Iwwregens déi zwou Froen, déi ech hei gestallt hunn, wéi vill Gemengen da schonn ee gestaffelte Waasserpräis agefouert hunn an ob da schonn eng bestrooft gi wär, well se dat net gemaach huet oder wéi vill der bestrooft gi sinn, déi hunn ech scho virun e puer Deeg an der Finanzkommissioun gestallt. Et wär deemno eng Méiglechkeet gewiescht, sech hätten doriwwer informéieren ze kënnen. Ech weess et jo net. Dat ass déi eng Saach.

Déi zweet Saach ass, ech hunn hei kengem perséinlech Hypokrisie ënnerstallt, mee ech hu ganz genau gesot, dass et hypokritesch ass, wann déi selwecht Parteien, déi an der Chamber decidéieren, dass e käschtendeckenden Drénkwaasserpräis muss gemaach ginn, hei dann erzielen, mer géifen net derlaanscht kommen, dass dat géif gemaach ginn. Dat ass politesch Hypokrisie.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Ruckert. Här Ulveling, wannechgelift.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Ech fannen et intellektuell net richteg, wann een elo hei higeet a seet, well d'Leit elo een Euro méi bezuele fir de Meterkibb Waasser an ee sech dergéint wiert, awer op där anerer Säit hätt een d'Méiglechkeet, bei senge Regierungsmemberen ze intervenéieren, fir dass déi mol géifen op d'Akzisen oder d'Steieren op dem Bensinnspräis verzichten, well domat wär de Leit méi gehollef, wéi wa se hei een Euro méi bezuelen. Ech wëll awer elo keng Poleemik domat maachen. Ech wollt just nach zwou Informatioune ginn.

Wat den Här Bertinelli gesot huet, dat ass richteg. Mer haten d'lescht Joer oder d'Joer virdru Problemer mat eise Reservoiren. Do ware Pompele futti. Mëttlerweil ass dat awer gefléckt. A mir hunn och d'lescht Joer am Summer ee groussen Deel vum Waasser aus deene Reservoiren notze kënne fir ze netzen. Et war also net nëmmen normaalt Waasser, mee och Reewaasser.

Dat anert ass, dass mer decidéiert hunn, am Schäfferot, virun net allze laanger Zäit, dass mer gesot hunn, dass mer bei all grousse Projet an Zukunft wäerten – an do hate mer gréisser Diskussiounen och am Parc AS – Reservoire bauen. Well mer sinn eis bewosst ginn, wa mer netzen, da wëlle mer net mat Drénkwaasser netzen, mee mir wëlle mat Reewaasser netzen. An da musse mer eppes hunn, fir dat opzefänken.

Dat anert, wat hei ugeschwat ginn ass, mat der Perte vun deenen 11 % duerch Fuitten an eisem Reseau, do hu mer zënter ufanks dëses Joers eng Etüd lafen, déi 100.000 Euro kascht a wou gekuckt gëtt, wou d'Schwaachpunkte sinn. Ech kann Iech elo scho soen, dass et zwee Schwaachpunkte gëtt. Dat eent ass de Belair. Do si mer jo amgaang, dee ganze Reseau ze erneieren. Dat heescht déi éischt Fuite, déi mer fonnt hunn, ass de Belair. Dee si mer amgaang ze erneieren.

Déi aner dat ass de Wangert. Do wësst Der jo, dass mer Problemer mat de Leit hunn, well déi eis den Terrain net wëlle cedéieren. Do komme mer net esou richteg virun. Mee, wéi gesot, déi Etüd ass amgaang, fir ze kucken, fir déi Perte anzedämmen.

Allgemeng gëtt ugeholl, an esou grousse Reseauen, wéi mir der hunn, dass ee gutt ass, wann een tëschent 7 an 8 % verléiert. A mir si bei 11 %. Dat stëmmt, et ass ze vill. A mir sinn amgaangen, wéi gesot, duerch déi Etüd an och duerch déi Projeten, ee vun deene Projete mol, ze versichen, do nach erofzekommen.

Ech ginn Iech d'Informatioun: An Zukunft wäerten iwwerall bei grousse Projete Reservoire gebaut ginn, fir Reewaasser opzefänken an dat ze notze fir ze netzen. Merci.

**ALI RUCKERT (KPL)** *ne sait pas ce que monsieur Liesch a dans la tête quand il pose une question au conseil communal. Mais lui, il ne pose pas de questions rhétoriques. Il pose des questions dont il ne connait pas la réponse.*
*Combien de communes ont-elles échelonné le prix de l'eau ? Combien ont été punies en conséquence ? Ces deux questions, il les a également posées à la commission des finances. Le collège échevinal aurait pu s'informer.*
*En outre, Ali Ruckert n'a traité personne d'hypocrite. Il a simplement dit qu'il était hypocrite de dire que la couverture du prix de l'eau est obligatoire alors que les mêmes partis sont à la Chambre et ont en pris la décision.*

**TOM ULVELING (CSV)** *trouve cette réflexion intellectuellement douteuse. Les conseillers communaux dont les partis sont au gouvernement aideraient bien plus les gens en demandant au gouvernement de renoncer aux accises et aux impôts sur le prix de l'essence. Mais Tom Ulveling ne veut pas entrer dans une polémique.*
*Monsieur Bertinelli a raison de dire que la commune a eu des problèmes avec ses réservoirs. Les pompes étaient cassées. Mais l'été dernier, l'eau a pu être utilisée pour l'arrosage.*
*Le collège échevinal a par ailleurs décidé de construire des réservoirs lors de la réalisation de tous les grands projets. Il en a notamment été question dans le cadre du parc de l'AS. La commune ne veut pas faire de l'arrosage à l'eau potable, mais à l'eau de pluie.*
*La commune perd 11 % de son eau à cause de fuites dans le réseau. Une étude a été lancée pour 100 000 €. Le réseau compte deux points faibles : Belair et Wangert. Les fuites de Belair sont en train d'être réparées. En ce qui concerne le Wangert, certains propriétaires ne veulent pas céder le terrain. Les choses n'avancent guère.*
*Un réseau de l'envergure de celui de Differdange perd en général entre 7 % et 8 % d'eau. Par conséquent, 11 %, c'est trop.*
*Tom Ulveling répète qu'à l'avenir, tous les grands projets seront ac-*

*compagnés de l'installation d'un réservoir.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *a l'impression de devoir dire quelque chose pour clôturer ces discussions, chouettes et constructives.*

*Le principe du pollueur-payeur doit être appliqué. La bourgmestre voudrait bien savoir quelle aurait été la réaction du conseil communal si le collège échevinal avait procédé à cette adaptation pendant la pandémie. Elle n'a pas besoin de la réponse, mais les conseillers communaux peuvent y réfléchir chacun pour soi. Mais le moment n'aurait pas été bon. Maintenant, il y a la guerre, qui entraine une augmentation des prix de l'énergie.*

*Monsieur Schwachtgen a mentionné l'essence. Que va faire la commune si les prix de l'énergie continuent à croitre ? Le moment sera mal choisi pour augmenter les taxes. Si l'on reporte ce point à l'année prochaine, le moment sera mal choisi à cause des élections et les conseillers auront peur de perdre des voix. Alors, quel est le bon moment ?*

*Sans eau, il n'y a pas de vie sur terre. L'eau est donc essentielle. Monsieur Liesch et monsieur Tempels ont dit qu'il fallait lui donner sa juste valeur.*

*Le fait est qu'il ne pleut pas assez et que cela entraine de la sècheresse. Avec toutes les crises actuelles, le changement climatique est passé à l'arrière-plan. Les terrains manquent déjà d'eau cette année et personne ne sait comment seront les mois de mai, juin, aout et septembre. Comme l'a dit monsieur Schwachtgen, la sècheresse aura un impact sur l'alimentation.*

*Monsieur Ruckert a raison quand il parle des multinationales. Mais la privatisation a lieu depuis longtemps. La commune doit pouvoir garantir la livraison de l'eau. C'est pourquoi cette augmentation est importante même si le moment n'est jamais bien choisi.*

*Il faut aussi poser les bonnes priorités quand on dépense de l'argent. Cette question concerne ceux qui ont du mal à joindre les deux bouts. Les gens se sont habitués à consommer et à acheter. Il est*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech soe villmools Merci. Ech fille mech elo iergendwéi, dass ech eppes soe misst zu deene ganzen, zum Deel, flotten a konstruktiven Diskussiounen an Argumenter, déi hei ervirbruecht gi sinn. Ech probéieren elo, fir mech eng Konklusioun ze zéien an dann och vläicht fir Déifferdeng. Dat heescht, mir ginn dovunner aus, dass d'Obligatioun Pollueur-payeur besteet. Dat ass en Acquis. Do gi mer net dru fréckelen.

Ech hu mer alles esou opgeschriwwen, am Laf, wéi d'Remarke komm sinn elo hei am Gemengerot. Dofir ech hunn e puer Froen. Ech froen Iech elo alleguer, well mer vun Zäitpunkt geschwat hunn, a probéiert éierlech ze äntweren: Wat wär Är Reaktioun gewiescht, wa mir an der Pandemie de Waasserpräis erhéicht hätten?

Dir braucht mir se net ze ginn. Mee gitt Iech se. Da wär gesot ginn, menger Meenung no: Mir kënnen et net maachen, well et weess kee wat kënnt. Wat jo och gestëmmt huet. Elo maache mer et net, engersäits wéinst dem Krich, deen da mat sech bréngt, dass d'Energiepräisser, déi scho virdrun an d'Luucht gaange si wéinst der Pandemie, elo en essentiellen Elan an d'Luucht gemaach hunn.

Den Här Schwachtgen huet de Bensinn ugeschwat. Mir schwätze vum Gas. Ech stellen Iech d'Fro: Wat maache mer, wann déi Energiepräisser dann an Zukunft weider an d'Luucht ginn a si falen net erof, wéi mir jo alleguerte vläicht unhuelen oder gären hätten? Dat ass och en ongënschtegen Zäitpunkt. Dann erhéije mer d'Taxen erëm net.

An dann ass d'Fro: Wéini falen d'Präisser? Da verleeë mer se op Enn dëses Joers oder op Ufank nächst Joer. An da wäert et heeschen: Ongënschtegen Zäitpunkt, well et steet eis e Super-Waljoer an d'Haus. Virun de Walen däerfe mir jo keng Taxen erhéijen, well dat kéint eis jo Stëmme kaschten. Wéi éierlech si mer! Dofir meng Fro: Wéini ass e gënschtegen Zäitpunkt, fir dat do ze decidéieren? Et gëtt keen. Mee mir mussen d'Decisioun awer huelen.

Et ass e puermol hei ugeklongen, ech wäert och elo Saache widderhuelen, déi scho gesot gi sinn, Waasser ass e Liewensmëttel. Ouni Waasser, an ech mengen, do si mer eis all eens, wäert et kee Liewe méi op eiser Äerd ginn. Also ass Waasser liewenswichteg. Et ass gesot gi vum Här Tempels oder vum Här Liesch, elo weess ech et net méi, mir mussen d'Waasser wäertschätzen. Waasser huet e Wäert.

Wat ass d'Realitéit haut? Mir stoungen dobaussen: „Hei, et reent, mee et reent awer net genuch. Et ass scho vill ze vill dréchen". Mat all deenen aktuelle Krisen ass dat, wat een esou schéi Klimawandel nennt, einfach an den Hannergrond geréckelt. Mee en ass awer do. Mir hunn déi éischt dräi Méint vum Joer schonn net genuch Waasser am Buedem. Mir wëssen awer net, wat et am Juni, am Mee, am August, am September gëtt. Et ass awer bestëmmt kee Mënsch, deen a Fro stellt, dass d'Biedem elo schonn ze dréche sinn. Den Här Schwachtgen huet et weidergefouert, dat huet natierlech en Impakt op d'Liewensmëttel. A mir hunn nach guer net vun deene geschwat.

D'Privatiséierung, Här Ruckert, fënnt scho laang statt. Jo, ech ginn Iech Recht mat de Multinationalen. An dofir, genau dofir, fir dat ze evitéieren a fir sech deem an d'Wee ze stellen, solle mir justement als Gemeng e Garant dofir sinn, dass dat net mam Waasser geschitt. Just dowéinst. An dofir brauche mer dës Erhéijung. Och wann den Zäitpunkt ni dee richtege wäert sinn.

An da muss ech eis als Gesellschaft froen: Wat sinn eis Prioritéiten? Firwat wëlle mir eis Suen ausginn? Ech denken déi, déi hei ronderëm den Dësch setzen, brauche sech d'Fro net esou séier ze stellen. Mee do gëtt et awer Leit, déi mussen all Cent an all Euro ëmdréien.

Ech denken, iwwer Jore sech un de Konsum gewinnt ze hunn, wéi schéin dat dach ass, wann een hei ka kafen an do ka kafen an hei kann ausginn an esou, do hu mer eis wierklech gutt dru gewinnt. An natierlech wäert alles, ech schwätzen elo net nëmme vum Waasserpräis, ech schwätzen net nëmme vum Klima, ech schwätze vun allem, mir mussen iergendwou drop reagéieren. A wéini si mer prett drop ze

reagéieren? A wéi wëlle mer drop reagéieren? Wat sinn eis d'Liewensmëttel wäert? Wat ass eis d'Fleesch wäert? Wat ass eis d'Geméis wäert? Wat ass eis d'Waasser wäert?

An dëser Diskussioun geet et net nëmmen ëm d'pécuniaire Aspekter. Et geet a mengen Aen, ech hunn dat richtegt Wuert net fonnt, och ëm de moraleschen Aspekt: Wat hannerloosse mir eise Kanner fir eise Konsum a fir dee Wuelstand, dee mir hunn? An do gehéiert d'Waasser nu mol mat an déi Diskussioun.

An da kommen ech op dat zréck, wat ech am Ufank gesot hunn: D'Gesetz ass geännert ginn. De Staat huet seng Allocation de vie chère eropgesat. Mir gi 50 % vun der Allocation de vie chère mat drop. Et gëtt e Complément énergétique.

Et ass esou, dass eng Persoun 1.652 Euro Allocation de vie chère vum Staat kritt. Déi kritt vum Staat 200 Euro Prime énergétique. Déi géif vun eis nach 100 Euro kréien.

E Stot mat zwou Persoune kritt 2.065 Euro vum Staat, an och vum Staat 250 Euro. Vun eis géif en dann nach 125 Euro dobäikréien.

E Stot vun dräi Persoune kritt vum Staat 2.478 Euro Allocation de vie chère, e kritt eng Prime énergétique vun 300 Euro. Vun eis kritt en 150 Euro derbäi.

2.891 Euro fir eng Communautéit vu véier Persounen. Kritt vum Staat och nach 350 Euro. Vun eis kritt se 175 Euro.

An eng Communautéit vu méi wéi fënnef Persoune kritt 3.340 Euro vum Staat, 400 Euro Energieprimm a vun eis dann Allocation de solidarité 200 Euro.

Domadder kréie mer jo awer deen Differenzial opgehuewen. Mir hunn an eisem Budget iwwer eng Millioun virgesinn. A mir wäerte mat deenen zousätzleche 50 %, déi dobäikommen, nach eng Kéier eng Augmentatioun vu plus ou moins 12 % méi verdeelen. Wat solle mer nach méi maachen?

Elo musse mer éierlech sinn an eis eens ginn. Ech schléissen of. Fir mech geet et drëm, eng verantwortlech Politik ze maachen. An eng verantwortlech Politik ass, ënner anerem, och eng – ech hunn d'Wuert net gären an der Politik, mee eng éierlech Politik ze maachen an éierlech Decisiounen ze huelen an zu deem ze stoen, wat een denkt. Den Här Schwachtgen huet et op de Punkt bruecht.

Et wär schéin, wa mer elo alleguerten e bësse géife faire un petit recueil an eis iwwerleeën, wéi mer dann elo ofstëmmen. Merci.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Ech wollt net no der Buergermeeschtesch schwätzen. Mee dat heescht jo, Madamm Buergermeeschtesch, wat Der hei sot, datt déi dräi Schäffe virdrun hir Responsabilitéit net iwwerholl hunn. Hunn ech jo elo richteg verstanen. Dat hutt Der jo elo gesot: „Dir hutt déi Erhéijung net gemaach". Also hu se hir Responsabilitéit net esou iwwerholl, wéi Dir dat hei maacht. Esou verstinn ech et, also wann ech dat eescht huelen, wat Der sot.

Ech wëll just soen, hei ass elo wéi vill mol gesot ginn, op nationalem Plang si Leit, déi an der Regierung sinn, an national sollte mer dann intervenéieren, wa mer net d'accord wären. Ma ech wëll Iech just soen, datt ech gewielt si vun Déifferdenger Bierger. Ech sëtzen hei an deem Gemengerot fir déi Déifferdenger Bierger. Ech weess, wou d'Problemer hei an eiser Gemeng sinn. An ech mengen, et huet och kee gesot, mir sollen de Waasserpräis ni méi erhéijen. Mir hunn hei just gesot, datt et elo e ganz, ganz schlechten Zäitpunkt ass. Duerch all déi Saachen, déi hei gesot gi sinn, an dat ännert och dorunner net.

Mir ass et wichteg, bei all deenen Erhéijungen, d'Madamm Buergermeeschter huet jo elo just gesot, wéi vill Sue mer ewechginn, fir den Déifferdenger Bierger iwwert d'Ronnen ze hëllefen, an dat hei dréit jo elo net derzou bäi, datt et besser geet. Dat hei verschlëmmert déi Saach nach.

*temps de réagir à ce phénomène. Quelle est la valeur des aliments ? Quelle est la valeur de la viande ? Quelle est la valeur des légumes ? Quelle est la valeur de l'eau ?*
*Il n'est pas seulement question d'argent, mais aussi des aspects moraux. Que voulons-nous laisser à nos enfants ? L'eau doit faire partie de cette discussion.*
*Christiane Brassel-Rausch rappelle ensuite que l'État a augmenté son allocation de vie chère et que la Ville de Differdange y associe l'allocation de solidarité. Il existe par ailleurs un complément énergétique. Une personne recevant 1652 € d'allocation de vie chère touche 200 € de prime énergétique et 100 € supplémentaires de la part de la Ville de Differdange, qui s'ajoutent à 50 % de l'allocation de vie chère. Un ménage de 2 personnes a droit à 2065 € et 250 €, un ménage de 3 personnes à 2478 € et 300 €, un ménage de 4 personnes à 2891 € et 350 € et une communauté de 5 personnes à 3340 € et 400 €.*
*Le budget pour l'allocation de solidarité se chiffre à plus d'un-million d'euros. Que peut faire de plus la commune ?*
*Pour Christiane Brassel-Rausch, pratiquer une politique responsable signifie prendre des décisions honnêtes et dire ce que l'on pense vraiment. Monsieur Schwachtgen a parfaitement résumé ce point. La bourgmestre demande à tous les conseillers communaux de bien réfléchir avant de voter.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a-t-il bien compris ? La bourgmestre a-t-elle prétendu que les trois collèges échevinaux précédents n'ont pas pris leurs responsabilités ? Car elle a dit qu'ils avaient refusé d'augmenter le prix de l'eau.*
*On a dit que les conseillers communaux devaient intervenir auprès de leurs représentants au gouvernement. Mais Fred Bertinelli a été élu par les citoyens differdangeois. Il sait où se trouvent les problèmes de la commune.*
*En outre, il n'a jamais dit qu'il ne fallait pas augmenter le prix de l'eau. Mais pas maintenant !*
*La bourgmestre vient de souligner combien d'argent la commune dé-*

*pense pour soutenir les personnes dans le besoin. Mais cette mesure-ci ne contribuera pas à améliorer la situation. Au contraire !*
*Fred Bertinelli répète que le moment est vraiment mal choisi. C'est tout ce que les socialistes ont dit.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *s'excuse de ne pas avoir pris connaissance de la question de monsieur Ruckert à la commission des finances. La question ne figurait pas non plus dans le rapport.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *ajoute que le rapport ne mentionne pas non plus que les communistes sont contraires au principe de la couverture des frais.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *réplique qu'il aurait pu réagir.*
*En tout cas, un fonctionnaire de l'AGE vient d'informer Paulo De Sousa qu'il n'existe aucune commune échelonnant le prix de l'eau.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *avait demandé combien de communes ont été punies pour ne pas avoir augmenté les prix.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *rétorque que monsieur Ruckert avait posé deux questions.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe au vote.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch passe aux taxes de stationnement.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il est question des tarifs du Lithopark ouvrant le 26 avril. Les prix seront identiques à ceux de Nei Déifferdeng et de la place des Alliés. Les conseillers communaux les connaissent.*
*Parmi les changements figure le tarif de nuit, qui passe à vingt centimes par heure. En effet, les machines n'acceptent pas les pièces de cinq centimes alors même que l'exploitant avait été prévenu.*

Ech mengen net, datt dat à l'éternité esou weider ka goen an der Erhéijung, wat eis Energie elo kascht de Moment. Ech fannen einfach den Zäitpunkt ganz schlecht a falsch, fir elo eng Erhéijung ze maachen. A méi huet hei kee vun eis gesot.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Den Här De Sousa wëll op dem Här Ruckert seng Froen äntweren. Duerno komme mer zur Ofstëmmung.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Här Ruckert, et deet mer leed, datt ech an der Finanzkommissioun Är Fro net matkritt hunn. Si stoung awer och net am Rapport. Soss hätte mer nogefrot.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Et stoung och net am Rapport, dass mir géint käschtendeckend Präisser sinn. Stoung och net dran.

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG) :**

Dir hat jo d'Méiglechkeet ze äntweren. Dat ass awer elo net de Punkt.

Dir hat gefrot, wéi vill Reglementer mat engem gestaffelte Waasserpräis agereecht goufen oder approuvéiert goufen. En héije Beamte vun der AGE huet elo bestätegt, datt si keen een esou ee Reglement approuvéiert hunn. Dowéinst gëtt et esou ee Reglement guer net. Merci.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Nee, dat hunn ech guer net gefrot gehat. Ech hu gefrot, wéi vill Gemenge bestrooft gi sinn, well se dat net agefouert hunn.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Dir hat zwou Froen. Op déi éischt Fro hunn ech geäntwert. Déi zweet Fro kritt Der dann nogereecht, wa mer dorop eng Äntwert kréien. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Da géife mer elo zur Ofstëmmung kommen.

Mir maachen et separat. Mir kommen elo just zur Ofstëmmung iwwert de Waasserpräis.

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Waasser an Ofwaasser, jo.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Jo.

*Le conseil communal décide avec 11 voix oui, 7 voix non et 1 abstention d'approuver les modifications au chapitre* E-2 eau et canalisation *du règlement des taxes, tarifs et prix.*

Da komme mer elo zu den Taxen beim Parking. Heifir ginn ech d'Wuert un den Här De Sousa weider.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. An dësem Punkt geet et haaptsächlech ëm d'Fixatioun vun de Präisser vum Lithopark, deen de 26. Abrëll wäert opgoen. Mir applizéieren do déi selwecht Präisser wéi am Nei Déifferdeng an op der Place des Alliés, fir op enger Linn ze bleiwen. Déi Präisser sinn Iech bekannt. Dowéinst ginn ech net an den Detail.

Ee klengt Changement: D'Nuetstariffer sinn elo op 20 Cents pro Stonn gesat ginn. Vun 18 bis 8 Auer. Dat hu mer festgehalen. Well nodeems mir déi nei Tariffer Enn September hei gestëmmt haten, krute mer gesot, datt verschidden Automate keng 5-Cent-Stécker unhuelen, obwuel mer d'Präisser bei de Parkbedreiwer eraginn hunn a si haten näischt zu deem Punkt ze beanstanden. Et gëtt nach Leit, déi Cash bezuelen. Dofir dës klengt Changement.

Wat mer nach geännert hunn, mir hunn een eenheetleche Präis fir d'Locatioun vun de Parkplazen an all eise Parkhaiser fixéiert. Deen ass op 100 Euro.

Am Parc des Sports gëtt et um Rez-de-chaussée méi grouss Emplacementer fir Camper oder méi grouss Camionnetten. Dofir froe mer neierdéngs 150 Euro pro Mount, well déi flächeméisseg e gutt Stéck méi grouss sinn. Mer schwätze vun 20 m2 ongeféier. Eng normal Parkplaz huet 12.

Ech wëll Iech informéieren, datt am Parc des Sports d'Autoen um Rez-de-chaussée Plaz verléieren. Déi ginn op den zweete Stack. Do kréie se eng Parkplaz. Dat, well eng Demande besteet, fir déi méi grouss Parkplazen ënnen am Rez-de-chaussée ze kréien.

Dat wier alles zum Taxereglement wat d'Parkhaiser ugeet. Merci fir d'Nolauschteren.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Här Altmeisch, wannechgelift.

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Dir Hären, ech hu mer selbstverständlech deen Dossier ugekuckt. Ech hunn déi Chifferen am Dossier verfollegt. Eng ganz gutt Saach fanne mir als LSAP, dass elo fix Stationnementer autoriséiert ginn an deene verschiddene Parkhaiser, déi mer hunn.

Et ass jo schrecklech, d'Stroossen an de Quartiere sinn iwwerfëllt mat Parkplazen. Bal all Dag brécht ee klenge Krich aus, fir eng Parkplaz ze fannen. An d'Parkhaiser, wat ech ëfters gesinn, Parc des Sports zum Beispill, dat ass dräi Stäck schwaarz, well keen Auto do steet. Mir begréissen zu 100 %, dass de Parc des Sports, de Lithopark an d'Place des Alliés opgeet, fir elo permanent Parkplazen zum Präis vun 1.200 Euro de Mount. Dat ass tipptopp.

(Ënnerbriechung)

1.200 Euro d'Joer. Jo, richteg. Ech hu mech elo verkuckt hei e bëssen. Ech war an déi falsch Rei geroden. Merci awer fir d'Hëllef.

Merci! Net dass dat Skandalpräisser ginn, dat do.

Des Weidere war ech mer dunn och déi Parkingen ukucken. Ech sinn nach ëmmer der Meenung, déi Opfangparkingen, wéi mer se nennen, wéi zum Beispill Kierfecht zu Uewerkuer, wat jo och eng wichteg Saach ass, dass d'Leit do parken an dann op hir verschidden Aarbechtsplaze ginn respektiv vun do aus e Bus kënnen huelen. Do ass mer awer opgefall, dass den Éclairage vun deem Parking net gutt ass. Dass d'Propretéit vun deem Parking net gutt ass. Et ass net attraktiv.

Do stinn dann och nach dräi, véier där Voitures délaissées ouni Spigelen, ouni Pneuen, déi keng Loscht méi hu fir ze fueren. Et ass net attraktiv als Gemeng, de Leit esou Parkingen unzebidden. Et kënnt een dohinner mat sengem normalen Auto an da muss een deen niewent ee stellen, dee schlecht ausgesäit, dee kee Spigel huet an d'Fënstere futti sinn. Also net ganz vertrauenserweckend.

Eng Folleg vun deem schlechten Éclairage op deem Parking. Mir musse wëssen, dass Leit do moies hiren Auto ofstellen um 7 Auer an dann erof zum Beispill an de 1535° ginn. Am Wanter ass et däischter respektiv net richteg hell an et ass erëm däischter, wa se um 17 Auer mëttes zréck bei hiren Auto ginn.

Ech hu gesicht nom Avis vun der Mobilitéitskommissioun. Hunn ech awer leider weeder am Dossier nach op der Diffcloud fonnt. Dat deet mer leed. Well ech jo och do Member sinn. Ech weess, dass verschidde Reuniounen ausgefall sinn, covidbedéngt oder krankheetsbedéngt. An dat sollt um Ordre du jour gestanen hunn an deene Reuniounen, dann ass dat eng Erklärung fir mech.

D'autant plus sinn ech der Meenung wa mer eng Upassung maache vun den Taxen, eng biergerfrëndlech Upassung vun de Momenter a vun den Zäitpunkten, wou déi Parkingen do genotzt ginn, wier de Moment och gënschteg, fir e Reglement ze schafen iwwert d'Park-

*Le prix de la location d'une place de stationnement dans un parking a été uniformisé à cent euros.*
*Le parking du Parc-des-Sports comprend des places pour des autocaravanes et de grandes camionnettes. Le prix de location se monte à 150 € par mois pour une surface de quelque 20 m². Les voitures, quant à elles, quitteront le rez-de-chaussée pour le premier étage.*

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a étudié les chiffres. Il se réjouit du fait qu'un stationnement fixe soit prévu dans tous les parkings, car il y a trop de voitures dans les rues des quartiers. Des disputes éclatent pratiquement tous les jours alors que le parking du Parc-des-Sports est vide. Le prix de la location s'élève à 1200 € par mois.*
*(Interruption)*
*Guy Altmeisch confirme qu'il s'agit de 1200 € par an. Il avait sauté une ligne.*
*Il signale que certains parkings comme celui du cimetière d'Oberkorn sont importants parce qu'ils permettent aux gens de se garer et de prendre le bus pour aller travailler. Malheureusement, le parking en question est mal éclairé et mal entretenu. Il n'est pas attractif. Il y a aussi plusieurs voitures à l'abandon sans miroirs et sans pneus. Le site ne donne guère confiance.*
*Pour ce qui est de l'éclairage, Guy Altmeisch constate que certaines personnes y garent leurs voitures à 7 h pour se rendre au 1535°. Et ils reviennent prendre leurs voitures vers 17 h. Or en hiver, il fait sombre. Guy Altmeisch a recherché l'avis de la commission de la mobilité, dont il est membre, mais il ne l'a pas retrouvé.*
*Mais il se souvient que certaines réunions ont été annulées à cause de la COVID-19.*
*Par ailleurs, puisque le collège échevinal adapte les taxes, il ferait peut-être bien de prévoir un règlement sur les parkings. Cela permettrait aux forces de l'ordre d'intervenir.*
*Guy Altmeisch rappelle ensuite que les parkings comptent des places pour les personnes handicapées. Mais ces places ne sont pas règlementées. La police ne peut rien faire si quelqu'un se gare mal. Guy*

*Altmeisch exige un tel règlement depuis des années. Il en parle aussi à la commission de la mobilité, mais cela n'a l'air d'intéresser personne. Un règlement permettrait à chacun de faire son travail dans l'intérêt de la population.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *en discutera avec les services concernés.*
*Le parking d'Oberkorn va recevoir un nouvel éclairage. Et dans le cadre du plan local de sécurité, des panneaux sont prévus pour prévenir les gens de ne rien laisser dans la voiture.*
*(Interruption)*
*Christiane Brassel-Rausch précise que les panneaux ont déjà été livrés.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *rappelle que le collège échevinal précédent avait prévu d'uniformiser les prix des parkings et que le Lithopark faisait partie du concept. La commune avait signalé au promoteur qu'il devrait adapter les tarifs au règlement communal.*
*Cela démontre que le collège échevinal précédent savait aussi être visionnaire.*

**ALI RUCKERT (KPL)** *annonce qu'il votera contre ces taxes, car pour les communistes, le stationnement devrait être gratuit dans les parkings.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *revient sur les propos de monsieur Altmeisch. Il est vrai qu'une réunion de la commission de la mobilité a été annulée pour cause de maladie. Mais Paulo De Sousa avait envoyé un courriel à tous les membres avec l'ensemble des règlements.*
*Il veillera à ce que les réunions avant un conseil communal aient lieu.*
*(Vote)*

haiser. Dass d'Forces de l'ordre kënnen intervenéieren.

Ech widderhuele mech. Ech hunn dat des Ëftere schonn erkläert. Mir hunn eng gewëssen Zuel u Parkinge fir handicapéiert Leit an deene Parkhaiser. Déi sinn awer net reglementéiert. Dat heescht: Wann ech kommen, ech passen net op, ech setze mech dohinner, de queesche Wee och nach eran, dann ass eis Police esou limitéiert. Déi kënnen näischt maachen, vu dass mer kee Gemengereglement hunn, wat dat reegelt. Schonn e puer Joer fuerderen ech dat.

A bei esou Erneierungen – ech hunn dat och schonn an der Mobilitéitskommissioun gefrot, et fënnt einfach keen Ouer – géif et deem Ganzen awer gutt zu Gesiicht stoen, wa mer e Reglement hätten. Dass all Mënsch kéint seng Aarbecht maachen an dat zum Wuel vun de Leit hei aus der Gemeng. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. Merci. Mir huelen et mat an de Service. Den Här De Sousa wäert dat mat de Leit kucken.

Ech wollt Iech just soen, Parking Uewerkuer si mer schonn amgaang, nei Luuchten ze bestellen, ze kucken, wat dohinnerkënnt. A mir hunn am PLS, Plan local de sécurité, mat der Police festgehalen, dass Pannoen dohinnerkommen, fir d'Leit drop opmierksam ze maachen, dass se näischt sollen am Auto loossen.

(Ënnerbriechung)

D'Pannoe si schonn ukomm, héieren ech elo grad. Gesitt Der. Mir sinn amgaang, drun ze schaffen. Well ech ginn Iech Recht.

Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wollt just nach drun erënneren, datt de Lithopark am Kader vun deene virege Schäfferéit, wou mer geplangt hunn, een eenheetleche Parkpräis an Déifferdeng ze maachen, wou mer d'Leit wollte mat den Autoen hikréien, och dozou gehéiert huet.

Dat heescht ganz am Ufank, wou de Promoteur bei eis war, fir dat ze bauen, hu mer direkt mat ëm ofgemaach gehat, datt e sech misst un eist Reglement upassen, dat mer an der Gemeng hätten. Datt mer en eenheetleche Präis an der Gemeng hätten. An dat doten ass dann elo d'Saach do dervunner. Wéi gesot, datt mer och e bësse Visionär waren, wat dat ugeet. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Här Ruckert, wannechgelift.

**ALI RUCKERT (KPL):**

Madamm Buergermeeschtesch, Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert géint déi Taxe stëmmen, well d'Kommunistesch Partei der Meenung ass, dass all d'ëffentlech Parkingen zu Déifferdeng solle gratis sinn.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Gëtt et nach eng Wuertmeldung?

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt dem Här Altmeisch äntweren. Dir hutt Recht, d'Mobilitéitskommissioun ass ausgefall, krankheetsbedéngt. Ech hat awer de Memberen e Mail geschéckt mat all deene Reglementer. Ech kucken, datt déi nächst Mobilitéitskommissiounen, op d'mannst déi virun engem Gemengerot, wou en Avis soll kommen, awer stattfannen, och wann et dann nëmme fir eng hallef Stonn ass.

Déi aner Punkten huelen ech mat an d'Servicer, an da kucke mer drun ze schaffen. Merci.

**SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):**

Keng weider Wuertmeldung? Da komme mer zum Vott.

*Le conseil communal décide avec 15 voix oui et 1 voix non d'approuver les modifications au chapitre* G-1 stationnement *du règlement des taxes, tarifs et prix*.

Da kéime mer zum Punkt 6 vun der Dagesuerdnung, Règlements d'ordre interne vum Hall O, dem Hall de gymnastique an de Centres sportifs Nidderkuer, Woiwer a Fousbann. An dofir géif ech dem Här Aguiar d'Wuert ginn.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci Monsieur l'Échevin. Wéi Dir alleguerte wësst, schreiwe mir de Sport an der Déifferdenger Gemeng ganz grouss. Mir hu ronn 40 verschidde Veräiner mat méi groussen a méi klengen Exploiten. Ech setze mech derfir an, datt d'Veräiner déi beschte Konditioune kréie fir ze trainéieren a fir déi Ziler ze erreechen, déi si sech setzen.

D'Gemeng huet an deene leschte Jore vill Infrastrukturen erneiert an nei gebaut. Zum Beispill d'Nidderkuerer Sportshal an den Hall O. Um Bock an d'Uewerkuerer Sportshal sinn nach ëmmer an der Erneierungsphas. Am Interessi vun enger gudder Gestioun an engem gudde Fonctionnement vun der Ariichtung ass et d'Verantwortung vum Gemengerot, fir en internt Reglement auszestellen an ëffentlech ze maachen, wéi vill Leit a wat fir eng Säll duerch den Arrêté ministériel relatif aux autorisations d'exploitation autoriséiert sinn.

Firwat solle mir e Règlement d'ordre interne festhalen? Fir e gutt Funktionement tëschent der Gemeng an de Veräiner ze garantéieren. Fir datt all Mënsch genau weess, wéi ee sech ze verhalen huet. Fir et gereegelt ze hunn a virun allem fir d'Leit méi ze responsabiliséieren an hinne bewosst ze maachen, dass si an engem Gebai sinn, dat si als bon père de famille solle benotzen. D'Gebai esou ze hannerloossen, wéi si et virfonnt hunn. Fir datt och all Veräin et ënner deene selwechte Konditiounen erëmfënnt.

D'Gebai gëtt d'office all Dag um 22 Auer vun eisem Portier zougespaart. Fir eng extraordinär Geleeënheet an duerch eng Demande kann een d'Gebai awer méi laang zur Verfügung gestallt kréien.

Aus Sécherheetsgrënn musse mir respektéieren, wat am Arrêté ministériel relatif aux autorisations d'exploitation vun eise Gebaier an an de Reglementer steet an de Veräiner kommunizéieren, wéi vill Leit a wéi eng Säll autoriséiert sinn.

Als Sportsmënsch ass et mir eng Éier, mech fir eis Gebaier als Sportschäffen anzesetzen. Et ass mir ganz wichteg, datt d'Veräiner sech wuelfillen. Dass d'Sportler déi beschte Konditiounen hu fir ze trainéieren. Dass d'Kanner vu ganz jonkem Alter de Goût an de Sport kréien. Dass d'Eltere stolz kënne sinn, den Exploit vun hire Kanner ze bewonneren. An dat alles an eise Gebaier.

Gebaier, déi vill Sue kaschten. Gebaier, déi an engem gudden Zoustand solle bleiwen. Gebaier, déi mat Respekt solle benotzt ginn, fir datt mir se laang kënnen erhalen. An datt se esou hannerlooss solle ginn, datt all d'Veräiner se d'selwecht benotze kënnen.

An enger zweeter Phas solle mir och dat selwecht mat eisen Terraine maachen. Ech sinn iwwerzeegt, dass mir duerch déi nei intern Reglementer am Interêt vum Sport hei zu Déifferdeng an am enge Sënn vun den Utilisateuren, d'Zesummeliewe besser kënne gestalten. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Dës Reglementer leeën ënner anerem fest, wéi vill Leit a wéi eng Hal erandäerfen. Et geet ëm d'Sécherheet vun de Persounen. All Club wéi all private Locataire vum Hall O kritt e kloert Reglement, wou festgeluecht ass, wat erlaabt ass, wat verbueden ass an och wat een an deene verschiddene Raim berécksiichtege muss. Et ass un den Etat des lieux geduecht ginn. Dat fannen ech eng gutt Iddi.

**TOM ULVELING (CSV)** *passe aux règlements d'ordre interne du Hall O, du hall de gymnastique et des centres sportifs de Niederkorn, du Woiwer et du Fousbann.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *signale que le sport est particulièrement important pour la Ville de Differdange, qui compte une quarantaine de clubs. Il fait en sorte qu'ils puissent s'entrainer dans les meilleures conditions possibles.*
*La commune a rénové ou construit beaucoup d'infrastructures comme le centre sportif de Niederkorn, le Hall O, le Bock et le centre sportif d'Oberkorn. Il est dans l'intérêt de la commune de mettre en place un règlement d'ordre interne afin d'assurer une bonne gestion et un bon fonctionnement des structures. Le règlement garantira une bonne collaboration entre la commune et les associations. Chacun saura comment se comporter. Il est notamment question de laisser les locaux dans l'état où on les a trouvés.*
*Les bâtiments sont fermés à 22 h, mais il est possible de prolonger l'ouverture le cas échéant. Pour des raisons de sécurité, la commune doit communiquer aux associations combien de personnes sont autorisées dans chaque salle.*
*En tant qu'échevin au sport, Paulo Aguiar tient à ce que les clubs se sentent à l'aise dans les salles de sport. Les jeunes doivent avoir envie de s'entrainer et les parents doivent être fiers des exploits de leurs enfants.*
*Ces bâtiments coutent cher et doivent être utilisés avec respect pour rester en bon état.*
*Dans une deuxième phase, le collège échevinal entend aussi élaborer des règlements d'ordre interne pour les terrains. Paulo Aguiar se dit convaincu qu'ils permettront de faciliter la cohabitation des usagers.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *ajoute qu'il y va de la sécurité des usagers étant donné que les règlements d'ordre interne fixent le nombre de personnes pouvant être accueillies dans une infrastructure. Chaque locataire et chaque association recevra un règlement clair définissant ce qui est autorisé et ce qui est interdit. Un état des lieux est prévu.*

*Le délai pour les demandes de location est aussi fixé. Les clubs de sport figurant sur la liste officielle des subsides ont jusqu'au 1er septembre pour introduire une demande de location pour toute l'année suivante.*
*Les écologistes saluent ce règlement réglant le fonctionnement des bâtiments communaux.*

**ERNY MULLER (LSAP)** *estime que les ROI pour les centres sportifs et le Hall O sont répressifs par définition. C'est en tout cas ce que ressentent les associations et les usagers.*
*Mais pour Erny Muller, il est important que l'usage des salles soit règlementé et qu'il se fasse dans le respect entre les usagers et les gestionnaires. Souvent, cela se double d'une mission éducative avec les jeunes. Il s'agit de leur expliquer à travers le dialogue ce qui n'est pas acceptable et veiller ensuite à ce que les choses rentrent dans l'ordre.*
*Les centres sportifs sont réservés en priorité à la commune, aux jeunes et aux associations. Tous sont mis sur le même niveau et partagent les mêmes objectifs. La commune peut aussi y organiser des activités scolaires. Il est important de bien coopérer pour éviter que quelqu'un ne se sente écarté.*
*Par ailleurs, de nombreux clubs utilisant des infrastructures en plein air ou indoor pratiquent du sport de haut niveau. Ils représentent donc Differdange et ont souvent des demandes plus importantes. Erny Muller demande au collège échevinal d'en tenir compte, car les besoins deviennent plus professionnels quand on fait du sport de haut niveau. La commune doit faire un pas envers ces clubs.*
*Le nombre de personnes pouvant être accueillies dans les salles est clairement fixé par l'ITM. Erny Muller propose d'installer des panneaux avec ces informations. Il est important que les clubs puissent voir sur place combien de personnes peuvent entrer dans la salle. Quand on parcourt les documents, on remarque immédiatement quels centres sportifs ont été bien planifiés. Le centre sportif du Fousbann est chouette, mais il ne peut pas ac-*

Festgeluecht ass och, wéini wéi eng Ufro ee ka maachen, fir e Raum fir e bestëmmten Ulass ze gebrauchen. All Sportsclub, deen op der offizieller Lëscht fir Subside vun der Gemeng ass, kann a muss all Joer virum 1. September seng Demande eraginn, fir e bestëmmte Sall ëm eng bestëmmten Zäit iwwert d'ganzt Joer ze benotzen. Soudass de Schäfferot deem souwäit wéi méiglech Rechnung droe kann.

Déi Gréng begréissen dëst Reglement, dat fir Kloerheet suergt, wat d'Benotze vun deenen dach esou wichtege Gebaier, wéi den Här Aguiar gesot huet, ubelaangt. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Muller, wannechgelift.

**ERNY MULLER (LSAP):**

Merci. Et ass elo scho gesot ginn, wat et ass. Een ROI, dës Kéier fir eis Centre-sportiffen an den Hall O. E Règlement d'ordre interne ass par Definitioun éischter eppes méi Repressives vis-à-vis vun den Utilisateuren an de Veräiner. Sou gëtt et mol empfonnt.

Ech wëll mech erklären: Et ass wichteg, dass d'Benotzung vun den Hale kloer reglementéiert ass an am reciproquë Respekt geschitt. Dat hutt Der gesot. Respekt ee vis-à-vis vun deem aneren. Dat heescht, d'Leit, déi d'Gestioun maache vun den Halen, plus déi Leit, déi vun der Hal profitéieren, fir hirem Sport nozegoen, dass do e gewëssene Respekt entsteet zwëschen deenen zwou Säiten.

Well oft ass eng edukativ Missioun domat verbonnen, haaptsächlech wann et ëm d'Jugend geet. An déi edukativ Missioun ass eeben, fir drop hinzeweisen, wat net an der Rei ass a fir dat iwwert den Dialog mat alle Partner sou schnell wéi méiglech erëm an d'Rei ze kréien. Dass et einwandfrei herno funktionéiert.

Bei de Centre-sportiffe steet am éischten Artikel direkt: „Ces installations sont réservées en priorité aux besoins propres de la commune, à la jeunesse et aux associations de la ville."

Ech gesinn dat jo richteg, wann ech soen, dat ass awer op engem Niveau. Jiddweree mécht déi selwecht Aufgab. D'Veräiner maachen eng Aufgab am Kader vun der Jeunesse, awer och vum Sport a fir jiddwereen, fir all Bierger. An d'Gemeng schléisst sech deenen Objektiver un. D'Commune, dat sinn och Activités scolaires an esou Saachen, déi och an enger Hal kënne stattfannen.

Dofir, wann ech gesot hunn, wa mer sollte versichen, dat op een Niveau ze kréien, dat ass och, fir ënnerenee kënnen ze funktionéieren, ouni dass een ecartéiert gëtt vis-à-vis vun enger anerer, vläicht dee Moment méi wichteger, Occupatioun.

Am Indoor- wéi am Outdoor-Beräich hu mer et an eiser Gemeng mat Veräiner ze dinn, déi op méi engem héijen Niveau ënnerwee sinn, am Kader vum Sport de compétition, Sport de haut niveau. Gott sei Dank hu mer där nach! An déi vertriede jo och d'Gemeng no baussen duerch hir Resultater, duerch hiren héijen Niveau. An hunn heiansdo méi grouss oder méi héich Uspréch säitens der Gemeng.

Ech bieden, och op déi Besoinen oder déi Uspréch e bëssen anzegoen. Well op héijem Niveau si méi professionell Konditioune verlaangt. Op Gemengenniveau misste mer deene Veräiner méi entgéintkommen oder allgemeng entgéintkommen op déi richteg Manéier.

Nach ee Wuert. Et ass geschwat ginn iwwert d'Unzuel vun de Leit, déi an déi Halen däerfen, dat ass jo ganz kloer vis-à-vis vun der ITM an der Sécherheet. Et wär vläicht interessant, wann e Panno géif dohikommen, wou dat kloer ugewise géif. Well et ass jo awer wichteg, dass een direkt op der Plaz gesäit: Hei sinn esou vill Leit erlaabt an net méi.

Dann nach e Wuert zum Centre de sportif Nidderkuer. Wann een déi verschidden Dokumenter duerchgeet, gesäit ee gutt, wéi déi Centres geplangt gi sinn. Wat ass besser, wat ass manner gutt geplangt ginn?

Do gesäit een zum Beispill, dass am Centre sportif Fousbann zwar ee flotte

Sall ass, mee fir d'Spectateuren, fir eng gréisser Unzuel vu Sportler ass et net dat Richtegt. Et ass zwar eng Buvette do, mee d'Spectateur-Zuel ass relativ beschränkt. Dat ass zum Beispill eng Initiativ, an duerfir kommen ech op Nidderkuer ze schwätzen.

Zu Nidderkuer hu mer dat anescht geplangt. Do hu mer dat geplangt als eng richteg Sportshal, wou och de convivialen Deel eng Roll spillt. Dat heescht, wou d'Sportler mat den Zuschauer sech nom Sportsevenement nach kënnen zesummefannen, zesummentreffen an och ophalen do, wou de Sport praktizéiert gëtt. Wat am Fong haut ëmmer méi eng Tendenz ass.

Am Fousbanner Komplex an och souguer um Woiwer, do ass jo iwwerhaapt bal keng Méiglechkeet. An der Zäit huet dat nach keng esou eng grouss Roll gespillt wéi hautdesdaags.

A wat ech nach wollt zu Nidderkuer soen. Wéi mer déi geplangt hunn, do war ech jo Bauteschäffe mam Här Bertinelli als Sportschäffen. Mir haten eng Entrevue mat de Veräiner – an ech wëll betounen: net nëmmen déi sportlech –, awer Sportsveräiner och aus där ganzer Gemeng. Well et ass jo virausgesinn, dass déi Hal eng gewëssen Zäit, op jidde Fall elo fir de Moment, wou Uewerkuer net funktionéiert, misst fir de gesamte Sport zur Verfügung stoen.

Mee mir haten awer och eng Entrevue mat deenen Net-Sportsveräiner vun Nidderkuer, notamment der Fanfare Nidderkuer oder anerer, well et zu Nidderkuer jo praktesch kee Sall gëtt, fir eppes ze organiséieren. An dofir ass dee Sall um zweete Stack entstanen.

Ech wëll dat nëmme just eng Kéier an Erënnerung ruffen. Duerfir misst een deenen och Rechnung droen, wann eng Kéier hei erëm op ass, de Centre sportif John Scheuren erëm op ass, dass mer kucken, dass och multifunktional respektiv kulturell Organisatiounen an deem Sall kënne stattfannen. Wou jo dann d'Buvette och direkt drënner ass, wou vun där ka profitéiert ginn. Dat sief gesot.

Fir de Rescht ass et gutt, esou ee Règlement d'ordre interne ze hunn. An Dir hutt jo gesot, dass Der et och fir d'Terrainen dobaussen, d'Outdoor-Sportsanlage maache wëllt. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Muller. Här Hartung, wannechgelift.

**JERRY HARTUNG (CSV):**

Madamm Buergermeeschter, léif alleguer, u sech gi mer dovunner aus, datt d'Leit de gesonde Mënscheverstand an de gudde Bon sens hunn, wou villes wat hei am Dokument steet, trivial misst sinn. Awer jo, ech krut och scho matgedeelt, datt an der Vergaangenheet emol Saachen, déi evident geschéngt hunn, net esou vu Locatairen an eisen Halen ëmgesat goufen.

De Respekt soll jo an déi zwou Richtunge sinn. D'Gemeng vis-à-vis vum Veräin an ëmgedréit. Duerch déi ganz Ënnerstëtzung ass et normal, datt een als Gemeng Respekt fuerdert, an datt alles gutt erhale bleift. Dat ass jo och am Sënn vun den nächste Locatairen, also de Veräiner.

Dofir ass et gutt, datt dësen Exercice gemaach gouf. Och esou am Detail. Mir soen de Leit, déi heiru geschafft hunn, Merci. Och konnten heimat an engems d'Punkte gereegelt ginn, déi soss emol Froen opgeworf hunn, wéi zum Beispill d'Unzuel vu Leit, déi däerfen an eng Hal. Oder wat d'Exploitatioun vun der Buvette ugeet. Do schéngt et jo och normal, datt ee Veräin, deen eppes organiséiert, bei senger Aktivitéit eng Buvette ka maachen an de Benefice fir sech muss hunn. En huet jo och d'Aarbecht an d'Ausgaben.

D'Dokument ass zimmlech komplett an och deementspriechend e puer Säiten. Dofir wollt ech froen, wéi d'Kommunikatioun geplangt ass. Mir hunn immens vill Aktivitéiten, besonnesch och indoor. A wann elo jiddwereen, allkéiers, wou en eng Lokatioun mécht, dat schrëftlech matgedeelt kritt, da gëtt dat awer vill Pabeier. A vu datt mer jo paperless wëlle sinn, wollt ech froen: Gëtt et eng Iwwerleeung, wéi een dat digital ka mat de Veräiner respektiv

*cueillir de nombreux spectateurs ou de nombreux sportifs. Le centre sportif de Niederkorn, en revanche, a été planifié en tenant compte de l'aspect convivial. Les spectateurs et les sportifs peuvent par exemple s'échanger après le match. Au Fousbann et au Woiwer, c'est pratiquement impossible. Mais à l'époque de la construction, ce n'était pas vraiment tendance.*

*Erny Muller rappelle que lors de la planification du centre sportif de Niederkorn, il a rencontré les associations dans sa fonction d'échevin aux bâtisses, avec monsieur Bertinelli, qui était échevin au sport. Le centre sportif d'Oberkorn ne fonctionnant pas actuellement, il est évident que celui de Niederkorn sert principalement au sport en ce moment. Mais les associations non sportives ont aussi été conviées à l'entretien.*

*Pour Erny Muller, il est important que lorsque le centre John-Scheuren ouvrira ses portes, il puisse aussi accueillir des manifestations culturelles. Et qu'il y ait une buvette.*

*Les socialistes approuveront le règlement d'ordre interne.*

**JERRY HARTUNG (CSV)** *estime que pour les gens dotés de bon sens, beaucoup de ce qui est écrit dans le règlement devrait être trivial. Mais apparemment, les locataires des salles ne se tiennent pas toujours à ce qui semble évident.*

*Le respect entre la commune et les associations doit être mutuel. La commune soutient fortement ses associations et s'attend à ce que les salles restent en bon état. Mais il y va aussi de l'intérêt des locataires et associations suivants.*

*C'est pourquoi Jerry Hartung salue la rédaction d'un règlement détaillé. Certains points ont été règlementés, comme le nombre de personnes autorisées dans les différentes salles. Pour ce qui est des buvettes, il est normal que les associations y aient recours pour renflouer leurs caisses.*

*Le document est complet. Comment la communication se fera-t-elle ? Car si chaque association reçoit le règlement à chaque activité, cela fera beaucoup de papier. Or la*

*Ville de Differdange veut devenir paperless.*

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)** *souhaite revenir sur les propos de monsieur Muller. Les salles accueillent des activités de loisirs, des compétitions d'amateurs, des jeunes, des séniors… Et puis, il y a les clubs professionnels ou semi-professionnels. Il n'est pas évident de faire la part des choses.*
*La commune est là pour le grand public, c'est-à-dire le sport pratiqué par les amateurs. Si un club devient professionnel, il faudra trouver une solution. Certains clubs comme le FC Bayern ont même construit leur propre stade. Mais cela ne risque pas d'arriver à Differdange. En tout cas, il faut essayer de répondre à toutes les aspirations.*

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *ne pense pas qu'un règlement d'ordre interne soit répressif. Il fixe un cadre pour les sportifs, les associations, les usagers, les parents et les accompagnateurs, mais les libertés restent nombreuses.*
*La Ville de Differdange n'est pas contraire au soutien du professionnalisme, mais c'est aussi une question de moyens. De nombreux bâtiments sont en train d'être rénovés. Le centre sportif John-Scheuren pourrait être un cadre pour le sport professionnel.*
*Mais dans la situation actuelle, les centres sportifs sont utilisés par les écoles et les maisons relais. Les associations peuvent utiliser les salles après. Actuellement, il n'y a pas d'autre solution. Il n'existe pas d'autre salle pour les professionnels. Le collège échevinal discute avec les associations et essaie de leur proposer des solutions. Après, c'est aux associations de voir si cela leur convient ou pas.*
*La commune fait ce qu'elle peut pour les associations, mais dans la mesure de ses moyens. Car le matin, en semaine, la priorité va logiquement aux écoles et aux maisons relais.*
*La suggestion en ce qui concerne le centre sportif du Fousbann est bonne. Paulo Aguiar rappelle dans ce contexte que la commune est en train de créer un site internet pour le sport : sport.differdange.lu. Tous de Locatairen ugoen? Wéi ass d'Kommunikatioun virgesinn? Merci.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Hartung. Här Schwachtgen, wannechgelift.

**FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):**

Den Här Muller huet eppes ugeschwat, wat mer och e bëssen uewe läit. Dat ass déi Diskussioun – mir hu jo Loisirsbedierfnisser an eisen Halen, mer hunn Amateur-Kompetitioun op verschiddenen Niveauen, vun de Kanner iwwert d'Jugend bis zu de Senioren. Wat awer Kompetitioun ass, wat awer net bezuelt ass. Mer hunn Deel-Professionalismus oder Professionalismus, dee sech ukënnegt. Fir déi Interessie géinteneen ofzeweien, ass natierlech eng Diskussioun wäert.

Et ass jo esou, dass mer als Gemeng fir d'Ëffentlechkeet do sinn, fir de Breedesport, fir den Amateursport. A wann de Professionalismus sech installéiert, musse mer och kucken, do eng Léisung ze fannen, am Beräich vun de Méiglechkeete vun enger Gemeng, déi fir de Grand Public zoustänneg ass. Dat ass ee Punkt, deen ech einfach wëll relevéieren. An dee mer och sollten an Zukunft éierlech mateneen diskutéieren.

Ech denken elo drun, e beléifte Veräin oder fir verschiddener e beléifte Veräin, FC Bayern, déi sinn esou wäit gaangen, dass se sech herno hir eegen Arena gebaut hunn, fir Profisport ze maachen. Ech mengen, bei eis an der Gemeng ass déi Gefor elo net. Mee mir mussen awer kucken, mat allen Aspiratiounen eens ze ginn. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Schwachtgen. Ech denken, da wier et elo un Iech, Här Aguiar. Merci.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Merci beaucoup, madame la bourgmestre. Je ne partage pas cet avis. Je ne pense pas qu'un règlement d'ordre interne soit plutôt répressif. Je pense plutôt que ça met un cadre. Et à l'intérieur d'un cadre, on a beaucoup plus de liberté. Je le vois comme ça.

Mais c'est important d'avoir un règlement d'ordre interne afin justement de donner cette visibilité. Un cadre, que ce soit pour les sportifs, les Veräiner, les utilisateurs, les parents et les accompagnateurs qui viennent justement voir ces types de spectacles.

Vous avez parlé du professionnalisme. Bien évidemment, la Ville de Differdange soutient le professionnalisme au sein de la commune. Mais il faut voir si on a les moyens pour le faire. Aujourd'hui, nous sommes dans le cadre d'European City of Sport. Vous savez très bien qu'on est en train de rénover nos bâtiments. Le centre sportif John-Scheuren, qui vient d'être rénové pour mettre justement en évidence le professionnalisme.

Mais la situation actuelle est telle que les centres sportifs sont utilisés par les écoles et par les maisons relais. Et pour les plages qui vont venir après, donc les mises à disposition pour les Veräiner, aujourd'hui, on n'a pas d'autre solution. On ne peut pas mettre à disposition une autre salle pour les professionnels. Mais nous cherchons. Et nous sommes toujours à l'écoute des Veräiner. Et on essaie de trouver des solutions. Après, est-ce que ça convient aux Veräiner ou pas ? Après, c'est leur choix. Mais nous menons de vraies discussions avec les Veräiner.

An et gëtt alles zur Verfügung gestallt, wat d'Veräiner brauchen. En fonction de nos moyens. Méi kënne mer net maachen. Dat sécher net. Parce que bien évidemment, la priorité, le matin du lundi au vendredi, reste pour les écoles, respectivement pour les maisons relais. Ça, c'est un point très important que je souhaiterais mettre en évidence.

Une excellente idée, et je vais la prendre avec, est ce qui concerne le centre sportif Fousbann. Effectivement, on va travailler avec nos différents services pour voir de quelle manière on peut afficher

les matchs, respectivement les Veräiner dans le cadre de différents évènements.

Nous sommes en train de créer un site internet pour le sport à Differdange. Un site internet, où tous les sports auront une visibilité. Tous les matchs seront affichés sur ce site qui va être nommé sport.differdange.lu. Le service des sports va faire le nécessaire pour donner cette visibilité à l'extérieur.

Que ce soient les matchs de football, que ce soient les matchs de handball, de basketball, le Flic-Flac… Cette plateforme digitale sera visible. Et nous allons essayer de faire en sorte que dans les centres sportifs, cette visibilité soit aussi là.

La fanfare de Niederkorn au deuxième étage, c'est prévu. Mais du point de vue de la situation actuelle, avec l'assainissement de tout, on devra attendre. Mais après, bien évidemment, on fera le nécessaire pour que toutes les associations figurent dans les différents sites de centres sportifs, comme prévu.

Pour revenir à ce que Monsieur Hartung a dit, en ce qui concerne le paperless, vous savez qu'au centre sportif Niederkorn, on a déjà commencé. Nous n'affichons pas grand-chose pour l'instant. Nous sommes allés dans une ère numérique. C'est pour ça qu'actuellement, et ça le Schäfferot veut vraiment le mettre en évidence, aujourd'hui, même les sponsors des Veräiner ne sont plus affichés autant sur les panneaux, mais il y a justement le numérique, qui est prévu avec le LED, et que les bâtiments comportent des télévisions pour mettre en évidence les grands évènements.

Ech soen Iech Merci.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Här Altmeisch, wannechgelift.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Ech sinn e bësse spéit un, mee et ass awer ni ze spéit, fir eng Remark ze maachen, déi mer awer wichteg ass. An ech mengen, déi ass och gutt gesot.

Uerdnung. Ech sti warscheinlech staark hanner Uerdnung, beruffsbedéngt schonn hat ech déi Tendenz. Ech sinn och frou, dass et Reglementer gëtt. Ech sinn och frou, dass dat vun de Veräiner berécksiichtegt gëtt. Mir däerfe just eent net vergiessen. Ech hunn héieren, et mécht een eng Demande, wann een als Turnveräin dat Joer drop turne wëll. Et mécht een eng Demande, wann een als Fussballveräin dat Joer drop mat X Ekippe wëll Fussball spillen. Et mécht een eng Demande, wann een als Fussballveräin en Challenge organiséiere wëll. Et mécht een eng Demande, wann een extra oder e puermol ausser der Zäit wëll trainéieren. Et mécht een eng Demande, et mécht een eng Demande.

Bei all deem däerf een den administrative Volet net vergiessen, deen ëmmer méi grouss gëtt fir d'Veräiner. An dat ass net evident, fir dat am Benevolat och nach ze berécksiichtegen. Gleeft mer eent: Mir hunn als Veräin déi Chance, dass mer alt e puer Pensionären hunn, déi sech do erakneien an déi dat bewierkstellegen. Mee et ass net einfach!

Dofir ass et un eis als Gemeng – och eng Erausfuerderung, menger Meenung no –, fir dat esou vill wéi méiglech digital, wéi den Här Hartung gesot huet, iwwert d'Bün ze kréien. Fir op där anerer Säit de Veräiner et esou einfach wéi méiglech ze maachen. An hinnen esou mann wéi méiglech Demanden zoukommen ze loossen.

Et ka jo net sinn, dass wann ech en Turnéier maache mat enger Fussballekipp, dass ech muss ufroen, fir deen Turnéier samschdes a sonndes ze bewierkstellegen, wou ech samschdes a sonndes souwisou mäin Terrain besat hunn. Wou ass den Ënnerscheed, ob ech sechs Championnatsmatcher dee Weekend spillen oder ob ech een Turnéier spille mat zwielef Matcher, wou international Ekippe kommen oder och nach national Ekippen do spillen?

Ech mengen, de But ass, fir Sport ze maachen. De But ass jo net, fir de Veräiner eng administrativ Barriär virzeschiben. Nee, mir mussen als Gemeng de Veräiner sou vill wéi méiglech hëllefen an esou mann wéi méiglech Pabeier-

*les matchs y seront affichés : le football, le handball, le basketball, le Flic-Flac… Cela donnera de la visibilité aux clubs.*
*Il est prévu que la fanfare de Niederkorn soit hébergée au deuxième étage, mais pour le moment, le bâtiment est en train d'être assaini. Le collège échevinal souhaite que toutes les associations puissent profiter des centres sportifs.*
*Monsieur Hartung a parlé de paperless. Dans le centre sportif de Niederkorn, les affichages sont limités. Differdange entre dans l'ère numérique. Même les sponsors ne sont plus guère affichés sur des panneaux. Paulo Aguiar voudrait installer des écrans DEL dans les bâtiments pour mettre en évidence les grands évènements.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a une remarque importante à faire. Pour des raisons professionnelles, il aime l'ordre. C'est pourquoi il salue les règlements.*
*En revanche, il signale que les associations doivent faire des demandes pour obtenir une salle ou un terrain, pour organiser un tournoi, pour pouvoir s'entrainer plus longtemps… Cela représente un défi administratif pour les associations, qui dépendent de bénévoles. Le club de Guy Altmeisch a la chance de pouvoir compter sur quelques retraités pour s'occuper de ces tâches. Ce n'est pas évident.*
*Comme l'a dit monsieur Hartung, il est important de passer par le numérique. Le volet administratif doit être simplifié et les demandes à faire limitées. Guy Altmeisch ne comprend, par exemple, pas pourquoi un club de football doit faire une demande pour organiser un tournoi alors qu'il dispose de toute façon du terrain ces jours-là. Quelle est la différence pour la commune entre 6 rencontres de championnat et 12 rencontres lors d'un tournoi international ?*
*L'objectif doit être de pratiquer du sport, pas de dresser des obstacles administratifs. La commune doit aider ses associations. Les gens ne s'intéressent pas à la paperasse. Ils veulent faire du sport.*

---

**PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG)** *répond qu'actuellement, les associations*

*communiquent leurs activités au service des sports. Celui-ci s'occupe alors de l'affichage sur le site internet. Les associations n'ont plus rien à faire. Que le club veuille organiser un tournoi, un match ou d'autres activités, la commune s'occupe de tout.*
*Paulo Aguiar admet qu'il reste du pain sur la planche. Mais la commune réfléchit à recourir à un coordinateur sportif.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *passe aux règlements temporaires de circulation.*

**PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG)** *précise qu'il s'agit de 25 règlements, dont certains s'accompagnent de plans pour faciliter leur compréhension. On y retrouve des travaux, des rénovations, des démolitions, des échafaudages, des bennes, des toilettes, des emplacements réservés…*
*Les agents municipaux n'arrivent pas à gérer la situation à l'école du Bock. Les parents ont demandé à ce que les deux emplacements kiss & go soient remplacés par un stationnement de trente minutes avec disque. L'entrée se trouve dans la rue des Champs. Les parents ne peuvent pas déposer les petits enfants dans la rue de la Gare ou la rue Boettelchen et espérer qu'ils arrivent bien à l'école. La solution n'est pas idéale. Le nouveau règlement va être testé pendant un trimestre au moins avant de tirer des conclusions.*
*Pour ce qui est du chantier sur le parking Jéhan-Steichen, la Ville de Differdange mettra sept emplacements à disposition de l'entrepreneur sur demande du promoteur.*
*La dernière fois, monsieur Altmeisch a posé une question concernant la place Jehan-Steichen. L'accès par la rue Jean-Gallion est fermé à cause du système indiquant le nombre de places disponibles. Les voitures ne sont pas prises en compte de ce côté-là. Paulo De Sousa trouve que c'est une bonne chose pour les piétons. Son fils fréquente l'école du quartier. Il est content que la rue Jean-Gallion soit fermée à la circulation.*

krom oder administrative Krom zoukomme loossen. Well dat ass net onbedéngt dat, wat d'Veräiner sichen an och net dat, wat d'Leit sichen. Déi wëlle Sport maachen. Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch.

**SCHÄFFE PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):**

Monsieur Altmeisch, vous savez qu'actuellement chaque association, chaque Veräin doit communiquer ses activités au service des sports. Dat leeft elo, gellt. Le Veräin ne doit plus rien faire pour avoir cet affichage dans le cadre de nos sites internet, etc. Dat leeft dann alles intern am Service des sports. Déi maachen de Rescht. Mir ginn de Veräiner net nach méi Aarbecht. Dat heescht, vous faites un tournoi de football ou vous faites un match ou vous avez des activités, vous rentrez au service a mir maachen de Rescht.

Mais c'est vrai, on est en train de travailler dessus, Monsieur Altmeisch, on est en train de travailler à une solution justement avec un coordinateur sportif. Que je vais venir présenter plus tard. Un soutien pour les Veräiner, qui doivent être plus présents dans le cadre de leurs activités. On est en train de travailler là-dessus. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Aguiar. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements d'ordre interne du Hall O, du hall de gymnastique et des centres sportifs Niederkorn, Woiwer et Fousbann.*

Villmools merci. Da si mer beim Punkt 6, Règlements temporaires de circulation. Ech ginn d'Wuert dofir un den Här Paulo De Sousa.

**SCHÄFFE PAULO DE SOUSA (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Dir Dammen an Hären aus dem Gemengerot, et sinn eng ganz Rei vu Reglementer am Dossier. Wann ech net falsch gezielt hunn, sinn et der 25. Wou vill elo och e Plang hunn an der Annexe, soudatt et vill méi einfach ass, fir sech d'Situatioun virzestellen.

An de Reglementer fannt Dir eng ganz Rei Saachen. Dat geet vun Aarbechten, Renovatiouns- Demolitiounsaarbechten, Steeën, Bennen, Toiletten, reservéiert Emplacementer fir d'Camionnetten a sou weider. Op déi meescht ginn ech net an. Dat kënnt ëmmer hei zréck.

Verschiddener hunn ech ënner d'Lupp geholl. Zum Beispill d'Situatioun bei der Schoul um Bock. Op Nofro vun den Elteren a well d'Situatioun eigentlech net ze geréieren ass vun den Agentmunicipallen, gouf decidéiert, déi zwou Plaze vum Kiss and Go bei der Bockschoul duerch een Amenagement vun 30 Minutte mat Disk ze maachen.

D'Entrée ass jo hanne laanscht d'Rue des Champs. Wann ee kleng Kanner huet, kann een net do bei der Rue de la Gare oder Boettelchen stoebleiwen an hoffen, datt d'Kanner eleng de Wee ginn. Et ass keng ideal Léisung. Mee ech mengen, dat probéiere mer elo aus fir op d'mannst een Trimester. Duerno zéie mer Konklusiounen. Awer fir déi nächst Rentrée kucke mer, fir do eng adequat Solutioun ze fannen.

Wat Chantieren ugeet. Op Demande vum Promoteur kritt den Entrepreneur um Parking Jéhan Steichen siwen Emplacementer. Dëst awer nëmmen zu Schaffzäiten.

Här Altmeisch, Dir hat am leschte Gemengerot eppes gefrot vun der Place Jéhan Steichen. Ech weess net, ob Der dorop eng Äntwert kritt hutt. Nee. Ma da ginn ech Iech se elo. Dir hat gefrot, firwat den Zougang zur Jean-Gallion-Strooss zou ass. Dat ass wéinst dem Parkleitsystem. Do si keng Schläifen. A wann do dann Autoe géifen erausfueren oder eragefuer kommen, da géifen déi eigentlech net gezielt ginn. Dowéinst ass dat zou. Et ass ee klengen Ëmwee, deen ee muss maachen. Awer deen een och a Kaf hëlt.

Ech sinn oft do. Ech perséinlech fannen et méi angeneem. Wann een do trëppelt, weess een, datt vun do keen Auto erakënnt. Et ass keng angeneem Plaz. Dass dat zougemaach ginn ass, fannen ech mol net sou onangeneem. Perséinlech soen ech mer: Mäi Jong ass do an der Schoul. Ech weess, datt vun der Gallion-Strooss aus keen Auto kënnt. Ech wollt Iech awer déi Informatioun matginn nach.

Den Zirkus ass de Weekend hei zu Déifferdeng. Doduerch ass deen ënneschten Deel vum Parking Haut-Fourneaux vu muer bis e Méindeg gespaart.

An der Rue Nicolas Theis ass eng Liwwerplaz virgesi vun 3 bis 8 Auer moies, fir datt de Bäcker beliwwert ka ginn. Vis-à-vis vun der Liwwerplaz ass elo e Park- an Halteverbuet. Do ware Leit, déi hu sech beklot, well do de Liwwerant vum Bäcker ëmmer säi Camion higestallt huet. A si sinn do net erauskomm.

An der Rue Johny Lahure am Mathendahl hunn Eltere gefrot, fir en Zebrasträifen ze kréien. Dat hu mer iwwer en Drénglechkeetsreglement erageholl. Dat kënnt awer nach an de Règlement de la circulation.

Am Haneboesch si vum 31. bis den 3. Abrëll Stroossenaarbechten. Soudatt verschidden Accèsen zou sinn, verschidde Busarrêten deplacéiert an den Diffbus deviéiert muss ginn.

Zu gudder Lescht starte mer eng kleng Testphas vum 11. bis den 29. Abrëll an der Victor-Hugo-Strooss. D'Victor Hugo gëtt uewen op der Héicht vun der Kräizung mat der Rue de la Montagne gespaart. De Verkéier gëtt an der Victor Hugo ëmgedréit. Dëst ass mam Supermarché gekläert. Mir profitéiere vun enger Woch Vakanz a vun zwou zousätzleche Wochen, fir Donnéeën ze sammelen, wat fir een Impakt dës Initiativ op de Verkéier huet.

D'Leit gi per Flyer, iwwer Social Media wéi üblech ëmmer informéiert. Moies den 11. Abrëll ass an der Victor-Hugo-Strooss ee Parkverbuet. Déi falsch orientéiert Autoe mussen dann ëmgedréit ginn. Moies mussen d'Leit hiren Auto ewechhuelen. Mir denken, datt dat a véier Stonne misst gemaach sinn. An déi Woch ass jo och Vakanz. Do kann dat gutt oflafen.

Ech hoffen, datt ech alles fir meng éischte Kéier hei gutt erkläert hunn. Dat ass jo ëmmer interessant. Ech soen Iech villmools Merci fir d'Nolauschteren.

---

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här De Sousa. Ech ginn d'Wuert direkt virun. Wannechgelift, et ass un Iech, Här Altmeisch.

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP):**

Merci, Madamm Buergermeeschter. Déi Erklärunge ware fantastesch. Sou gutt Erklärungen hunn ech nach net héieren heibannen.

(Gelaachs)

Ech si frou, dass mer um gudde Wee sinn. Et kann ee jo och heiansdo luewen. Nee, dat war ganz gutt gemaach. Ech kann Iech nëmme luewen dofir. Wann Der dat esou bäibehaalt, da gi mir zwee ganz gutt eens mateneen.

(Gelaachs)

Och frou sinn ech iwwert d'Erklärunge vum Parking Jéhan Steichen. Wa mer doduerch eise Parkleitsystem aktivéiert kréien a manner als Ligener bezeechent ginn, da kann ech och mat där klenger Barriärchen do liewen.

Dir musst Iech nach just eent bewosst sinn, ech war mer dat op d'Plaz nach eng Kéier ukucken: Doduerch dass mer déi Schikan do hunn, leede mer de Verkéier, dee vum Parking kënnt, op de Schoulwee. Mir leeden en uewe ronderëm d'Schoul. Doduerch entsteet méi Verkéier, well déi Leit, déi um Parking stéingen, déi wieren duerch d'Jean Gallion direkt ofgezunn an net laanscht d'Schoul gefuer. Elo leede mer se en Deel laanscht d'Primärschoul. Dat ass vläicht net sou gënschteg. Mee ech kann awer domadder liewen, wa mer domadder eens ginn. Ech soen Iech Merci.

*La partie postérieure du parking des Hauts-fourneaux sera fermée à partir de demain et jusqu'à jeudi à cause du cirque.*
*La commune prévoit d'aménager un emplacement pour les livraisons du boulanger dans la rue Nicolas-Theis. Jusqu'à présent, le camion se garait en face et les gens s'en plaignaient.*
*Les parents ont demandé un passage pour piétons dans la rue Johny Lahure.*
*Des travaux auront lieu dans le Haneboesch du 31 mars au 3 avril. Certains accès et arrêts de bus seront déplacés.*
*Du 11 au 29 avril, une phase de test sera mise en place dans la rue Victor-Hugo. Celle-ci sera fermée à hauteur de la rue de la Montagne. La commune rassemblera les données et analysera l'incidence de cette modification. Le 11 avril, la rue Victor-Hugo sera fermée au stationnement. Les gens devront enlever leurs voitures le matin. Le tout devrait durer quatre heures.*
*Paulo De Sousa espère que ses explications sont claires.*

---

**GUY ALTMEISCH (LSAP)** *a trouvé ses explications fantastiques. Il plaisante sur le fait qu'il n'en a jamais entendu de meilleures au conseil communal.*
*(Rires)*
*Guy Altmeisch estime que, parfois, il faut faire des compliments. Si monsieur De Sousa continue comme ça, les deux vont bien s'entendre.*
*(Rires)*
*Pour ce qui est du parking Jéhan-Steichen, Guy Altmeisch espère que cela activera le système de guidage vers les parkings et que la commune se fera moins traiter de menteuse.*
*En revanche, il signale que le nouveau système draine les voitures vers l'école. Il y aura donc plus de trafic, ce qui n'est pas idéal. Mais Guy Altmeisch peut faire avec.*

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG)** *remercie monsieur De Sousa pour ses explications. Malheureusement, la commission de la mobilité n'a pas pu se réunir, mais elle avait reçu toutes les informations au préalable. Elle préfère toutefois les réunions avec des discussions et des débats.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *est un des seuls à passer par la rue Boettelchen le matin. Il s'agit d'un quartier résidentiel. Les habitants disposent d'une vignette. Mais il est impossible de se garer devant sa maison ou devant son garage. Les gens sont forcés de se garer où ils peuvent et sont verbalisés alors qu'ils ont une vignette. Il faudrait peut-être expliquer aux agents municipaux qu'il y a d'autres solutions. Fred Bertinelli estime qu'il faut appliquer le système du vivre et laisser vivre.*
*Il passe aux emplacements pour handicapés et pense qu'il faudrait effectuer des contrôles tous les ans ou tous les deux ans. Souvent, la personne handicapée n'est plus là. Mais les résidents ne disent rien parce que cela leur fait une place de stationnement devant chez eux. Il faudrait vérifier de temps en temps qui a besoin d'un tel parking. La situation actuelle n'est pas juste par rapport aux voisins.*
*(Vote)*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *annonce que le point 7 sera traité ultérieurement et passe aux commissions consultatives.*
*Dans la commission des loyers, monsieur Jean-Pierre Flammang remplace monsieur Jos Glauden en tant que propriétaire pour le DP.*
*Pour déi Lénk, monsieur Weirich est remplacé par monsieur Packo Gualandris dans la commission des bâtisses. Monsieur Diderich est remplacé par monsieur Pedro Mota Mesquita dans la commission des enfants. Monsieur Mesquita remplace aussi monsieur Kayser dans la commission des festivités. Dans la commission d'animation culturelle, monsieur Georges Holbach est remplacé par madame Anina Valle Thielen.*

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Altmeisch. D'Madamm Wohl, wannechgelift.

**NICOLE WOHL (DÉI GRÉNG):**

Ech wollt och dem Här De Sousa Merci soe fir d'Informatiounen, déi hie ginn huet. Leider ass d'Mobilitéitskommissioun ausgefall. Mee ech hunn et awer appreciéiert, dass mer alleguerten d'Informatiounen am Virfeld geschéckt kritt hunn, soudass mer eis eng Meenung konnte maachen. Och wann ech et natierlech virzéien, eng Mobilitéitskommissioun a Presenz ze hunn, wou Diskussiounen opkommen a wou een op verschidde Saachen opmierksam gëtt, wéi dat vläicht aneschters net de Fall ass.

Ech soen nach eng Kéier Merci. Dat huet gutt funktionéiert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Madamm Wohl. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Nach eng kleng Ureegung, well ech et genau weess, datt mir déi zwee eenzeg sinn, déi ëmmer duerch d'Rue Boettelche fuere moies. Dat ass wierklech en décke Problem. Well dat ass jo e Quartier résidentiel. Wou Leit, déi do wunnen, eng Carte résidentielle hunn. A wou et ëm déi Zäiten, dräimol am Dag, onméiglech ass, viru senger Dier oder viru senger Garage parken ze kënnen. Soudatt ganz vill Leit hiren Auto do ofstellen, wou se eng kréien. An da ganz, ganz oft ee gepecht kréien, trotz Carte résidentielle. Do misste mer awer vläicht eisen Agente soen, et geet heiansdo net anescht. Well wa se allkéiers d'Police géife ruffen, well ee virun hirer Garage steet, da wäre se andauernd amgaang d'Police ze ruffen, fir een ofschleefen ze loossen.

Mee et ass vivre et laisser vivre. Dofir géif ech den neie Schäffen ermutegen, senge Gesellen dat mat op de Wee ze ginn.

Eppes anescht, wat mer elo e puermol opgefall ass, dat ass déi Zäiten an déi Joren, wou mer de Leit Parking handicapé zougestanen hunn. Menger Meenung no misst dat all Joer oder all zwee Joer kontrolléiert ginn. Well do si ganz, ganz vill Leit, déi et net méi gëtt. Wou de Parking nach ëmmer virun der Dier ass. An d'Leit näischt soen, well se vum Parking privé virun der Dier profitéieren.

Do misst ee vläicht vun Zäit zu Zäit e Remembrement maachen, wien do nach e Parking brauch a wien en net méi brauch. An dann eventuell ewechhuelen. Well et wär net fair par rapport zu den Noperen, déi an deene Quartiere wunnen.

Ech soen Iech Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Da komme mer zur Ofstëmmung.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.*

Ech soen Iech villmools Merci. De Punkt 7 iwwersprange mer. Dee beaarbechte mer an engem nächste Conseil.

Da si mer beim Punkt 8, Changementer an de Kommissiounen. Do sinn e puer Matdeelunge komm. Eng vun de Matdeelungen ass, dass an der Loyerskommissioun den Här Jean-Pierre Flammang den Här Jos Glauden fir d'DP um Poste vum Proprietär ersetzt.

Bei déi Lénk si méi Ännerungen: An der Commission des bâtisses, der Bautekommissioun, gëtt den Här Weirich duerch de Packo Gualandris ersat. An der Kannerkommissioun gëtt den Här Diderich duerch den Här Pedro Mota Mesquita ersat. An der Commission des festivités gëtt den Här Kayser duerch den Här Pedro Mota Mesquita ersat. An der Commission d'animation culturelle gëtt den Här Georges Holbach duerch d'Madamm Anina Valle Thiele ersat. An an der Schoulkommis-

sioun gëtt d'Madamm Eliane Colbach duerch d'Madamm Fio Spada ersat.

Bei deene Grénge gëtt d'Madamm Gloria Dias Tavares duerch den Här Ammari Hedi an der Integratiounskommissioun ersat. Den Här Paulo De Sousa gëtt duerch d'Madamm Manon Schütz an der Logementskommissioun ersat. An den Här Paulo De Sousa gëtt duerch den Här Patrick Salvi als President an der Logementskommissioun ersat. An den Här Paulo De Sousa gëtt duerch den Här Naim Bouhraoua an der Finanzkommissioun ersat.

Ass dat richteg? Sinn dat se all? Okay.

*Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les changements au sein des commissions consultatives.*

Da wollt ech Iech nach soen: All Member vum Gemengerot hat de Moien op senger Plaz en Heftche fonnt iwwert d'Assemblée générale vum CIGL Déifferdeng vum 28. Mäerz 2022. Wollt ech Iech just matdeelen.

Domat si mer bei de Froen. Et sinn der erakomm vum Här Bertinelli a vum Här Weirich. Här Bertinelli, wannechgelift.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

Madamm Buergermeeschtesch, déi éischt Fro ass zu Ärer Kommunikatioun, déi Der gemaach hutt iwwert den Hotel, also de Karro an der Groussstrooss. En heescht jo elo esou. Et geet ëm d'Finanzement. Deelweis hutt Der se beäntwert an Ärer Kommunikatioun, datt Der déi Aarbechten, déi do gemaach gi sinn an deem Hotel, domadder bezuelt hutt. Mee duerno hutt Der gesot, datt dat héchstwarscheinlech nach misst an de Gemengerot kommen, datt et do vläicht nach net duergéing.

Meng Fro ass, wie fir déi ganz Schied, déi an deem Gebai gemaach gi sinn, opkënnt. Oder ass et d'Gemeng, déi dat bezilt? Well dat net duerch de Gemengerot gaangen ass. Wat jo normal gewiescht wier fir déi Aarbechten. Ech hunn do d'Vitess verstanen, déi Der hutt mussen huelen, fir datt et schnell virugeet.

A mir wollten och wëssen, ongeféier wéi vill Stonnen eis Aarbechter do geschafft hunn a wéi vill dat Ganzt kascht. Dat zu där éischter Kommunikatioun, déi Der gesot hutt.

Meng zweet Fro geet ëm eng russesch Firma am Haneboesch. Dat war e Konsortium zwësche Russen an Israel. Do wollte mer froen: Ass dat elo blockéiert? Schaffen déi net méi weider? Gëtt do net méi weider gebaut? Kënnt déi Firma nach? Kënnt se net? Ech wollt froen, ob de Schäfferot doriwwer eng Informatioun hätt, déi en dem Gemengerot kéint weiderginn, ob et do virugeet oder ob dat gestoppt ass de Moment. Well duerch de Krich d'Russen iwwerall Sanktiounen hunn, ob dat do virugeet oder ob dat net virugeet.

An eng kleng Ajoute dobäi, déi muss ech maachen, soss ginn ech zu Uewerkuer doutgeschloen: Ech wollt froen, wéi et ass mam Bankomat. Wéini mer e Bankomat op Uewerkuer kréien.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Bertinelli. Zwou Äntwerte verweisen ech op den Här Krecké. Dat ass déi éischt an déi lescht. Hien huet Iech schonn eng Kéier drop geäntwert.

Wat déi Firma am Haneboesch ugeet, Oxial, fir se net ze nennen, do hu mer bis dato guer keng Informatiounen, wat do leeft a wéi et do leeft. Mee soubal mer se kréien, gitt Der natierlech um Lafende gehalen.

**FRED BERTINELLI (LSAP):**

A mam Bankomat? Dat froen ech soulaang, bis een do steet.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Ech ginn d'Fro direkt weider un den Här Krecké.

*Dans la commission scolaire, madame Éliane Colbach est remplacée par madame Fio Spada.*
*Pour les écologistes, madame Gloria Dias Tavares est remplacée par monsieur Ammari Hedi dans la commission de l'intégration. Monsieur De Sousa est remplacé par madame Manon Schütz dans la commission du logement. Monsieur Patrick Salvi devient président de cette commission. Monsieur Naim Bouhraoua remplace monsieur De Sousa dans la commission des finances.*
*(Vote)*
*Christiane Brassel-Rausch signale que les conseillers communaux ont reçu un cahier concernant l'assemblée générale du CIGL Differdange du 28 mars 2022.*
*Elle passe aux questions.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *a une question concernant le Karro dans la Grand-rue. La bourgmestre a expliqué tout à l'heure que les travaux dans l'hôtel ont été payés, mais que des crédits supplémentaires pourraient être soumis au conseil communal.*
*Fred Bertinelli voudrait savoir qui est responsable des dommages. La commune va-t-elle tout payer ? Car le devis n'a pas été approuvé par le conseil communal même si Fred Bertinelli comprend l'urgence de la situation.*
*Les socialistes demandent également combien d'heures ont été prestées et combien les travaux ont couté.*
*Fred Bertinelli rappelle qu'une entreprise russo-israélienne devait ouvrir au Haneboesch. Les travaux se poursuivent-ils ? Le conseiller communal fait référence aux sanctions contre les Russes.*
*Il demande enfin quand un bancomat va être installé à Oberkorn.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *n'a aucune information concernant Oxial. Dès qu'elle en aura, elle informera le conseil communal.*

**FRED BERTINELLI (LSAP)** *revient sur le bancomat.*

**GEMENGESEKRETÄR HENRI KRECKÉ:**

Mir haten iwwer eisen Ekonomist op der Bankelandschaft, virun allem déi Banken, déi um Territoire vun Déifferdeng agéieren, schonn eemol en Opruff gemaach – net an offizieller Form. Mee ech mengen, mir sollten dat dann nach verdéiwen. Well de fréiere Partner, wann ech esou ka soen, d'Spuerkeess huet eis jo eigentlech hiren Desinteressi elo méi wéi offenkundegt. Ech war mat hirem responsabele Reseau d'lescht Joer am Summer oder virlescht Joer – d'Zäit flitt – op der Plaz.

Ech hunn em déi logistesch Méiglechkeete gewisen, déi mer hätten uewe beim Parkhaus. Wou och méi Flux ass, wou en net esou verstoppt wär. Si sinn net méi drop zréckkomm. An do hunn ech de Max Felten ugestallt gehat, mat de Banken, mat de Geranten hei um Terrain ze kucken. Ech huelen dat gär nach eng Kéier mat. Ech sinn och do dobäi. Also mir kucken. Och wann et dann eng aner Partnerbank ass, dann ass et eng aner. Mee et géif effektiv scho Sënn maachen. Ech huelen dat nach eng Kéier mat.

Déi aner Fro, dat ass e wéineg méi eng delikat Saach, wou een och elo net kann an den Detail ëffentlech schwelgen. Bei der PJ leeft nach ëmmer d'Enquête betreffend dee Sachschaden, deen am fréieren, elo däerf ech den Numm jo soen, am fréiere Gulliver Tower entstanen ass un de premiers Équipements an un de Reseauen. Déi Enquête leeft nach. Leider kënne mir eis net an déi Enquête abréngen, well mir déi Zäit keng Partei zur Saach waren.

Mir hunn als Stad Déifferdeng uganks dëses Joers d'Gebai en l'état tel quel, wéi mer et elo kritt hunn, kaf. Mir kënnen elo a posteriori net nach eng Partei zu deem Sachschaden ginn, dat ass eng Saach tëschent dem fréiere Proprietär an dem Exploitant Hôtelier, wou iergendwann eng Kéier eng Klärung muss stattfannen. Mir hunn awer bei eisem Jurist nogefrot, wéi mer eis dann do kéinte verhalen.

Mir kënnen eng Form vun Ofkommes mam Proprietär nach a posteriori fannen, wou mir elo Suen dragestach hunn. Mir hunn d'elektresch Reseaue fit gemaach, mir hu mat eisen ATIe véier Tonnen Holz op de Recycling gefouert an an an. Dat gëtt herno ganz kloer, an dat wäert och dem Gemengerot virgeluecht ginn, eng analytesch Käschtenopdeelung vun de Saachen, wou mer hu musse rattrapéiere goen. Wéi mer et herno kënnen opfänken, ass, wéi gesot, nach ze klären.

Wat awer scho gekläert ass mam Logementsministère: Si wësse Bescheed, wat mer maachen. All déi Rechnungen, déi elo entstinn, souwäit se herno kënnen an d'Konventioun komme vun engem Logement abordable, also do zoulässeg sinn, gi se matgeholl.

Et ass net, dass mer da gesot kréien, mir hätten am Februar/Mäerz Rechnunge gehat an nach keng Konventioun gehat. Dat ass scho mat de ministerielle Responsabele gekläert, dass déi Aarbechten, déi mer elo scho maachen am Virfeld, wou mer herno ee Logement abordable dran hunn, dass déi och herno opposabel si fir Subsid. Dat ass gekläert.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Merci, Här Krecké. Här Weirich, wannechgelift.

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK):**

Merci, Madamm Buergermeeschtesch. Ech wollt wëssen, wéini ech Äntwerte kréien op déi Froen, déi ech am leschte Gemengerot gestallt hat iwwert d'Bauland, wat eis als Stad Déifferdeng gehéiert. Merci.

**BUERGERMEESCHTESCH CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):**

Mir kucken dat no. Ech weess, dass et an eise Servicer war. Firwat Der bis elo nach keng Äntwert kritt hutt, weess ech net. Mee den Här De Sousa hëlt dat mat an d'Servicer. Mir hunn es net méi ganz vill, dofir weess ech, dass mer driwwer geschwat hunn. Den Här Paulo De Sousa kuckt no. Heimat géif ech déi ëffentlech Sëtzung schléissen an déi netëffentlech opmaachen. Villmools merci. Iech all e schéinen Dag!

**HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)** *réplique que l'économiste de la commune a discuté avec les banques actives à Differdange. La BCEE ne souhaite plus avoir un bancomat à cet endroit. L'année dernière, Henri Krecké s'était même rendu sur place avec un des responsables de la banque pour lui montrer le potentiel du site.*
*Monsieur Felten a pris contact avec les autres banques. Henri Krecké ne lâche pas le morceau et espère qu'une autre banque se montrera intéressée.*
*Pour ce qui est de l'autre question, elle est délicate. La police judiciaire enquête quant aux dommages causés à l'équipement premier et au réseau de l'ancien hôtel Gulliver. La commune ne peut pas intervenir dans cette enquête. Elle a acheté le bâtiment en début d'année dans l'état où il se trouve. Elle n'est donc pas concernée directement par l'affaire.*
*Le juriste de la commune propose de trouver un accord avec le propriétaire. La commune a remis en état les réseaux électriques, a conduit quatre tonnes de bois au centre de recyclage… Le conseil communal sera informé des frais totaux quand cela sera possible.*
*Le ministère du Logement est au courant des travaux. Si la commune décide de créer du logement abordable, les factures seront prises en compte dans le calcul du subside.*

**ERIC WEIRICH (DÉI LÉNK)** *demande quand il aura des réponses aux questions qu'il a posées la dernière fois concernant le terrain constructible appartenant à la Ville de Differdange.*

**CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)** *sait que les services communaux travaillent dessus. Monsieur De Sousa vérifiera.*
*Elle clôture la séance publique.*




nopeschfest.lu Follow us

Association Luxembourgeoise des Solidarités de Proximité a.s.b.l.

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, de l'Intégration et à la Grande Région

SYVICOL
Syndicat des Villes et Communes Luxembourgeoises



# FESTIVAL DES CULTURES

**Samedi 20.5.23** 12 h-22 h – **Dimanche 21.5.23** 12 h-21 h

Place du Marché / 12 h-22 h / Musique et gastronomie

Zone piétonne / 12 h-19 h / Animations familiales

Ville de Differdange

wok